n°2/ 2026














# Gemengeninfo

Rapport du conseil communal
du 23.3.2026

#maville

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# Composition du conseil communal



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Loullingen,
conseillère LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Diogo Costa,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: R. Schmit / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°2/2026 - Parution: mai 2026 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# Sommaire


Rapport sommaire en français 5

**1. Correspondance** **7**

**2. Circulation** **7**
Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation – rue des Fleurs

**3. Finances** **8**
3.1. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de marquage d'identification au sol de pistes cyclables
3.2. Approbation du devis remanié relatif à la construction de nouvelles installations pour les besoins des services de gestion et de maintien du patrimoine
3.3. Approbation d'un contrat de bail de sous-location avec la société Wild Shops s.àr.l. de Luxembourg au sujet de la location d'un local à usage commercial sis au 38, avenue Grande-Duchesse Charlotte
3.4. Approbation du 2e avenant à la convention entre l'ONA, l'Hôtel-Restaurant Cottage et la Ville de Dudelange relative à la mise à disposition d'une structure pour l'hébergement provisoire de bénéficiaires de protection temporaire
3.5. Emprises – Approbation d'actes de vente
3.5.1. État du Luxembourg – route de Zoufftgen
3.5.2. Madame Claudine Weber – rue Schiller
3.5.3. Madame Lynn Biever – rue Norbert Metz
3.5.4. Monsieur Joseph Raus – route de Boudersberg
3.5.5. Époux Thines-Berchem – rue Ribeschpont
3.6. Approbation du rôle supplétif de la taxe sur les chiens de l'exercice 2025
3.7. Approbation du rôle principal de la taxe sur les chiens de l'exercice 2026
3.8. Approbation de décomptes
3.9. Adaptation de l'allocation compensatoire pour taxes communales, de l'allocation communale d'énergie et introduction d'une allocation financière pour personnes âgées

**4. Office social** **27**
Approbation du décompte annuel de l'Office social de l'exercice 2024

**5. Règlement d'ordre intérieur du conseil communal** **28**
Approbation des modifications à apporter au règlement d'ordre intérieur du conseil communal

**6. Commissions consultatives** **32**
Approbation des modifications à apporter à la composition des commissions consultatives

**7. Personnel** **32**
7.1. Création de 5 postes d'employés communaux à tâche complète, relevant du groupe de traitement B1, éducatif et psycho-social (service éducation et accueil)
7.2. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant du groupe de traitement A2, éducatif et psycho-social (service éducation et accueil)
7.3. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant du groupe de traitement A2, éducatif et psycho-social (santé scolaire)
7.4. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant du groupe de traitement B1, administratif (service éducation et accueil)

**8. Questions au collège des bourgmestre et échevins** **34**

# Rapport sommaire

**Présents** : Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Semiray Ahmedova ; Messieurs Walter Berettini, Diogo Costa ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp (à l'exception du point numéro 3.1 de l'ordre du jour), Martine Loullingen ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen ; Madame Carole Thoma, conseillers. Messieurs Patrick Bausch, secrétaire communal et Yves Goergen, secrétaire communal adjoint.

**1 – Correspondance**

Monsieur Loris Spina, échevin ayant le sport dans son ressort, informe le conseil communal sur les raisons de la fermeture temporaire de la piscine couverte. Ainsi, le conseil communal prend acte qu'un incident est survenu le 16 mars 2026 à la piscine couverte, consistant en la chute d'un luminaire, sans faire de blessé. Par mesure préventive, l'infrastructure a été immédiatement fermée et sécurisée. Les premières analyses, réalisées par un organisme de contrôle agréé, indiquent une dégradation matérielle liée à l'humidité et au chlore, sans anomalie apparente au niveau du faux plafond ou de la ventilation. Des investigations complémentaires restent en cours. Compte tenu du démontage des luminaires et des conditions d'éclairage insuffisantes, la réouverture ne peut être envisagée à ce stade. Le collège des bourgmestre et échevins a dès lors décidé de maintenir la fermeture temporaire, tout en étudiant l'anticipation des travaux de remplacement de l'éclairage. La situation est suivie de près et les usagers ainsi que les établissements concernés ont été informés.

Monsieur le bourgmestre informe le conseil communal qu'à la suite de la clôture provisoire du compte de l'exercice budgétaire 2025, une séance informelle sera organisée afin de permettre au conseil communal de suivre l'état d'avancement des différents projets en cours de réalisation.

**2 – Circulation**

Le conseil communal confirme à l'unanimité un règlement d'urgence temporaire de la circulation concernant la rue des Fleurs. Ce règlement avait été pris le 2 mars 2026 par le collège des bourgmestre et échevins afin de permettre le déploiement de la fibre optique, des travaux nécessitant des mesures immédiates en raison de leur impact sur la circulation et de l'urgence du chantier. À partir du 9 mars 2026 à 7 heures, et pour toute la durée des travaux, la circulation est adaptée sur le tronçon concerné, avec notamment une route barrée et des interdictions de tourner à certaines hauteurs. Ces mesures visent à garantir la sécurité des usagers de la route et des piétons ainsi que le bon déroulement du chantier.

**3 – Finances**

Toutes les décisions suivantes en relation avec les finances communales sont adoptées à l'unanimité par le conseil communal :

3.1 approbation du devis estimatif relatif aux travaux de marquage d'identification au sol de pistes cyclables. Le devis estimatif a été établi par le service circulation au montant de 100'000,- € TTC et concerne les travaux de marquage d'identification au sol de pistes cyclables. Ces travaux visent à renforcer la visibilité des pistes cyclables à contresens dans les zones 30 au moyen d'un marquage de surface rouge, complété par des pictogrammes vélos et un marquage linéaire blanc discontinu, afin d'améliorer la lisibilité du trafic et la sécurité des cyclistes. Les crédits nécessaires sont prévus au budget extraordinaire 2026 ;

3.2 approbation du devis remanié relatif à la construction de nouvelles installations pour les besoins des services de gestion et de maintien du patrimoine. Le devis remanié prévoit un montant de 27'665'889,68- € TTC relatif à la construction de nouvelles installations destinées aux services Gestion et Maintien du Patrimoine (GMP). Ce devis remplace celui approuvé en 2021 et tient compte principalement de l'augmentation de l'indice de la construction et de divers ajustements techniques et réglementaires intervenus depuis lors. L'écart financier constaté s'élève à 2'710'637,64- € TTC, les crédits afférents étant inscrits au budget extraordinaire 2026. La délibération est soumise à l'approbation du Ministre des Affaires intérieures ;

3.3 approbation d'un contrat de bail de sous-location avec la société Wild Shops s.à r.l. de Luxembourg au sujet de la location d'un local à usage commercial sis au 38, avenue Grande-Duchesse Charlotte. Le contrat de bail commercial de sous-location est conclu avec la société Wild Shops S.à r.l. et porte sur un local commercial sis 38, avenue Grande-Duchesse Charlotte. Le bail concerne une surface commerciale d'environ 103 m² ainsi qu'une cave de dépôt d'environ 60 m², pour l'exploitation d'un magasin sous l'enseigne « Rebounce », spécialisé dans la vente d'articles de mode et d'accessoires. Le contrat est conclu pour une durée d'un an à compter du 1er mars 2026, moyennant un loyer mensuel de 1'200,- €.

3.4 approbation du 2e avenant à la convention entre l'ONA, l'Hôtel-Restaurant Cottage et la Ville de Dudelange relative à la mise à disposition d'une structure pour l'hébergement provisoire de bénéficiaires de protection temporaire. Le 2e avenant du 22 février 2026 à la convention « SHPT Dudelange 10 » concerne la mise à disposition de locaux dans le Logis Hôtel-Restaurant Cottage pour l'hébergement provisoire de bénéficiaires de protection temporaire. L'avenant prévoit la prolongation de la convention jusqu'au 31 mars 2027, avec une mise à disposition d'une surface de 281,16 m² et une participation mensuelle de la Ville de 3'000,- € aux frais d'hébergement. Les crédits correspondants sont prévus au budget 2026 et devront être réservés au budget 2027 pour la durée restante de la convention ;

3.5 approbation des actes de vente suivants relatifs à l'acquisition d'emprises : l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg, terrains sis route de Zoufftgen ; Madame Claudine Weber, terrains sis rue Schiller ; Madame Lynn Biever, terrains sis rue Norbert Metz ; Monsieur Joseph Raus, terrains sis route de Boudersberg ; époux Thines-Berchem, terrains sis rue Ribeschpont. Les parcelles concernent des emprises nécessaires à la voirie publique. Chaque acquisition est justifiée par l'intérêt public et a fait l'objet d'une procédure commodo/incommodo sans réclamation ;

3.6 approbation du rôle supplétif de la taxe sur les chiens de l'exercice 2025 s'élevant au montant de 1'925,- €, ce qui équivaut à 55 chiens soumis à une taxe individuelle de 35,- € ;

3.7. approbation du rôle supplétif de la taxe sur les chiens de l'exercice 2025 s'élevant au montant de 51'625,- €, ce qui équivaut à 1'475 chiens soumis à une taxe individuelle de 35,- € ;

3.8 approbation des décomptes suivants :
Service garage mécanique, acquisition d'une équilibreuse de roues 12'852,22- €, Service menuiserie, acquisition d'un dépoussiéreur industriel avec presse à briquette 36'388,00- €, Service menuiserie, acquisition d'une raboteuse 31'691,00- €, Service menuiserie (Projet « Holz aus eise Bëscher »), acquisition d'une scie à bande et accessoires 79'951,28- €, Service espaces verts, acquisition d'une tondeuse professionnelle 54'980,00- €, Camionnette électrique, GMP, conciergerie 33'135,27- €, Balayeuse, service travaux généraux-voirie 228'680,36- €, Camion avec plateforme élévatrice, service travaux généraux 101'836,80- €, Camionnette, GMP, service serrurerie 28'272,56- €, Camionnette, GMP, service électrique 32'191,26- €, Camionnette, GMP, service gaz et eau 33'768,23- €, Camionnette, GMP, service espaces verts 33'610,26- €, Camionnette, GMP, service espaces verts (équipe polyvalente) 34'601,71- €, Camionnette, GMP, service conciergerie 24'001,58- €, Voiture de service électrique, GMP, service technique du bâtiment 33'069,28- €, GMP, service menuiserie, acquisition d'un centre d'usinage numérique 204'972,00- €, Camionnette, GMP, service menuiserie 24'244,00- €, Voiture de service, GMP, service espaces verts 33'323,68- €, Camionnette, GMP, service voirie – circulation 50'214,92- €, Camionnette, GMP, service voirie – circulation 44'000,00- €, Camionnette, GMP, service peinture et maçonnerie 46'200,00- €, Voiture utilitaire électrique, GMP, service espaces verts 37'704,04- €, Voiture utilitaire, GMP, service serrurerie 41'031,72- €, Camionnette, gaz et eau 45'557,96- €, Voiture utilitaire, gaz et eau 33'268,66- €, Minibus, service éducation et accueil 35'000,00- €, GMP, service serrurerie, acquisition d'une machine de découpe plasma 78'260,00- €, GMP, service menuiserie, acquisition d'une presse à cadre 39'479,00- €, Camionnette, GMP, travaux généraux 72'854,73- €, Camionnette, conciergerie 45'109,35- €, Camionnette, service espaces verts 58'375,67- €, Camionnette, service espaces verts 60'193,85- €, Camionnette, service espaces verts 54'760,37- €, Camionnette, service gaz et eau 41'930,46- €, Voiture de service électrique, GMP, ateliers communaux 45'109,35- €, Camionnette électrique, GMP, conciergerie 68'163,03- €.

3.9 adaptation de l'allocation compensatoire pour taxes communales, de l'allocation communale d'énergie et introduction d'une allocation financière pour personnes âgées. Le conseil communal adopte un nouveau règlement relatif à l'allocation pour la vie chère, visant à renforcer le soutien aux ménages à faible revenu domiciliés à Dudelange. Ce dispositif remplace et regroupe les aides communales existantes en une mesure unique, appelée « allocation compensatoire », tout en élargissant le cercle des bénéficiaires et les types d'aides accordées. Concrètement, la Ville accorde désormais un complément correspondant à 50 % de l'allocation de vie chère, ainsi que 25 % des aides énergétiques (prime énergie et prime énergie réduite) et de l'aide financière pour personnes âgées versées par le Fonds national de solidarité. Une prime unique de 100 euros par élève de l'enseignement postprimaire est également prévue pour les ménages concernés. Dans un souci de simplification administrative, ces aides seront attribuées automatiquement sur base des données du Fonds national de solidarité.

**4 – Office social**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le décompte annuel de l'Office social de l'exercice 2024.

**5 – Règlement d'ordre intérieur du conseil communal**

Le règlement d'ordre intérieur du conseil communal a été approuvé en date du 16 mars 2018 et le conseil communal y a apporté des modifications par sa décision du 13 juin 2025. Comme suite et en exécution de la décision du 17 septembre 2025 de Monsieur le Ministre des Affaires intérieures, portant annulation de certaines dispositions du règlement d'ordre intérieur du conseil communal de la Ville de Dudelange, tel que modifié par la décision précitée du 13 juin 2025, le conseil communal est saisi en vue de redresser certaines dispositions dudit règlement. Les remarques portent principalement sur la conformité de certaines dispositions avec la loi communale modifiée du 13 décembre 1988. Plusieurs articles ont ainsi été annulés, notamment en matière de convocation des conseillers, de droit d'initiative, d'organisation des débats, de traitement des questions, de fixation des jetons de présence, de compétences des commissions consultatives et des modalités de vote. Le Ministre a également relevé le caractère superfétatoire ou inadapté de certaines dispositions reprenant ou dépassant le cadre légal, et a formulé des recommandations visant à garantir le respect des compétences respectives du conseil communal et du collège des bourgmestre et échevins, ainsi que du principe de représentation proportionnelle. Suite à ces observations, le conseil communal adopte à l'unanimité une version adaptée du règlement d'ordre intérieur, intégrant l'ensemble des remarques ministérielles et assurant ainsi sa pleine conformité avec la législation en vigueur.

**6 – Commissions communales**

Le conseil communal approuve à l'unanimité les changements suivants dans la composition des différentes commissions communales : Monsieur Tiago Flores remplace Monsieur Alberto Mariani comme membre de la Commission de l'égalité des chances et de la non-discrimination ;
Madame Isabelle Basile-Karger remplace Madame Coumba Ndiaye comme membre de la Commission du jumelage et du tourisme ; Monsieur Laurent Giacomini remplace Monsieur Paulo Guedes Alves comme membre de la Com-

mission du vivre ensemble interculturel ; Madame Monique Biren-Kettel remplace Madame Nancy Weber-Weyland comme membre de la Commission scolaire.

**7 – Personnel**

Département administratif – Service Éducation et Accueil / Service Santé scolaire: Les décisions concernent la création de plusieurs postes au sein des services communaux afin de répondre à l'augmentation des besoins en personnel et à l'évolution des missions dans les domaines de l'éducation, de l'accueil et de la santé scolaire. Dans ce contexte, le conseil communal décide, à l'unanimité, de créer cinq postes d'employés communaux à tâche complète dans la fonction d'éducateur diplômé (catégorie B, groupe B1, sous-groupe éducatif et psycho-social), ainsi qu'un poste d'employé communal à tâche complète dans la fonction d'éducateur gradué (catégorie A, groupe A2), pour les besoins du service éducation et accueil. Ces créations visent notamment à garantir la surveillance et l'accompagnement des enfants, à soutenir une pédagogie inclusive et à faire face à l'augmentation du nombre d'enfants, d'infrastructures et de charges de travail, tout en tenant compte des difficultés de recrutement inhérentes au statut de fonctionnaire communal. Par ailleurs, le conseil communal approuve la création d'un poste d'employé communal à tâche complète dans la fonction de coordinateur santé scolaire (catégorie A, groupe A2, sous-groupe éducatif et psycho-social), en vue de la mise en oeuvre du plan local santé de la Ville de Dudelange. Enfin, afin de répondre à l'augmentation continue des tâches administratives liées à l'accueil des enfants, au suivi des dossiers et à la coordination avec les familles et partenaires, le conseil communal décide la création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète dans la catégorie de traitement B, groupe B1, sous-groupe administratif, pour le service éducation et accueil. L'ensemble de ces délibérations est soumis au régime de transmission obligatoire au Ministre des Affaires intérieures et des ampliations ont été adressées aux services concernés pour suivi et information.

**8 – Questions au collège des bourgmestre et échevins**

Une question a été soumises au collège des bourgmestre et échevins par la fraction Déi Gréng et concerne la station de lavage pour vélos. Le conseil communal prend acte que, conformément à la loi communale, le collège des bourgmestre et échevins répondra par écrit à la question posée dans le mois suivant leur réception. La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

Des décisions relatives au personnel de l'Office social et de l'administration communale sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos. Fin de la séance vers 17.05 heures. •

# Gemengerotssëtzung vum 23. Mäerz 2026



## 1. Korrespondenz

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Gäscht, déi och zu deene verschiddene Punkten, déi mer haut um Ordre du jour hunn, nach wäerte bäistoussen. e schéine gudde  Mëtteg an häerzlech wëllkomm hei an eisem Gemengerot vun de Mëtten. Mir hunn eng Rei Punkten, effektiv, mat deene mer och de Gemengerot hei befaassen. Éier mer awer dans le vif du sujet aginn, fänke mer klassescherweis mam Punkt „Korrespondenz" un. Mir kënnen awer och hei festhalen, dass de Gemengerot a senger Kompositioun, wéi gesot, komplett ass, an hei mam Punkt Kommunikatioun, Korrespondenz, géif ech dem Loris Spina d'Wuert ginn.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech wollt Iech awer net virenthalen, dass mer de leschte 16. Mäerz en Incident an der zouener Schwämm haten. Zu deem Zäitpunkt waren och Leit dobannen. awer do, wou den Incident stattfonnt huet, an där Zon war, soen ech emol, keen. Et ass eng Luucht, déi sech vum Plaffong geléist huet an déi dann do op de Buedem gefall ass. Natierlech hunn eis Leit dunn direkt reagéiert an d'Schwämm gouf evakuéiert an eeben och déi ganz Zon securiséiert. Dat hu mer dann och gemellt bei eisem Sécherheetsbeoptraagte vun der Stad Diddeleng, deen dann och direkt op d'Plaz komm ass, fir dann erauszefannen, dass et effektiv eng Chute vun enger Luucht war, wou um Material Korrosiounsproblemer mat der Schrauf waren, e Fixatiounsproblem um falsche Plaffong oder méi genau hannert dem falsche Plaffong.

De Rescht vun de Luuchten ass natierlech direkt kontrolléiert ginn, souwéi och d'Haut-parleuren, déi an der Schwämm un de Maueren hänken. An et ass eeben de Risk probéiert ageschat ze ginn, wéi et da mam falsche Plaffong ausgesäit.  Mir hunn och do direkt Kontakt opgeholl mat enger, mat der Firma ELCO S.A., déi dann och den Dënschden op d'Plaz komm ass, fir déi Saachen nach weider ze kontrolléieren. An och SECULUX S.A. huet eng Expertise technique direkt op der Plaz gemaach a mir hunn och déi verschidden Utilisateure missen informéieren, dass d'Schwämm eeben zougemaach ginn ass, aus technescher Ursaach.

Natierlech waren dat d'Schoulen, d'Veräiner an awer och de Grand public. Mir ginn dovunner aus, dass mer no der Ouschtervakanz erëm kënnen opmaachen, dat ass emol dee leschte Stand, wéi eis Servicer elo aktuell dru sinn. Et ass alles direkt erofgeholl ginn, fir dass net nach en änlechen Incident sech produzéiert. An de Lieu ass eeben, wéi gesot, securiséiert ginn a mir waarden dann och elo op déi verschidde Rapporten, fir ze kucken, wat een do kann zréckbehalen, wat een aus dëser Situatioun ka, ka léieren.

Ech mengen dat war elo awer wichteg, fir dass de Gemengerot och doriwwer informéiert ass, well et awer warscheinlech ass datt et d'Theema dobaussen ass an dovunner geschwat ginn ass oder Dir drop ugeschwat gitt, da wësst Dir, dass näischt geschitt ass, dass alles direkt securiséiert ginn ass an dass d'Ursaach eeben d'Korrosioun war vun där Schrauf, déi am Plaffong war, déi eeben duerch de Milieu, an deem mer do sinn, Schwämm a Chlor, do huet dat sech eeben esou delabréiert, dass d'Schrauf net méi gehalen huet. Dat war net virauszegesinn an deementspriechend hu mer dat Ganzt misse sécheren an alles erofhuelen. An no der Ouschtervakanz, wéi gesot, geet et erëm weider.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, dem Loris Spina och nach fir déi doten Informatiounen a mir wäerten natierlech och do iwwer de weidere Verlaf de Gemengerot, wéi och de Public, au courant halen. Si soss nach Punkten ënnert Korrespondenz, Kommunikatioun? Ech mengen net, da kënne mer op den zweete Punkt iwwergoen.

## 2. Verkéiersreglementer

**Confirmatioun vun engem temporären Drénglechkeetsreglement – Rue des Fleurs**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, gudde Mëtteg och vu mir. Dir wësst, datt d'Post amgaangen ass a ganz Diddeleng Fiberglas ze leeën, Glasfaserleitungen, besser gesot dann, well mer méi dacks och heiriwwer diskutéieren, an elo si se grad amgaangen, an der Rue des Fleurs dat ze maachen, méi genau an der Sakgaass tëschent der Rue des Fleurs an der Rue de la Libération. Fir datt den Entreprener sécher an awer virun allem och schnell ka schaffen, muss d'Strooss den Dag iwwer vun 8.00 bis 16.30 Auer komplett gespaart ginn, mat Ofbéiverbuet. Owes kommen natierlech wéi ëmmer d'Awunnerinnen an d'Awunner bei hir Haiser bäi.

D'Aarbechten hunn den 9. Mäerz ugefaangen an dauere viraussiichtlech nach bis den 31. Mäerz, well mer déi Informatioun awer eréischt spéit kritt hunn, nämlech de 27. Februar, vum Entrepreneur a vun der Post hu mer missen als Schäfferot, wéi mer dat esou dacks hei maachen, e Règlement d'urgence huelen. A mir bieden Iech dat elo ze confirméieren, fir dass d'Entreprise do och ka weiderschaffen. Ech mengen elo net, datt dat heite Verkéiersreglement



zu gréisseren Diskussioune féiert, mee wann awer, dann ass de Pit Demuth vum Service Circulation natierlech hei bei eis. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, fir déi doten Erklärungen. Si Remarken oder Froen dozou? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Dat heescht, dat war d'Claudia Dall'Agnol kloer genuch. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem Reglement averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci.

# 3. Gemengefinanzen

### 3.1. Approbatioun vum Devis fir d'Marquageaarbechte fir d'Kennzeechnung vu Vëlosweeër um Buedem

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, et wier dann nach eng Kéier u mir. Am Summer d'lescht Joer, also 2025, huet d'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Bauten déi éischt Vëlospiste mat roudem Belag ageweit. An d'Erklärung deemools vun der Ministesch, déi se bei der Aweiung direkt matginn huet, déi zitéieren ech elo: „Les pistes cyclables, revêtues d'un tapis rouge, offrent plusieurs avantages, dont notamment une amélioration de la sécurité des cyclistes grâce à cette distinction unique par rapport aux autres voies de circulation. De fait, cette coloration spécifique renforce ainsi d'une part l'identité de la piste cyclable en la démarquant clairement des autres parties de la voirie destinée aux piétons et au trafic motorisé et améliore d'autre part sa perception générale en la rendant plus visible par tous les temps. Par ailleurs, ces pistes ont vocation à inciter les cyclistes à davantage les utiliser et à promouvoir une meilleure cohabitation avec les autres usagers et usagères de la route." Enn vum Zitat.

An ech mengen, do huet se eigentlech alles scho gesot an ech brauch dat dann och net ze widderhuelen. D'Stad Diddeleng huet op ganz ville Plaze Vëlosweeër oder Voie-suggestiven, wou de Vëlo ka fueren. An de Joren 2022 a bis 2026 eigentlech hu mer ganz dacks heidriwwer geschwat an dëse Gemengerot huet och de Contre-sens fir d'Vëloen an den Einbane vun den 30er-Zone gestëmmt. Fir elo eis Vëlosweeër dann nach méi sécher a méi attraktiv ze maachen, hu mer e Budget, an dësem Budget 2026 u sech, eng éischt Zomm vun 100.000 Euro virgesinn, fir de roude Marquage bei de Vëlosweeër eebe virzegesinn a mat deenen 100.000 Euro soll een Deel vum Contre-sens Vëlosweeër an den Einbanen dann och gekennzeechent ginn.

Et ass en Ufank, dofir sot ech, et ass och en éischte Budget a wann et gutt bei de Leit ukënnt, da wäerten dës Marquagen natierlech erweidert ginn. Déi éischt Stroossen, wou de Marquage soll hikommen, dat si follgend. D'Rue Lenz zwëschent der Rue Edison an der Rue Mathias Cungs, d'Rue de l'Étang zwëschent der Plaz Am Duerf an der Rue Jean Wolter, an der Rue du Stade John F. Kennedy, zwëschent der Rue Pierre Krier an der Rue Alexandre Flemming, an der Rue du Commerce, dat zwëschent dem Schwaarze Wee an der Rue de la Libération, an der Rue de la Rivière zwëschent der Rue Auguste Liesch an der Rue de la Libération, an der Rue Marthe-Bigelbach-Fohrmann, dat zwëschent dem Kräizbierg an der Rue Marie Carmes-Heffenisch.

Voilà, mir maachen dës Aarbechten net selwer an dofir musse mer dann natierlech en Devis haut stëmmen, fir datt eng Entreprise och kann déi Aarbechte maachen. Deen Devis ass opgestallt ginn. Wéi gesot, Dir hutt den och virleien an Dir hat en an Ären Dokumenter leien, vun 100.000 Euro. Fir all weider Froen elo zum Sujet, ass de Pit Demuth hei, well ech muss de Micael Da Silva aus familiäre Grënn fir de Mëtten entschëllegen. Mee ech mengen de Pit Demuth huet och all Äntwert op Är Froe, sollten der nach sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, fir déi doten Erklärungen zu deem doten Devis estimatif. Si Froen dozou?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, als Éischt emol Merci fir d'Erklärungen. Mir begréissen déi doten Aktioun natierlech ausdrécklech, well mer ëmmer soen, op där enger Säit, Faarf aleng ass keng sécher Infrastruktur fir de Vëlo. Esou zielt dann awer och zu der ganzer Wourecht, dass dat net iwwerall machbar ass, fir Polleren opzeriichten oder e separate Vëloswee. Dat heescht, esou wéi Dir elo grad gesot hutt an dem Zitat vun der Ministesch, esou gesi mer dat och, dass et op deene Plaze schonn hëlleft, dem Vëlo méi Visibilitéit ze verschafen a virun allem an deenen enke Stroossen, wou d'Autofuerer net ëmmer direkt gesinn, ob e Vëlo elo kéint vun där anerer Richtung kommen oder net, erwaarde mir eis, dass dat dote scho wäert hëllefen. A mir fannen et och gutt, dass nach aner Stroosse wéi déi uewen ugeduecht sinn an deenen nächste Phasen. Vläicht ass et jo och en Incentive fir, wann dat doten elo geschitt, dass d'Leit sech iwwer de Summer op déi Vëlospisten trauen, dass se se d'Avantagë vun deene méi kuerze Weeër kennenléieren duerch d'Quartieren. An dat ass eng reell Plus-value, wann déi doduerjer méi sécher gemaach ginn, gi mer dovun aus, dass sech dat vill méi Leit trauen.

Déi Fro, déi mir eis opgeschriwwen haten zu deem doten Devis, déi ass scho quasi beäntwert ginn, well mer effektiv eis d'Fro gestallt hu vun 100.000 Euro fir déi puer Stroossen. Do wollte mer einfach wëssen, duerch wat dat zustane kënnt? An elo hu mer deels d'Erklärung kritt vun der Firma, déi dat dote mécht. Ass dat ee virsiichtege Budget, dee mer elo hei stëmmen, dass et sécher duergeet fir déi Stroossen oder ass dat e reelle Montant, wou dat dote wäert erauskommen? Ech soe Merci op jiddwer Fall.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Nach weider Kommentaren?

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Maja, grad elo, dat war schonns eng Kéier de Motto vun der CSV, hunn ech gemierkt, wou ech mer e puer Notten hei geholl hat, als klengen Joke sou derbäi. Also, et ass wichteg, dass mer an d'Vëlosreseauen nach méi investéiere wéi virdrun, well mir stinn erëm virun der nächster Kris. Säit ech am Gemengerot hei sinn, si fale mir a vun enger Kris an déi aner, hunn ech gemierkt. Dat läit elo net u mir, mee et ass effektiv esou, dass mer net nëmmen no eiser Gemeng musse kucke, mir musse wierklech kucken, wat geschitt an der Welt, an alles wat an der Welt geschitt, huet en direkten Afloss op eise klenge Gemengerot hei, eis kleng Stad zu Lëtzebuerg an zu Diddeleng, an, bon, déi nächst Kris, mir kréien ass eng ganz schlëmm Energiekris an d'Energiepräisser wäerten enorm an d'Luucht goen, an et ass wichteg, dass mer eise Leit aner Méiglechkeete ginn, dass jiddwereen de Choix huet, wat e wëllt maachen, ob e wëllt den Auto huelen, ob e wëllt de Bus huelen, ob e wëllt de Vëlo huelen.

An all Invest an d'Vëlosinfrastrukturen, déi hu mer nach ëmmer begréisst, a virun allem ech begréissen déi ganz staark, well dat ass en Invest an e Stadbild, an d'Gesondheet vun de Leit, awer och an de Choix, deen d'Leit hu fir sech ze deplacéieren. Wa mer d'Vëlosinfrastrukture besser zeechnen, dat incitéiert d'Leit effektiv, de Vëlo ze huelen an de Choix ze hunn, ob se wëllen den Auto huelen oder de Vëlo. Froen, déi mer eis gestallt haten, effektiv, dat ass, bon, 100.000 Euro, dat ass awer och net grad näischt, wat mer investéieren. Ass dat net en Déngen, wou mer net missten outsourcen, dee mer och kéinte vun der Gemeng aus selwer oder de Servicer selwer maachen? Ass dat vläicht, vu dass mer an Zukunft méi op déi Pist wäerte goen, eppes, wou mer eis Leit kéinten ausbilden, dass se dat kënnen an Zukunft selwer maachen? Wier dat eng Méiglechkeet?

An dann eng Fro, déi mer hunn, wéi laang halen déi Marquagen? Gëtt ass do eng Déngen, wou mer eng Garantie hunn, dass dat awer fënnef Joer hält, zéng Joer hält? Oder ass dat en Invest, dee mer all puer Joer mussen eng Kéier frësch stëmmen dann? An, jo, wann ech mech net ieren, hate mer jo schonn eng Kéier en Deel selwer gemaach gëtt als Gemeng. D'Piktogrammer, déi si fréier selwer gemaach ginn. A si fale jo dann och hei ënnert den Outsourcing dran. Trotz allem, mir gesinn an anere Stied, notamment Paräis, dat hätt een ech virun zéng Joren ni kënne virstellen, wéi vill Vëlo do haut gefuer gëtt. Ech si selwer iwwerrascht a wéi gutt et geet. An du hues de effektiv am Stadzentrum keng eenzeg Tankstell méi. Ech wollt dat just nach eng Kéier esou soen. Do ass wierklech alles esou op den ëffentlechen Transport an och op de Vëlosreseau opgebaut ginn, datt d'Leit de Choix hunn, wéi se sech wëllen deplacéieren. A voilà, Dir kritt hei véier Mol e Jo vun der CSV fir déi 100.000 Euro.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Martini. Sinn nach weider Stellungnamen?

FABIENNE DIMMER (CSV): Merci fir d'Wuert. Mir begréissen eeben och, dass nach méi Stroossen de Marquage kréien a virun allem am Contre-sens an der 30er-Zon. Och wann d'Reegelung schonn existéiert, gesi mer hei awer eng wichteg Verbesserung um Niveau vun der Visibilitéit an der Sécherheet. Eng kloer an eenheetlech Signaliséierung um Buedem hëlleft virun allem all de Verkéiersdeelhueler an eeben och domadder de motoriséierte Verkéier, fir besser ze verstoen, dass d'Cyclisten hinnen am Contre-sens entgéint kënne kommen. Dës Mesure ass immens pragmatesch, konkreet a virun allem effizient. Si verlaangt keng grouss Infrastrukturaarbechten, mee huet trotzdeem en direkten Impakt op d'Verkéierssécherheet am Alldag. An et ass eebe genee dës Zort vu Moossnamen, déi mer als Gemeng solle fërderen. Et ass positiv, dass sech dës Approche un d'Recommandatioune vum Lëtzebuerger Staat och orientéiert an domat an eng méi breet national Strategie vun der duusser Mobilitéit ageluecht ass. Mat esou Initiative stäerke mir net nëmmen d'Sécherheet, mee och d'Attraktivitéit vum Vëlo als Alternativ zum Alldag. Dëst ass e wichtege Schratt a Richtung enger méi nohalteger, moderner Mobilitéitspolitik vun eiser Gemeng. Mir ënnerstëtzen dëst ganz kloer. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Och Merci der Madamm Dimmer. Sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert zréck un d'Claudia Dall'Agnol.

D'CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, ganz kuerz. Ech mengen, wéi laang esou e Marquage hält, do kann de Pit Demuth vläicht sécher méi dozou soen, wéi ech elo. Ech mengen, ech hu ganz kloer gesot, dat heiten ass en éischten Devis. Ech ginn och emol dovunner aus, oder ech hoffen emol, datt e 100.000 Euro duergi fir déi Weeër ze maachen. Allerdéngs, et ass, wéi Dir sot, eng Kris jot déi aner, a fir d'Präisdeierecht do kann ech net astoen. Dat heescht, wa mir déi nächst Kéier en zweeten Devis stëmmen, kann ech net garantéieren, ob dee méi héich ass. An et hänkt och ëmmer e bëssen dovunner of, wéi vill Stroosse mer da mat deem nächsten Devis wäerte maachen. Mee ech ginn awer emol dovunner aus, datt dat duergeet. Dir sidd op d'Piktogrammer agaangen, déi mer selwer gemaach hunn. Déi Piktogrammer, wou do stinn, dat ass effektiv just fir déi dote Stroossen, déi elo rout gemeet ginn, vun enger Entreprise. Well et huet kee Wäert, datt mer zweemol ufänken, fir d'éischt sträiche si rout un an da kommen eis Leit a si molen e Vëlo dohinner. Dat gëtt kee Sënn, fir déi 2.700 Euro, wou mer do am Devis virgesinn hunn. Dat huet kee Wäert, datt soll schonn alles eenheetlech gemaach ginn.

Ech menge schonn, datt eis Leit dat och kënnen oder wann se et net kéinten, datt mer se kéinten ausbilden. Ech muss lech awer soen, Dir wësst, datt eis Leit ganz vill ze dinn hunn a Villes musse maachen. A mir waren eigentlech hei der Meenung, well mer hei och eng relativ kleng Zäitfënster hunn. Dir wësst, wann e Marquage gemaach gëtt, da musse gewëssen Temperaturen do sinn, soss kann dat guer net gemaach ginn. A wann et soll schnell goen, a mir hätten dat gär an där Zäitfënster wou et eebe méiglech ass iwwert d'Fréijoer oder eventuell nach am fréien Hierscht, wa mer nach eng Kéier missten eppes maache fäerdeg, da kann ech dat net garantéieren, well mir hunn natierlech

och nach aner Aarbechten an där Gemeng ze maachen. Dofir ass dat heiten u sech méi virsiichteg, fir ze soen, OK, dat bréngt déi Entreprise dann an där Zäitfënster hin. Soss hat ech mer, mengen ech, näischt opgeschriwwen. Dann elo vläicht de Pit Demuth zu wéi laang et hält.

PIT DEMUTH (CHEF DE SERVICE VUN DER CIRCULATIOUN): Ech hunn elo net direkt och Erfarungswäerter, mee ech mengen, et ass dat selwecht, wat mer och virun der Kierch hunn, do ass jo och eng Kéier en Deel helle Belag gemaach ginn, no deem selwechte Prinzip gemaach ginn, ausser dass deen net rout ass, ech mengen, deen ass elo giel, an ech mengen, deen ass am Moment nach an engem ganz gudden Zoustand an deen ass viru bal dräi Joer gemaach ginn, dat heescht, dat hält, an ech géif soen, dass dat da minimum fënnef bis zéng Joer awer och hale wäert, dee Marquage do. Da just nach eng Kéier kuerz op d'Ausso, mir kéinten dann d'Servicer selwer maachen, mee ech mengen, wa mer eng Entreprise hunn, déi d'Spezialisten hunn oder och sinn, ech mengen, déi kréien dat vill méi séier duerch an och an engem besseren Zoustand, wéi wa mir et géife maachen, well mir et jo dann net ëmmer reegelméisseg maachen.Dat heiten ass also, fir dem Här Steffen elo ze äntweren, dat ass einfach de reelle Montant geholl, wat d'Aarbechte wäerte kaschten, mat enger gewëssener Sécherheet dran, well et weess een ni, wat nach ka kommen, dofir hu mir probéiert, de Maximum vun Distanz erauszezéien, wat mat deem doten Devis machbar ass.

D'CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): A mir ass erëm agefall, wat ech mer opgeschriwwen hunn, an zwar de Claude Martini ass op Paräis agaangen, wou an de leschte Joren effektiv ganz, ganz vill geschitt ass. Bon, ech soen et ëmmer beim Tourismus, mir ginn ni Paräis, mee mir maachen eeben dat, wat mir hei an eiser klenger Stad kënne maachen an ech kann iech garantéieren, wann ech géif zu Paräis oder an iergendenger aner Grousssstad wunnen, dann hätt dat heiten doudsécher keen Auto.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci nach fir déi doten Erklärungen. An da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem Devise averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci. An och dem Pit Demuth Merci fir seng Presenz.

**3.2. Approbatioun vum Devis remanié fir de Bau vun neien administrative Gebai d'Besoine vum Service Gestion et Maintien du Patrimoine**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen, dat ass de Punkt, den Devis remanié, wat eis neit administratiivt Gebai vum Service Gestion et Maintien du Patrimoine ugeet, an ech begréissen e puer Leit, déi zou eis stoussen. Engersäits extern, respektiv den Architektebüro Marc Wagner a vun RMC d'Cathy Castagna a vun eise Servicer de Laurent Pelt an de Joël Freitas. Jo, en vue vun dësem Gemengerot hu mer dem Gemengerot den Devis remanié presentéiert vu 27,6 Milliounen Euro. Do hate mer am Virfeld, den 10. Mäerz 2025, en informelle Gemengerot, fir och de Gemengerot drop hinzeweisen, dass mer hei en Devis remanié och musse stëmme loossen. Ech mengen, dat reit sech an och an den Diskussiounen, déi mer am Kader vum Budget haten, wou och de Gemengerot mat Recht e Wonsch geäussert huet, wann Depassementer stattfanne bei gréissere Projeten, da sollt een och am Virfeld eng Ronn zesummen dréien. Mir hate jo och gesot, dass mer dat Engagement géifen agoen. An dofir, mengen ech, wëlle mer dat och hei maachen. Dofir hate mer och den 10. Mäerz deen informelle Gemengerot. Dat heiten ass e Projet, dee mer de 25. Oktober 2021 am Gemengerot gestëmmt hunn. Dat war eng Enveloppe vun 24,9. Milliounen Euro, soudass am Fong hei eng Hausse ass vun 2,7 Milliounen Euro, wou gutt mengen ech 87% dem Bauindex geschëlt sinn. A mir wäerten herno, souwéi mer dat och schonn am informelle Gemengerot gemaach hunn, op verschidde Positiounen agoen, déi zu dëser Hausse gefouert hunn.

Just nach eng Kéier fir kuerz de Kader ze setzen. Dat heiten ass jo dat neit administratiivt an technescht Gebai vun eisem Service Gestion et Maintien du Patrimoine. Dat hu mer jo och deemools hei am Gemengerot gestëmmt, dee Projet, well eis Stad Diddeleng weider wiisst an och natierlech nei a weider Ufuerderunge un eis Gemengeservicer kommen, un eis Gemengebetriber, virun allem am techneschen, am operative Beräich. An deen heiten Neibau gouf jo virun allem gemaach, well mer iwwert all déi lescht Joren am Bestand ëmmer hu weider missten investéieren, respektiv Mise-en-conformitéë maachen, Ëmbau maachen, respektiv deelweis och Renovatiounen. D'Ausriichtung ass jo, mëttel- a längerfristeg alleguerten eis Regiebetriber op engem Site ze hunn, op der Rue de l'Abattoir, se do ze regruppéieren, notamment och d'Gas- a Waasserwierk, wat och elo de Fall wäert sinn, awer och eis REVIS-Ekipp, déi hei hannert dem Gemengegebai ass, an dass och déi kann do derzou stoussen. Ech mengen, dass dat am Fong e Ganzt gëtt an och an deem Sënn méi homogen an och méi iwwersiichtlech gëtt am Kader vun der Organisatioun.

Nieft den administrative Surfacen, nieft de Büroen, déi eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter do hunn, vum GAP, ass jo och direkt an der Entrée en Accueil, eng Receptioun fir de Bierger. Och dat ass wichteg, datt mer do eng gutt Déngschtleeschtung kënnen ubidden an Informatioun an Orientatioun vum Bierger kënne garantéieren am Kader vu sengen Demarchen, wann en de Service kontaktéiert. Mee et sinn awer virun allem och Raim fir eis Aarbechterinnen an Aarbechter, sief dat elo d'Vestiären, de Refectoire, respektiv awer och eng Garage fir de Fuerpark. An, wéi gesot, dëse Projet dréit jo och ganz sécher zu der Stäerkung a Weiderverbesserung vum ëffentlechen Déngscht hei zu Diddeleng bäi, well jo och déi Ausriichtung ass, dass mer eng modern an effikass Verwaltung sinn. Dat ass dat eent. Mee sécherlech dréit en neit Gebai och zu verbesserten Aarbechtskonditiounen insgesamt fir eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter bäi. A mir waren eis och deemools eens hei an engem Gemengerot, wéi de Projet gestëmmt gouf, an dat gesäit een och, dass dat heite Gebai selwer vun der Architektur hier, vum Bau hier, ganz funktionell an och nohalteg ass. Och dat war e wichtegen Aspekt an der Ausriichtung vun deem dote Gebai.
Just nach als Info, wéi gesot, eng Rei Servicer, administrativ Servicer, déi si schonn eriwwer geplënnert an a gutt zwou

Woche wäerte progressiv dann eis aner Mataarbechterinnen a Mataarbechter och kënne progressiv an d'Gebai goen, soudass mer an engem gudde, Mount, annerhallwe Mount komplett do alleguerten eis Leit am Gebai hunn.
Dat ass nach eng Kéier generell, fir iwwergeuerdent de Kader ze setzen, vu wou mer säit 2021 hierkommen, wéi mer de Projet hei gestëmmt hunn, a wat d'Ausriichtung vum Projet ass. An da géif ech elo, wéi gesot, ganz gären, wéi mer dat och schonn am informelle Gemengerot gemaach hunn, dem Marc Wagner d'Wuert ze ginn, fir dass hien nach eng Kéier op déi verschidde Positioune kann agoen, notamment ronderëm de Bauindex, deen zu dëser Hausse gefouert huet. Merci.

MARC WAGNER (ARCHITEKT BEI AE ARCHITECTURE ET ENVIRONNEMENT): Schéine gudde Mëtteg. Wéi gesot, d'Gebai ass an Exploitatioun. E puer Impressioune vu bannen, fir déi, déi et vläicht nach net gesinn hätten. Dat heescht, den Accueil an den administrativen Deel ass an Exploitatioun. Mir hunn och alles esou gebaut, wéi et dee Moment gestëmmt ginn ass. Leider hate mer wärend där Zäit een Haaptproblem an dat war d'Hausse vun de Präisser. Dat heescht, mir haten am Budget natierlech en Index mat ugeholl. Dat heescht, déi Jore virum Vott waren dat pro Joer 1, 2 oder och mol 2,9%. Mir haten dunn deemools schonn entscheet, datt mer op der gemengter sécherer Säit si mat 2,5% pro Joer an d'Grondlag ze goen. Dat ass am Endeffekt déi gréng Kurve, déi een ënne gesäit. Wat duerno d'Realitéit war, engersäits wéinst der Coronakris an anerersäits wéinst der Kris an der Ukrain, ass, datt eeben déi blo Kurv d'Realitéit war, wou mer vun 3% iwwer 7,3% bis effektiv 15% pro Joer Haussen haten.

Ech erënneren an deem Kontext, datt och déi Zäit de Ministère Circulairë gemaach hat, fir de Firmaen och ze hëllefen an deelweis souguer Saachen am Virfeld ze bezuelen, well et effektiv fir alleguerten eng méi komplizéiert Zäit war, wat leider och an de Präisser mat opgeschloen huet. Mir haten och deemools d'Präisser net generell am Groussen iwwert déi ganz Corps-de-métiere gemaach. Dat heescht, mir hu gekuckt, datt mer am Ufank de Gros oeuvre beoptragen an eeben au fur et à mesure, wéi de Chantier eriwwergeet, duerno de Clos couvert, dat heescht Gebäudehülle, duerno de Parachèvement an d'Technique spéciale an eeben zum Schluss nach de Mobilier. Dat eeben och iwwert déi ganz Evaluatioun vum Chantier. Et ass ëmmer sou, datt soubal eng Beoptragung ginn ass, also am Endeffekt bis dohinner rechne mer de Bauindex, fir ze kucken, wéi héich mer do kommen, a wann da bis d'Beoptragung ginn ass, däerfen d'Firmaen eng Hausse de prix ufroen, eng Adaptatioun vun de Präisser. Dat heescht, et ass engersäits deen Deel bis déi jeeweils Beoptragung komm ass, do war et ebe scho vill eropgaangen an eeben hei relativ am Ufank am éischte Joer ëm 15%.

Dat heescht, alles wat duerno komm ass, de Clos fermé, de Parachèvement an de Mobilier ass eeben deementspriechend leider eropgaangen a wéi gesot, och déi, déi beoptraagt waren, kënnen iwwert eng Hausse de prix am Endeffekt déi aussergewéinlech Haussen an den Indexen nodréiglech ufroen. Dat bedeit am Detail, dat mer engersäits déi verschidden Aarbechten hunn, anerersäits hei eng Kéier wat den 1. Oktober 2021 am Gemengerot gestëmmt ginn ass. An an der nächster Kolonn den Devis remanié, wat den Nodro elo ass. Et ass esou, datt zwëschent deem, wat dee Moment gestëmmt ginn ass a wéi mir déi eenzel Lousen ausgeschriwwen hunn, ass net ëmmer alles 100% vergläichbar. Dat heescht, an der Zomm schonn, mee verschidde Saachen hu mer zesummen ausgeschriwwen, well dat méi sënnvoll ass, wéi zum Beispill eng Installation de chantier ebe mat dem Réibau auszeschreiwen, wéi eeben och eng Geothermie, ech kommen do am Detail nach eng Kéier drop zréck, dat heescht, den éischte Posten, wat d'Travaux preliminaires ass, déi sinn am Fong integral mat ausgefouert gi mam Gros-oeuvre.

Mam zweete grousse Poste, och do hate mer da schonn eng gewëssen Hausse des prix, leider. A wéi gesot, och nach der Beoptragung hunn déi eng Révision des prix ugefrot, well eeben d'Präisser onproportional eropgaange sinn, relativ héich. Wat awer beim Réibau mat dran ass, an dann de Réseau enterré mat dra komm ass, ass eeben d'Geothermie, déi kënnt ënnen nach eng Kéier, déi ass dann ënnen op Null gesat, well se eeben hei mat dran ass vun den 200.000 op déi 700.000 Euro. Duerno d'Fermeture du bâtiment, do war effektiv déi Präisdeierecht scho méi staark drageschloen an och, well awer vill zertifizéiert Holz aus der Ukrain kënnt, sinn d'Holzpräisser déi Zäit effektiv eropgaangen, et ass eng Holzfassad, wat ënner anerem deem geschëlt ass, datt mer probéieren, nohalteg an eeben durabel ze bauen, déi jo och verschrauft ginn ass an net verpescht, fir datt een se erëm gutt kann zréckbauen, wann et dann iergendeng Kéier néideg wär, déi wär awer méi deier ginn.

Dann, am Parachèvement sinn et änlech Saachen, déi et herno, also méi spéit ausgeschriwwen, awer och dann eng Kéier hannert deene faméise 15%, wou et eropgaangen ass. Och do war eng Saach, datt verschidde Posten einfach an där Zäit méi deier gi sinn, dat heescht de falsche Buedem, dee mer verbaut hunn, fir eng Flexibilitéit ze hunn a fir kënnen d'Technikkabelen eng Kéier spéiderhin ze réckelen, wann et néideg ass, datt e flexibelt Gebai ass. Déi ware leider méi deier ginn, wéi a Projeten, déi vergläichbar sinn, déi mir virdru gemaach hunn. Och do sinn d'Holzbeläg méi deier ginn, Industrieparkett, dee verschafft ginn ass a verschidde Miwwelen, déi mer domat gemaach hunn.

Och d'Sanitärcloisone si géintiwwer vu Projeten, déi mir virdru gemaach haten, déi mer als Basis fir d'Präisser geholl haten, aussergewéinlech méi deier ginn a leider deementspriechend mat opgeschloen. Bei de Kitchenetten ass et esou, datt mer deelweis Posten aus dem Mobilier meublant kënne mat eriwwer huelen, well mer verschidde Saachen eeben net a Schräineraarbechten ausgefouert hunn, mee dann eeben an de Miwwelen. Wat hei nach dobäi kënnt, ass d'Signaletik. Et gouf d'PMRs-Gesetz, Personnes à mobilité réduite, dat heescht, fir accessibel ze sinn an oppe fir alleguerten, well 2022 en neit Gesetz mat erauskoum. An d'Gebai war an ass behënnertegerecht, wat eeben dobäi komm ass, wéi verschidden Detailer a verschidde Signalletik, déi awer méi héichwäerteg ass wéi dee Moment geduecht a wéi bei anere Projeten, dat ass een deem neie Gesetz geschëlt. Wéi gesot, vun de Mobi-

liere si mer e bësse méi gënschteg ginn a konnten do een Deel eeben an anere Posten mat ausschaffen. Och bei der Technique spéciale war déi ausgeschriwwe ginn zu engem e bësse méi spéideren Zäitpunkt an och do war d'Hausse des prix leider nach eng Kéier bemierkbar. Do war et och esou, datt mer an enger éischter Soumissioun fir den HWAC sanitaire, also Heizung-Lüftung-Sanitär, datt mer do aussergewéinlech deier Offere kruten, well d'Firmaen och net disponibel waren. Do huet d'Gemeng mat decidéiert, datt mer en halleft Joer méi spéit déi nämmlecht Posten nach eng Kéier ausschreiwen, doduerch war et weesentlech méi gënschteg, dat heescht, mir haten am Fong eng éischt Offer, déi gënschtegst Offer an enger éischter Ausschreiwung war nach eng Milliou Euro méi héich wéi dat, wa mer am Endeffekt herno beoptraagt hunn, do war et esou, well d'Firmaen effektiv déi Zäit vill ze dinn haten an net disponibel.

Do hu mer da léiwer fir Suen ze spueren, dat e bësse méi spéit nach eng Kéier ausgeschriwwen, fir awer ze probéieren, e bëssen an déi richteg Richtung ze kommen. Jo, am Endeffekt, eng Kéier verglach, dann effektiv den Total de construction inclus des hausses des prix, déi mer virgesinn haten, déi wéi gesot mat deenen 2,5 % ugesat waren, an d'Évolution des prix, an dat wat da reell un de Baukäschten dann awer erauskomm ass, dat spigelt sech och nach eng Kéier an den Honorairen erëm. Dat heescht, och do ass et de Lounindex, dee mat eropgaangen ass, dat si Standardkontrakter, déi d'Gemenge mat den Architekten an Ingenieuren hunn, dee mer natierlech och geholl hunn an dee mer respektéieren, deen dann och d'Hausse-de-prixen an deem Punkt mat ausgesäit. Wéi mer de Budget opgestallt hunn, hate mer d'Ingenieurshonorairen net komplett um neiste Stand gehat, dat heescht, en Deel dovunner kënnt leider dorauser.

Da kommen nach aussergewéinlech Saachen dobäi, déi och spéiderhin eréischt bäikomm sinn. Dat heescht d'Konscht, datt déi obligatoresch ass bei engem méi technesche Gebai, wor et hei ee funktionaalt Gebai, waren déi initial net mat virgesinn. Iwwert d'Gesetz vun 2023 ass dat awer eng Obligatioun. Dat ass och um Lafen a kënnt nach no. Op engem anere Posten am Budget war och en Trafo virgesinn, wat mer awer da mat dem Projet direkt mat ausgefouert hunn an integréiert hunn, hannert der Ramp an der um Site eng Kéier sidd, do ass och den Trafo net nëmme fir dat eent Gebai, deen ass fir dee ganze Site mat virgesinn an d'Capacitéite méi grouss. D'Gebai ass un den ALARMIS-System vun de Pompjeeë mat ugeschloss. Do ass et awer esou, datt sinn doduerch Feuerwehr-Laufkarten, also verschidden Demanden, déi do méi extra sinn oder méi speziell sinn, well een domat ugeschloss ass, déi hätte mer eis och net konnten an deem Moment virstellen. Déi waren nach gefrot ginn.

An och d'CREOS huet 2024 nach eng Kéier d'Normen, wéi een en Trafo däerf uschléissen, a wat fir een Typ et ass, nach eng Kéier adaptéiert, wat da leider och nach eng Kéier am Ganzen 300.000 Euro méi sinn, déi mat bäikomm sinn. Dann déi jeeweileg TVAen, déi wärend där Zäit nach mat bäigerechent sinn, souwuel vu 16% wéi vu 17%, dat heescht, dat war mat agerechent ginn, dat ass matgeholl ginn. Jo, dat erkläert am Endeffekt, datt, géintiwwer vun deem wat votéiert ginn ass, déi bal 25 Milliounen Euro, mer elo op 27,6 Milliounen Euro sinn, dat heescht 2,7 Milliounen Euro méi deier, wat 11% Hausse bedeit. Wat am Endeffekt sech doraus ergëtt, ass, datt, obwuel mer Reserve virgesinn haten an obwuel mer déi 2,5% Hausse vun den Indexe mat virgesinn haten, war et awer méi héich, wéi mer geduecht hunn. A et sinn eeben nach eng Kéier déi Méikäschten dobäi komm vun deenen neie Gesetzer oder Reglementer, déi geännert hunn.

Op der méi positiver Säit ass et esou, datt verschidde Primme vum Ministère de l 'Intérieur zum Beispill dee Moment nach net bekannt waren, déi sinn an där Zäit och erhéicht ginn, fir d'Gemenge méi ze ënnerstëtzen. Dat heescht, dass bei de Primmen dat éischter e ganz positive Bilan ass, datt der Gemeng do méi gehollef gëtt wéi am Initial virgesinn. Vläicht zum Schluss eng Kéier als Resümmee. Wéi gesot, et ware bal 25 Millioune Euro gestëmmt ginn. Doranner waren eeben Indexupassungen a Reserve mat virgesinn, déi sinn awer leider net duergaangen, well déi eebe weesentlech méi héich waren an datt mer eeben duerch déi Ännerungen, déi nach bäikomm sinn, jo, leider méi héich driwwer sinn. D'Budgete sinn awer elo sou gutt ewéi ofgeschloss an déi meescht Receptioune sinn duerch. Wéi gesot, d'Gebai ass an Utilisatioun. Et sinn nach kleng Bilan-financiere vu verschiddene Firmen, wou mer déi leschte klengen Detail ofwaarden, fir och do déi lescht Ënnerschréft kënnen ze maachen. Mee déi Receptioune sinn am Fong sou gutt ewéi duerch, soudatt deen dote Vott, datt déi doten Zomm déi richteg wäert sinn. Nach eng Kéier e puer Impressioune vu bannen, wéi gesot, e sobert Gebai, wou mer probéiert hunn, déi verschidde Corps-de-métieren, déi Dir an der Gemeng hutt, déi hei schaffen, e bëssen en valeur ze setzen, dat relativ brut an einfach gehalen, awer funktionell. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och dem Här Wagner, fir nach eng Kéier mam Detail déi verschidde Positiounen duergeluecht an erklärt ze hunn, déi zu der Hausse bäigedroen hunn. An elo ass natierlech d'Diskussioun op.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Merci nach eng Kéier fir déi ausféierlech Presentatioun. Jo, also mir stelle fest, datt de Montant vu 24,9 Milliounen eropgeet op 27,6 Milliounen. Dat heescht, dat ass eng Hausse vun 2,7 Milliounen Euro. Och wann dës Erhéijung duerch d'Entwécklung vum Bauindex an duerch onerwaart Ännerungen erklärt gëtt, Covid, Krich, nei PMR-Fuerderunge, bleift awer trotzdeem eng Differenz do, déi ëmmer erëm ze gesinn ass bei deene Projeten. Dat ass kee Virworf un lech, um Gotteswëllen, et ass einfach ee Constat, dee mer hei am Gemengerot ëmmer erëm maachen an deen eeben eis Opmierksamkeet verlaangt. Mir notéieren, datt am Ufank Reserve geplangt waren, déi sech awer als net genuch erausgestallt hunn. Dat wërft fir eis natierlech och eng weider wichteg Fro op. Wéi wäit waren dës initial Schätzunge virsiichteg genuch? A virun allem, wéi kënne mir an Zukunft besser plangen?
Dat froe mir ëmmer erëm, besonnesch bei Projete vun esou enger Envergure. Gläichzäiteg huele mir Kenntnis vun

den Erklärungen an de Berechnunge vum Bureau Architecture et Environnement, an datt déi néideg Kreditter och am Budget 2026 virgesi sinn. Mir sinn och immens frou, datt am Fong de Gemengerot dës Kéier am Virfeld invitéiert gouf, wou mer déi Saache wierklech ganz explizitt nach eng Kéier am Detail konnten zwou Stonne laang erklären an diskutéieren. Dat ass och eng Demande, déi mer méi oft gestallt hunn, well et ass wichteg, datt mer déi Saachen net einfach esou ëmmer direkt am Gemengerot, mee am Virfeld kënnen ausdiskutéieren.

Dëse Projet entsprécht, wéi scho ganz oft gesot, engem reelle Besoin fir eis Gemengeservicer. Et ass wichteg, datt si iwwer adequat Infrastrukture verfügen, fir qualitativ héich Servicer fir d'Bierger kënnen ze garantéieren. A mir begréissen natierlech ausféierlech de ganze Konzept an de ganzen nohaltege Konzept, déi autark Wäermeproduktioun an déi Notzung vun den nohaltegen Energien. An hei kann ee souguer soen, datt d'Beispill, dat dote Gebai, dee ganze Konzept kann och an Zukunft als Best Practice geholl gi fir weider Projeten. D'Hausse vun 9,7% ass u sech eng ganz akzeptabel Marge. Souguer ouni Krich an ouni Covid, wann ee Projet esou laang dauert a mir ëmmer erëm e Bauindex hunn, ass déi Marge vun 10%, wierklech ganz akzeptabel, am Bausecteur ass et eeben einfach esou. Trotzdeem wëlle mir weiderhin déi Demande stellen, datt mer weider esou verfueren, wéi dat fir dëse Projet war, datt mer eis an engem informelle Gemengerot oder an enger zoustänneger Kommissioun am Virfeld déi Saachen ukucken.

Elo - vläicht net direkt zum Projet - mee einfach zu enger Relatioun, déi mir mam Schäfferot hunn, jo, ech muss dann einfach zum Schluss dat soen, datt ech, mir, et perséinlech immens schued fannen, datt mer d'Gebai net konnte gesinn. E Méinden am informelle Gemengerot huet d'Oppositioun dat och scho gesot a mir si souzesoen op eng offiziell Ouverture am Abrëll vertréischt ginn. Ouni ze ernimmen, datt Dir nach an der selwechter Woch freides déi ganz Press agelueden hutt, fir hinnen d'Gebai ze weisen an och weider sämtlech Projeten, déi zu Diddeleng amgaange si gebaut ze ginn.

Wann ee sech déi lescht zwou Wochen dann esou ukuckt, spiert et sech net wierklech wäertschätzend un. Mir sinn u sech just gutt, souzesoen, fir Devis-remaniée matzestëmmen, kréien och dat natierlech anstänneg erkläert. Wéi gesot, dat ass absolutt kee Virworf, mee dann awer fir de Projet kucken ze goen, dee mer och gestëmmt hunn, do gi mer e bëssi vergiess. Erlaabt mer, datt einfach d'Gefill opkënnt, datt Dir d'Iddi hat, datt et besser ass virun der Press ze glänzen, ouni datt de Gemengerot sech do blécke léisst. Et ass wierklech net flott. An dobäi hate mir den informelle Gemengerot a vläicht dee Moment och déi Geleeënheet gehat, dee vläicht sur place ze maachen, fir eis d'Gebai unzekucken, ouni Fotografen, ouni Press, einfach well et eis éierlech a wierklech éierlech interesséiert hätt. Merci villmools.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova. Sinn nach weider Stellungnamen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Also, déi Lénk ware jo 2021 déi eenzeg, déi den initialen Devis deemools net matgestëmmt haten, dat well mer fonnt hunn, dass den Devis an de Planning, dass dat alles net detailléiert genuch gewiescht wär an dass eis do Informatioune gefeelt hätten. Also, dee Virworf, dee kann een Iech dës Kéier net maachen. Do musse mer wierklech soen, e grousse Merci, dass mer deen informelle Gemengerot am Virfeld haten. Do krute mer déi ganz Presentatioun gewisen. Ech mengen, et war ganz kloer, dass do och keng Froe vun eis koumen, well mer hunn do den Tablo mat deenen Zuelen do gesinn a mir haten dann zwou Wochen Zäit, fir eis domadder auserneenzesetzen. Ech mengen, dat vereinfacht et wierklech, fir awer en toute connaissance des causes dann elo hei eng Ofstëmmung ze huelen. Dowéinst wollte mer Iech wierklech do felicitéieren, dass mer do op méi Transparenz an Zesummenaarbecht mam Gemengerot ginn.

Wa mer an deem Sujet sinn, dann hate mir e bëssen dee selwechte Bemol, deen elo scho vun deene Grénge komm ass, dass mer och e bëssen iwwerrascht waren, dass dann awer elo d'Press dat Gebai virgestallt krut. Mir als Déi Lénk, mir votéieren elo den Devis remanié hei. Mir hunn d'Gebai nach ëmmer net vu banne gesinn, ausser déi puer Fotoen hei. Mir hunn dat och e bëssen ongléckelech fonnt, dass elo quasi jiddereen d'Gebai gesinn huet, ausser déi, déi elo den Devis solle stëmmen. Dat bedauere mer natierlech e bëssen. Wa mer elo op den Devise aginn, mat där detailléierter Opléschtung, wéi ee muss soen, da si mir och zu deem selwechte Schluss komm, dass wierklech awer déi Präishausse hei gréisstendeels, allergréisstendeels eigentlech op de Bauindex zréckzeféieren ass. Verschidde Präisser sinn nëmme ganz wéineg geklommen, anerer sinn explodéiert.

An do hat ech just u sech eng Fro zu der Fotovoltaikanlag, ob ech dat richteg verstanen hunn. Mir hu jo elo 46% manner, also manner Subsiden, well mer manner Fotovoltaik hunn. An trotzdeem sinn nach 14% méi deier. Ech hu mer dat eng Kéier schnell gerechent. Dat heescht, déi Fotovoltaikanlag, wa mer dat ëmgesat hätten, wat mer virgesinn haten, da wär déi méi wéi verduebelt ginn eigentlech. Also, dat ass wierklech fir verschidden Elementer eng richteg Explosioun vun de Käschten. Bei aneren huet dat sech dann nach gehalen, soudass mer mengen, 10% fir grad déi dote Phas, do si mer nach eng Kéier frou, dass dat awer esou glimflech gaangen ass, well natierlech och schonn eng Rei Reserven an eng Entwécklung vum Bauindex virgesi war. Ech mengen, dass dat eng gutt Saach war, dass d'Iwwerraschung lo awer net esou erschreckend héich war.

Mir sinn natierlech och elo frou, dass dat Gebai do ass. Et ass scho gesot ginn, et verbessert d'Aarbechtskonditioune vun de Leit, déi do schaffen. Ech mengen, mir hätte jo gären, dass déi ënner anstännege Konditioune kënne schaffen. Mee wa mer iwwert Aarbechtskonditiounen an Nohaltegkeet schwätzen, da wollt ech awer nach eng Kéier ganz kuerz op déi Fro zréckkommen, déi ech virun zwou Woche gestallt hat. Et war jo esou, dass ursprénglech an éischten Analyse Bläiréckstänn am Krunnewaasser fonnt gi waren. An ech hat déi Fro virun zwou Woche gestallt. Do war gesot

ginn, mir maachen nach weider Analysen, et ass nach net déi lescht Receptioun.

Hu mer mëttlerweil déi Resultater kritt vun deene weideren Analysen? A wësse mer wéi elo d'Qualitéit vum Waasser ass? An da, virun allem, wa mer awer eis domadder bretzen, dass dat Gebai sou nohalteg ass, ass et déi beschten Iddi wärend deene Wochen a Wochen a Wochen, wou d'Leit elo schonn do sinn, hinne Waasser a Plastiksfläschen ze ginn? Hätt een do net kéinten eng Alternativ fannen. Dat ass elo net déi ganz nohaltegst Léisung, déi mer vläicht do fonnt hunn. Mee ech mengen, wichteg wär fir dann ze wësse wéi elo d'Qualitéit vum Krunnewaasser do ass. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Madamm Thoma. Nach weider Stellungnamen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech schléisse mech dann natierlech emol als Éischt de Wierder u vun deene Gréngen a vun deene Lénken, dass mer net amused waren, dass mer aus der Press méi Fotoe kritt hunn, wéi bei de Presentatiounen. An ech mengen, mir mellen eis elo mol alleguer an de Kommitee vu Radio Diddeleng, well dann hu mer eng Méiglechkeet, fir ëmmer bei deenen offizielle Visitten derbäi ze sinn. Ech mengen, dat maache mer elo mol an Zukunft. Erstaunt war mer en plus ze héieren, dass verschidde Membere vun der CSV zu eis gesot hunn, ma mir waren awer schonn am Gebai. Ech sot, ma wéi waart Dir dann an deem Gebai? Majo, anscheinend war schonn eng Kommissiounssitzung an deem Gebai, also muss jo och ee President e Schlëssel schonn hunn, fir dee separaten Agang, dee mer jo extra geschaf hunn, fir vu baussen eranzegoen. Dat heescht, verschidde Leit ware schonn dobannen. Wéi gesot, mir sinn net amused, sou wéi et gaangen ass. Bon, dont acte.

Dat ass da mol den éischte Punkt. Mee, wéi gesot, dat huet elo näischt direkt mam Gebai ze dinn. Do si mer ganz frou, sou wéi Dir et och beschriwwen hutt, brut, einfach, fonctionnel, sou soll dat Gebai och sinn. Eis Leit sollen eng Plaz fannen, wou se kënnen éierbar schaffen. Mat der Hausse des prix, bon, mir sinn hei aner Saache gewinnt. D'Déierenasyl huet iwwer 40% méi kascht wéi am Devis initial. Also, do ass dat heiten net, fir an d'Hänn ze klappen. Mee et ass awer mat Ären Argumenter kënne mer awer domadder liewen, dass et esou gaangen ass, wéi et gaangen ass. Virdrun ass och scho gesot ginn, d'Explikatioune, firwat et deelweis méi deier ginn ass, ass jo och nozevollzéien. Zwee Punkte muss ee vläicht och nach just erausstuelen. Dir hutt gesot, mir hunn eng Kitchenett agebaut, déi war net virgesinn. Dat huet, mir haten dat extra nogefrot gehat, do gouf gesot, do soll no net gekacht ginn, do soll och just waarm gemaach ginn. Déi ass awer elo, fannen ech, fir just waarm ze maachen, awer relativ deier ginn. Mee wann Dir mengt, dat misst esou sinn, oder d'Leit mengen, dat misst esou sinn, dann huele mer dat dann esou zur Kenntnis.

Ech hunn awer eng aner Fro. 2021, wéi mer d'Diskussioun haten, do war gesot ginn, do ass et drëm gaangen, ass dat Gebai grouss genuch fir eis Besoinen? Well Diddeleng wiisst an esou weider, do huet et 2021 huet et geheescht, mir hu virun zwee Joer, also 2019, gekuckt, wat brauche mer u Leit a wat kann an deenen nächsten zéng Joren nach gebraucht ginn, also bis 2029. Mir sinn awer elo schonn 2026. An do ass d'Fro, fir wéi vill Joer ass dat Gebai nach grouss genuch? Wat mengt Dir? Dir hat och explizitt deemools gesot, dass an d'Büroe, wou ee kann eenzel bespillen, awer och theoreetesch kënne bis véier Leit pro Büro dragesat ginn. D'Fro ass och, ass dat schonn ausgelaascht? Oder hu mer do nach grousse Sputt? Well Dir hat och gesot vun de Vestiären, déi goufen esou geplangt, dass dat wat gebraucht wär, dat waren 80 % vun der Plaz. An do war nach e Sputt gewiescht vun 20%. D'Fro ass, si mer do nach gutt? Wéi vill Plaz hu mer nach? A vläicht wier et och interessant, nach eng Kéier gewuer ze ginn, wéi vill Leit genau am GMP elo schaffen. Dann zu de Servicer, déi geplënnert gi sinn.

Den Här Buergermeeschter hat elo nach iergende Service genannt, deen nach zousätzlech dobäi komm ass. Mir hate just am Kapp de GMP an dann nach d'Circulatioun an de Jardinage. Vläicht kënnt Dir eis do nach eng Kéier genau soen, wéi vill Leit dann elo theoreetesch oder reell an deem Gebai sinn. Och nach eng Fro war opkomm mam Parking am Sous-sol. Dat soll jo just sinn, fir d'Voiture-deservicen, wann ech dat richteg verstanen hunn. An net fir d'Privatautoen. Mee wou stellen d'Leit dann hir Autoen? Also, ech sinn dës Lescht emol eng Kéier dorop gefuer kucken. Do stinn onmoosseg vill Autoe baussen. Wéi ass dat virgesinn? Well iergendwann eng Kéier benotze mer jo och déi ganz Sitten.

Et ass jo gesot ginn, wa mer d'Rue de l'Abattoir eropfueren, dee ganze rietse Site, dee soll nei geplangt ginn. Do ass d'Fro un de Schäfferot, wéi wäit si mer do mat der Planung? D'Administratiounsgebai gëtt jo dann eidel. D'Plaz wou d'Réier leien, déi gëtt jo eidel. De Primavera ass ofgerappt, do ass en déift Lach. Do kréie mer jo vläicht nach eng Kéier gesot op den Devis, dee mer gestëmmt haten, déi 1,1 Milliounen och duergaange sinn, fir et ofzerappen. Huet de Schäfferot do schonn eng Iddi, wéi mer do weider virginn? Dann och d'Fro, wat geschitt mat deene Leit aus dem Gaswierk? Déi plënnere jo och elo alleguerten dohinner. Do war gesot ginn, do kënne mer nach net vill maachen, well do ass jo e Plan sectoriel drop an eng Servitude fir de Bus à haut niveau sud. Dee läit do drop. De Projet Barrière CFL steet och nach am Raum. Ass do och schonn eng konkreet Pist? Ech mengen, dat ass elo de Moment, wou de Schäfferot eis och vläicht dozou kann eppes soen.

Dann natierlech de CGDIS-Terrain. Och do, war jo gesot ginn, dee fléisst och an dee ganze Projet vun eisen neien Ateliere mat eran. Wéi ass do d'Zäitschinn? Ech mengen, et kann een dat och vläicht nach eng Kéier offiziell hei soen. Wéi ass geplangt, wéini de CGDIS plënnert? Ech hunn héieren, do sollen elo d'Ausschreiwunge fir deen neie Site erausgoen. Si se schonn erausgaangen? Dat ass eng Fro. An dann, och nach eng Fro, déi am Hannerkapp nach war. Et huet geheescht, mir halen nach d'Stolwierkshal. Déi brauche mer nach fir Stockage. An déi Saachen, déi do stockéiert waren, déi hätte sollen an de CGDIS-Site kommen. Ech hunn do en cours de route vun 2021 vill verluer. Wou si

mer elo mat deene Raimlechkeeten drun, mat deene Stockagen, déi do an där Stolwierkshal op nei Schmelz nach sinn? Wat geschitt domadder?

Voilà, dat si meng e puer Froen, déi am Fong och besonnesch iwwert dat globaalt Plangen an och d'Planung vun deem ganze Site am grousse Ganze sinn. An, wéi gesot, d'Haaptfro ass, ass et grouss genuch a fir wéi vill Joer hu mer nach Plaz fir all eis Mataarbechter, déi mer awer brauche fir eis Servicer funktionell ze halen? Merci fir déi Explikatiounen. Och, wéi gesot, mir sinn ëmmer frou wa mer detailléiert Explikatioune kréien. Merci och, dass mer e puer Deeg Zäit haten, fir dat ze kontrolléieren. An, jo, mir bäissen an de saueren Apel a mir stëmmen dann hei deen Devis remanié dann awer mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Nach weider Stellungnamen?

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech probéiere mech och ganz kuerz ze halen. Als Éischt géif ech awer nach eng Kéier hei Merci soe fir déi Presentatioun an natierlech och dem Schäfferot Merci emol eng Kéier soen, fir den informelle Gemengerot, dee mer haten, wou mer d'Geleeënheet haten, dat Ganzt ze beschwätzen an och am Detail ze kucken. Jo, richteg ass, dass eng Visitt natierlech flott gewiescht wär, wa mer déi am Virfeld hätte kéinte maachen. Nujee, et ass eeben elo wéi et ass. Ech hoffen natierlech dann, dass dat d'nächst Kéier dann e bëssen anescht gemaach gëtt.Wat awer d'Explosioun vum Bauindex ugeet an ech mengen dat ass eppes, wou mer eis jo awer unanime eens waren am informelle Gemengerot. Dofir wollt ech dat awer gär eng Kéier hei soen. Dat ass, dass kee konnt virausgesinn, dass eng Crise sanitaire kënnt. Et konnt kee virausgesinn, dass e Krich kënnt. A wann ech kucken, dass de Prozentsaz, wéi d'Madamm Kayser et richteg gesot huet, wou deen heite Präis elo trotz all deene Saache méi deier gëtt, dann denken ech, dass et dann awer nach relativ hei gutt gerechent war. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer. Nach weider Stellungnamen?

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Also, mir mussen hei nach eng Kéier iwwert e Projet stëmmen, deen am Gemengerot 2011 scho gestëmmt gouf, e wichtege Projet an eng Noutwendegkeet, en neit Gebai, fir d'administrativ Büroen ewéi och de Refectoire an d'Vestiäre vum Service Gestion et Maintien du Patrimoine, also am Volleksmond, d'Regiesservicer vun der Stad Diddeleng, d'Gemengenatelieren, déi schonn eng ettlech Joren um Bockel hunn an an de leschte Joren hir absolutt Grenzen erreecht hunn. Diddeleng ass gewuess, d'Unzuel u Personal logescherweis geklommen an d'Aufgaben un eis Servicer ginn ëmmer méi komplex. An de leschte Joren hu mer d'Garagen, d'Lager oder de Refectoire missen ëmbauen, fir zousätzlech administrativ Aarbechtsplazen ze schafen. Dir gesitt, de Bau vun engem administrative Gebai war batter néideg, fir datt eist Personal, ënner deene bescht méiglechе Konditioune weider eng gutt Aarbecht am Sënn vun eise Matbierger ka leeschten.

Am Gemengerot vum 25. Oktober 2021, wéi scho gesot, ass dunn déi richteg Decisioun geholl gi fir en neit administrativ Gebai um Site ze bauen. An haut, bal fënnef Joer méi spéit, kënne mer e flott an nohaltegt Gebai aweien. D'Servicer sinn agezunn, an dat wat ech bis elo esou héieren hunn, vun de Leit, déi do schaffen, ass de Projet och gelongen. D'Leit kënnen hirer Aarbecht a Konditiounen, déi der haiteger Zäit ugepasst sinn, nogoen. Wéi mir bei all eise Projete gewinnt sinn, ass och dëse Projet kee Prunkbau. Et ass en nohaltegen, energieeffizienten an intelligent geplangte Projet. Eng Infrastruktur fir déi nächst Joerzéngten, déi d'Gemeng Diddeleng fir d'Zukunft fit mécht. De Projet war ursprénglech jo mat 25 Milliounen Euro budgetiséiert, mee wéi mer jo all wëssen, huet d'geopolitesch Lag sech verännert, wat mat sech bréngt, datt d'Holzpräisser duerch de Krich an der Ukrain geklomme sinn.

Doduerch datt d'Conditioune vum PMR-Gesetz vun 2022 ugepasst gouf, hunn nach missen Upassunge gemaach ginn an d'Sécherheetsnorme goufen ugepasst. Dat sinn Haussen, déi beim Opstelle vum Budget net virauszegesi waren. D'Resultat ass en Devis remanié du gi vun 27,5 Milliounen Euro, also enger Hausse vun 11% par rapport zum initialen Devis, woubäi de Bauindex hei awer erëm déi gréisste Part ausmécht. Wéi aus den Dokumenter ervirgeet, déi de Gemengerot a voller Transparenz am Virfeld krut, handelt et sech bei dëser Hausse majoritär ëm de Bauindex. Hei wëll ech awer och nach eng Kéier dem Bureau Architecture et Environnement wéi och eise Servicer Merci soen, fir d'Presentatioun an d'Äntwerten op déi Froen, déi mer haten. Dës Hausse ass net duerch zousätzleche Luxus entstanen. Jo, och d'LSAP ass net frou, wa bei geplangte Projeten zousätzlech Käschten musse gestëmmt ginn. Mee wa wärend der Bauphas vun engem Projet zousätzlech Käschten duerch Imprevuen entstinn, komme mer einfach net derlaanscht. De Schäfferot huet hei seng Verantwortung geholl, fir en innovatiivt an nohaltegt Gebai ze bauen, dat et eise Mataarbechter erlaabt, wärend deenen nächste Joren ënnert deene bescht méiglechе Konditiounen ze schaffen.

Ech wëll awer och op déi reegelméisseg Visitten agoen, hei entsteet elo e bëssen esou den Androck wéi wann d'Oppositioun hei komplett ausgegrenzt géif ginn. Ech kann lech soen, d'LSAP war et och nach net kucken, mol als Éischt, an an deene Joren, wou ech elo hei derbäi sinn, dat ass nach net allze laang, mee do si reegelméisseg Visitten an ech géif mengen, dat heite wär e bëssen eng ongléckelech Situatioun gewiescht, ech denken, dass de Buergermeeschter do nach e Wuert dozou wäert soen. Als President vun enger Kommissioun wëll ech och vläicht iwwert de Schlëssel schwätzen. Nee, mir hu keng Schlëssele fir an d'Gebaier hei op der Gemeng. Dat heescht, wa mir Reuniounen hunn, da froe mir Säll un an da kréie mir déi zougedeelt an dann ass meeschtens e Portier do, deen eis opspäre geet, fir dass mer d'Reunioune kënnen halen. Also, wéi gesot, mir hu keng Schlëssele vu sämtleche Säll hei am Gebai.

Da kann ech der Madamm Kayser nach eng Kéier d'Zäitschinn soen, vum CGDIS, déi hat ech jo scho gesot, also déi ass geplangt a fir Mëtt 2032 soll de CGDIS vum Site op der Lëtzebuerger Strooss an deen neie Site bei der Husky

anzéien. Voilà, mir als LSAP wäerten dëse Projet hei och matstëmmen. Merci villmools.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Goergen. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da soen ech villmools Merci. Da géif ech d'Wuert weiderginn un den Här Pelt, den Här Wagner, respektiv d'Madamm Castagna, respektiv un eis Servicer, fir op déi méi technesch Prezisiounen anzegoen. An da géif ech och nach e puer Saache soen. Merci.

LAURENT PELT (INGENIEUR VUN DER STAD DIDDELENG): Gudde Mëtteg allersäits nach eng Kéier. Fir déi puer technesch Punkte ginn ech een nom aneren duerch. Et waren der e puer komm. Mat den Haussen ass et effektiv esou, dass déi Zäit, wou mer ausgeschriwwen hunn, d'Haussen héich waren a virun allem fir den technesche Volet. Dat ass och do, wou een dat gesäit. Zu der PV-Anlag, déi hat Der jo gesot gehat, et ass manner PV-Anlag ëmgesat ginn an se ass awer duebel esou deier ginn. Et war awer genau bei de PV-Moduller, wou eng extreem héich Hausse war. Dat ass e bëssen dat, wat mir, wat mir hei erkennen.

Zum Drénkwaasser. Et muss ee jo soen, wou mer déi éischt Analyse kritt hunn, déi net gutt waren, hu mer groussflächeg Analyse gemaach am ëffentlechen Drénkwaassernetz an am Gebai. Am ëffentlechen Drénkwaassernetz ware keng Suergen. An am Gebai hu mer zousätzlech Analyse gemaach. Déi eng Analys, déi war de fënnefte Mäerz, do hu mer mëttlerweil gutt Resultater. An déi lescht Analys war den nonzéngte Mäerz. Dat ass eigentlech, well mer domadder wëllen ofwaarden, dass déi gutt Resultater confirméiert ginn, éier mer gréng Luucht ginn, an do erwaarde mer eis eigentlech och positiv Resultater. Dat heescht, ab deem Moment, wou mer déi hunn, gëtt dat kontersignéiert vun der ausféierender Entreprise, déi nach net ofgeholl ass, a vum Bureau d'Etudes, fir da kënne gréng Luucht ze ginn.

Zu der Kichen, wou Der gesot hutt, an der Tabell gesäit esou aus, wéi wa se méi deier gi wier, dat ass op Basis vun enger Ëmschichtung vun de Positiounen, wou se ausgeschriwwen ass. Also, et muss ee soen, wann Der kucke kommt um Rez-de-chaussée, wäert Der gesinn, mir nennen dat Kichen, et ass eng Kichen, wou Frigoe stinn, wou d'Mataarbechter kënnen hir Saache killen, lageren, bis zu hirer Paus. Do ass eng Batterie vu sechs Mikrowellen, wa si erakommen, fir Iesse waarmzemaachen, awer et ass keng Kichen telle quelle fir ze kachen. En plus fënnt een do nach eng professionell Spullmaschinn, well do, wou herno bis zu 240 Leit hiert Iesse waarm maachen a knaschtegt Geschier produzéieren, muss een eeben och virugoen, fir et propper ze maachen. Dat heescht, do ass och nach eng professionell Spullmaschinn. An da sinn um éischt Stack an um zweete Stack esou Kitchenetten, Personalkichen, wou eng Kaffismaschinn an eeben och eng kleng Mikrowell steet an d'Dëscher fir kënnen dann ze iessen.

Zu der Unzuel vu Persounenen: Fir den Dimensiounement vum Gebai ass deemools eng Kéier eng graff Aschätzung gemaach ginn, wéi et géif wuessen. Et ass natierlech schwéier, ze soen, wéi wiisst d'Gemeng a wéi wiisst de Bedarf un techneschem Personal. Aktuell sinn an der administrativer Unitéit ronn 50 Persounen an den administrative Büroen a jee no Bürosbeleeung kéint een opstocken op circa 70 bis 75 Leit. A vun den technesche Servicer, déi do sinn, sinn der ronn 180 inklusiv Gaswierk, Jardinage, Travaux généraux, Garage, Peinture, Maçonnerie, Schräinerei, Schlässerei, déi elo um Site sinn, an de Refectoire bitt d'Plaz fir bis zu 245 Leit. Dat heescht, do ass och eng gewësse Marge. Et ass awer schwéier viraussobar, wéini déi Marge eeben erreecht ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Pelt, elo dann den Här Wagner.

MARC WAGNER (ARCHITEKT BEI AE ARCHITECTURE ET ENVIRONNEMENT): Jo, villäicht, wann Der d'Gebai eng Kéier vu baussen och kuckt, dee viregten Deel ass méi héich wéi de Rescht. Dat heescht, d'Statik ass awer esou ausgeluecht, datt wann et doriwwer eraus vun de Reserven nach ëmmer géif e Manktem sinn, fir administrativ Besoinen, da kann een den hënneschten Deel och nach eng Kéier bebauen. Dat heescht, d'Statik ass prett dofir, mir hunn eng duerchgehend Dall op där Plaz, dofir muss een, wann een eraus op d'Terrass geet, e puer d'Träppleker eropgoen, well d'Isolatioun dann drop ass, dat kéint een awer réckbauen an nach eng Kéier méi grouss maachen. Dat heescht, do wären och nach eng Kéier Reserven, datt en zweet administratiivt Gebai op de Site misst kommen, et kéint een dat Gebai, wat do ass, nach eng Kéier e bësse méi grouss maachen. A puncto PV-Anlag kann ech och op positiver Säit soen, datt d'Effizienz vun den eenzelne Pannoe weesentlech besser ass wéi dat wat elo fir fënnef Joer war.

CATHY CASTAGNA (RMC CONSULTING SÀRL): Gudde Mëtteg alleguerten. Ech wollt just nach eng Kéier zousätzlech hei bäifügen, wat de Bläigehalt ugeet an de Leitungen. Dir musst och wëssen, am Dezember, wéi déi éischt Prouwe geholl gi sinn, do war dat Gebai nach net a Funktioun. Dat heescht, de Chantier war just fäerdeg, do hu mol missen all d'Leitungen desinfizéiert ginn. An déi Analysen, déi sollen och gemaach ginn, wann d'Gebai en fonction ass, wat elo och gemaach ginn ass, an déi beleeën, datt d'Waasserqualitéit genau no den Normen ass. A wéi scho gesot, fir déi nächst Analysen, déi mer elo d'lescht Woch gemaach hunn, hu mer och näischt aneschters ze erwaarden, wéi datt dat alles ok ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci fir déi doten Erklärungen. Ech mengen dat wär alles, wat mengen ech e bësse méi technescht gesot ginn, da ginn ech och op vläicht e puer Punkten an. Effektiv, an et ass e puermol gesot ginn, mir hunn hei eng Hausse vun 11%, wou mer nostëmme missten, déi 2,7 Milliounen Euro. An dat mécht een natierlech net frou, dass een dat muss maachen, sief dat hei, sief dat och, wéi gesot, beim Déierenasyl. Et ass säitens vun deene Gréngen an och vun der CSV monéiert ginn, engersäits d'Planung, respektiv dann awer d'Hausse vun de Materialien, respektiv dann de Bauindex, engersäits Versteesdemech fir déi Haussen an anerersäits awer méi eng stringent Planung, déi ee soll hunn. Bon, ech muss jo soen, bei der Planung vun deem

heite Projet ass sech jo strikt un dat gehale ginn, wat mer hei gestëmmt hunn. An ech wéilt vläit deene Gréngen an och der CSV soen, dass den Diddelenger Buergermeeschter weeder d'Haussë vun de Materialien nach de Bauindex afréiere kann. Déi Kompetenz hunn ech net. Ech wär natierlech frou, wann ech et kéint maache fir eis Projeten an ech mengen, 99 aner Buergermeeschtere wären och frou, wann se et kéinten maachen.

Mee hei si mer, mengen ech, au détriment vun effektiv engem internationale Kontext, dee mer hei zu Diddelenger net steieren, ausser um nationale Plan géifen Decisiounen an déi Richtung geholl ginn. An ech hunn och, wann hei de Message war, dass mer an der Planung besser sollen oppassen, awer och elo net säitens vun deene Gréngen an och vun der CSV héieren, dass se den Index respektiv de Bauindex a Fro stellen. Well dat, mengen ech, wär jo dann en Akzent, wou ee kéint usetzen, fir dann effektiv verschidde Montanten anzefréieren, op alle Fall d'Glaskugel, wann een e Projet stëmmt, respektiv wat da vu Bauindex och duerno kënnt, wéi generell beim Index och bei eise Paien, déi mer och hunn, effektiv och déi Präisdeierechten, och dat sinn Automatismen, déi spillen an déi huet een och ze applizéieren. An ech mengen, dat war hei de Fall, wéi och gréisstendeels beim Déierenasyl, wéi gesot.

An awer verstinn ech natierlech, an do sinn ech ganz bei Iech, dass esou wéi een de Projet och stëmmt, och de Projet soll an där Enveloppe budgétaire ëmgesat ginn. Mee, ech mengen dofir wär et eis och wichteg, och déi néideg Informatiounen ze ginn an dem informelle Gemengerot, en vue vum Gemengerot vun haut. An ech mengen, ech soen hei nach eng Kéier, wat ech och am Kader vum Budget gesot hunn, an och am leschte Gemengerot gesot hunn, soubal de Kont vum Joer 2025 virläit, dass mer da jo en informelle Gemengerot maachen, wou mer och iwwert déi aner Projete kucken. Bon, déi Kritik, déi geäussert gouf par rapport zu där Visitt, ech mengen, ech muss jo soen, dass dat heiten elo generell jo keng Projete waren, déi de Gemengerot net géif kennen. Ech hätt déi Kritik verstan, wa mer elo Saache presentéiert hätten, déi sech dem Gemengerot senger Kenntnis géifen entzéien, wou ee komplett nei géif entdecken. Och deen Exercice, dee mer gemaach hunn, dat waren, wéi gesot, Projeten, déi alleguerten hei der en long et en large am Gemengerot presentéiert, diskutéiert an och ofgestëmmt goufen.

An natierlech wäerte mer och bei all Projeten, wéi dat esou Usus ass, och mat de Ministèren an och mat de Ministeren, déi eis hei subventionéieren, eng Inauguratioun maachen, sou wéi mer dat bei all de Projete maachen. An do ass natierlech och de ganze Gemengerot invitéiert, fir mat dobäi ze sinn. A wou dann och natierlech méi in extenso och Visitte gemaach ginn, wéi dat elo virun e puer Deeg de Fall war, wou et éischter d'Iddi war vun engem Aperçu ze ginn an deene verschidde Beräicher, wou d'Stad Diddeleng investéiert an eng ganz Rei Projeten, déi och dëse Gemengerot jo matgedroen huet. Dat par rapport zu deenen doten Ausféierungen. Da wollt ech awer och nach soen, an ech mengen dat war d'Madamm Kayser, déi déi Fro gestallt huet, wéi et elo weidergeet, respektiv wat ech virdru gesot hunn, et ass jo esou, dass en Deel vum Gas- a Waasserwierk vum administrative Personal jo eriwwer plënnert hei an de GMP. An dann ass et op där Plaz, wou elo d'Gas- a Waasserwierk ass, do ass jo effektiv déi ganz Diskussioun, mee do si mer jo net eleng Planer. Dat ass eng Planung, déi jo zesumme gemaach gëtt mam Staat, mat den Travaux publics, dat heescht, beim Staat, dat heescht souwuel d'CFL wéi och d'Ponts et chaussées virun allem, fir déi ganz Aarbechten ze maachen, och déi ganz Unterführung vun der Ponts et chaussées, mat den Direktzich, déi kënnen an d'Stad goen, wou effektiv dat doten Areal och gebraucht gëtt. Dat heescht, dat si Planungen, déi lafen, mee et ass jo de Staat, deen de Lead huet fir déi dote Projeten ëmsetzen, dee sech jo och an de Kader vum iwwergoende Projet Neischmelz jo dann och areien. Dat ass deen een Deel.

Deen aneren Deel ass de Volet Primavera, wou effektiv vum Gebai eng Demolitioun jo stattfonnt huet, wou d'Aarbechten och elo amgaange sinn. A wann Dir Iech kënnt drun erënneren, Madamm Kayser, hate mer jo am Kader vun der Budgetsdiskussioun oder am Dezember gesot, dass fir deen ee Projet,  dee Budget, dee mer eis ginn hätten, iwwert eng Millioun Euro war, dass mer dee wéilte jo éischter zréckstellen an éischter eng Etüd maachen, wéi mer dee Site do am beschten notze kënnen, och eeben en vue vun deem ganze Stockage, dee mer ausserhalb vun der Gemeng maachen, fir deen dohinner kënnen ze kréien. Do wollte mer nach e Schratt zréckgoen, fir e bëssen eis eng Vue d'ensemble ze ginn, wéi mer dat maachen. Mee do hu mer jo e Contrat de bäi, eng Konventioun, wou mer dann dee Moment dee Stockage do hunn. An d'Iddi ass jo dann, herno um Primavera dat dann ze maachen.

An op déi aner Fro, mengen ech, ass virdrun eng Äntwert gi ginn, vum Här Goergen. 2032 soll de gemeinsame Center komme bei der Husky. A wann dann deen dote Terrain fräi gëtt, dann ass jo d'Iddi, an der Rue de l’Abattoir engersäits op der lénker Säit, do wou de CGDIS lo ass, déi ganz administrativ, respektiv déi ganz Regieberäicher ze hunn, vum GMP an dann op der rietser Säit éischter dann e Wunnengsbau ze maachen, well mer jo dann à cheval sinn, och mat deenen aneren Haiser. Ech mengen, dat ass déi urbanistesch Planung, fir dann herno an de Ribeschpont eranzegoen. Mee bon, dat ass éischter eng mëttel- a längerfristeg Planung a wann een dat jo bedreiwen, da weess ech jo, 2032 bis dohinner ass de CGDIS nach do op der Plaz, well en nach muss, do mengen ech, operationell sinn a funktionéieren. An do kuckt een dann am Virfeld och vun deem Projet vum CGDIS, wou de CGDIS jo selwer Bauhär ass, bei der Husky, wéi dee weidergeet, fir dann déi weider Planunge kënnen an Ugréff ze huelen. Voilà, ech mengen dat nach awer och nach als Prezisiounen zu Äre Froen, déi Der hat.

Dëst gesot, géif ech da proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem Devis remanié averstanen? ***Dat ass unanime.*** Do soen ech Iech villmools Merci. An och eise Gäscht Merci fir hir Presenz.

**3.3. Approbatioun vun engem Contrat de sous-location mat der Firma Wild Shops Sàrl aus Lëtzebuerg iwwer d'Loune vun engem kommerziell genotzte Raum op Nummer 38, Avenue Grande-Duchesse Charlotte**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Do geet et ëm d'Entwécklung vum Commerce hei zu Diddeleng. Dir wësst, dass mer op 38 Avenue Grande-Duchesse Charlotte Locataire si säit 2021 vun engem Geschäftslokal, wou mer jo och elo kierzlech hei am Gemengerot de Kontrakt opgeléist hunn. An elo en alen neien, oder en neien ale Bekannten, wéi een et wëllt dréinen, erëm op Diddeleng zréckkënnt. Dat ass Wild Shops Sàrl, bekannt ënner der lëtzebuergescher Mark Rebounce. Déi ware schonn eng Kéier hei zu Diddeleng, fir knapp, een, zwee Méint fir e Pop-up Store ze maachen. An elo komme se zréck fir ee Joer emol viraussiichtlech, wou mer hinnen an d'Geschäftslokal do zur Verfügung stellen. Wéi gesot, et ass eng Produktioun, alles made in Luxembourg an effektiv ass do Rebounce duerch den Här Rui Miroto da Cunha Rui vertrueden. Wéi gesot, mir stellen et doten ee Joer zur Verfügung, vum 1. Mäert 26 bis den 28. Februar 2027 fir 1.200,00 Euro de Mount an natierlech och d'Chargen, déi en ze bezuelen huet.

Ech mengen dat heiten ass ganz flott, well, wann Der scho Méiglechkeet hätt, dohinner eranzegoen, do si ganz, ganz flott Saachen, wat d'Moud ugeet, wat d'Accessoiren ugeet, vun Hoodië bis Kapen an och ganz sportlech Varianten. A wéi gesot, awer och subsidiairement mat de legalen Normen a sanitäre Normen, déi en vigueur sinn, an dat ass gekuckt ginn, dat ass de Fall. Och nach Tatouage-Aktivitéite kënnen hei gemaach ginn, vum Här Rui Miroto da Cunha, wéi gesot, deen de Vertrieder ass hei vun der Sàrl. Mir hunn och dra geschriwwen, an dat ass e bëssen en neie Moment, och mat eisem neie City Manager, dass mer och, wa mer schonn an d'Sous-Locatioun ginn, an et si jo Erfarungswäerter, déi mer gemeet hunn, dass mer an der Sous-Locatioun mol Geschäftsleit haten, déi méi oder manner aktiv waren iwwer d'sozial Reseauen, iwwer d'Aart a Weis, wéi se natierlech och de Commerce no baussen duergestallt hunn, wat och zu der Attraktivitéit vum Commerce awer och vun der Stad Diddeleng bäidréit.

An do hu mer och an dëse Kontrakten, an et ass fir d'éischt wou mer dat esou maachen, dat och festgehalen, dass ee méi eng aktiv Kommunikatioun op de soziale Reseaue soll hunn, dass wa mer Eventer maachen, dass een och do méi mat eraklëmmt als Stad Diddeleng, also wa mer se maachen, dass si méi mat eraklammen an eis Eventer. An dass een och do méi aktiv mam City Management zesummeschafft, fir dass dat och méi eng flott Dynamik ka ginn. Do sinn der schonn eng Rei, déi dat maachen. Mir wollten awer elo dat méi verstäerkt och hei dra setzen. Esou mengen ech, ass déi heite Besetzung fir ee Joer mat Rebounce, wéi gesot, sech duerch och zu enger ganz, ganz flotter Attraktivitéit, duerch och de Geschäftsmodell ka bäidroen, well et zimmlech frësch ass an zimmlech peppeg ass vun de Wueren, déi hei verkaf ginn. A virun allem och, wat jo och net onwichteg ass, nieft der Breetband vu Commercen, déi mer hunn, och eng méi jonk Clientèle och ganz kloer ugeschwat gëtt. Voilà, dat zu den Ausféierungen, wat dëse Contrat de bail ugeet an d'Diskussioun ass op.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Dir hutt am Fong scho meng hallef Interventioun hei ewechgeholl, well Dir dat erkläert hutt, wat mir am Kontrakt och opgefall ass, dass do Saache bäikomm sinn. Ech fannen dat am Endeffekt gutt mat deenen doten Erklärungen, well ech fannen, dass een als Gemeng jo schonn engem d'Méiglechkeet gëtt, sech hei ze etabléieren an dann awer och fuerdere kann, dass een op där anerer Säit iergendwou Reklamm fir Diddeleng mécht, fir d'Akafsstrooss Diddeleng. An dat geet iergendwéi Hand an Hand an dat gefält mir elo perséinlech gutt. Och déi Offer, ech mengen de Rebounce, mir haten e schonn eng Kéier hei, dee passt op Diddeleng, dat ass e flott Geschäft, wou och déi jonk Leit gären akafe ginn an och déi brauche mer zu Diddeleng, fir e bëssen eng Vilfalt an eis Akafsstrooss ze kréien. Da bleift mer just nach eng Fro, dat ass u sech déi, wisou dass dëse Kontrakt am Fong just op ee Joer geet, soss hate mir jo ëmmer gestaffelt op dräi Joer mat Aussiicht herno, dass dee ganze Loyer géif ofgedeckt ginn. Fir de Rescht stëmme mer dat hei awer egal wéi mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Nach weider Stellungnamen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) : Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Jo, och mir begréissen natierlech iwwerhaapt déi ganz Approche vun der Diddelenger Gemeng, fir Geschäfter zur Verfügung stellen, fir Pop-uppen. Dat ass schonn eng gutt Saach. Dass Diddeleng awer attraktiv ass och fir Jonker, dat gesäit ee, wann d'Leit nach eng Kéier wëllen erëmkommen. Wéi gesot, de Rebounce war jo schonn hei an ech mengen, do muss hinnen och gutt gefall hunn, soss hätten se net nach eng Kéier gefrot. Meng Fro ass just eng prinzipiell Fro. Si hate schonn nach eng Kéier e Pop-up-Kontrakt. Elo kréie se nach eng Kéier e Pop-up-Kontrakt. Hu mir do vu vireran ausgemaach, dass mer en Delai setzen dertëschent, fir nach eng Kéier eng Demande ze maachen oder, mir hate jo och schonn de Fall, dass mer e Pop-up nach eng Kéier verlängert hunn? Wéi wéi eng Linne gi mer eis do?

Dat Eenzegt, wou mir e bëssen um Mo läit, dat ass déi Geschicht mam Tatouage. Dat ass awer schonn eppes, wat awer an engem extreem propperen a korrekten Ambiente soll oflafen. An hei steet just „une activité accessoire de tatouage est autorisée". An da steet hannendrun „pour être exercé conformément à toutes les normes légales et sanitaires en vigueur". Wéi leeft dat of? Kënnt do d'ITM dat ofhuelen? Well ech mengen dat ass jo awer schonn hautzudaags net esou ohne. An dann och wéinst den Hygiènesmoossnamen. Well ech mengen, dee Buttek ass awer relativ kleng. Wou wëllen se do nach en Tatouage-Salon dra maachen? Oder hu se do nach um éischte Stack eppes? Well wann do den Tatouage do ass, wou och d'Kleeder verkaaft ginn, ech gesinn dat elo net esou super als hygieenesch perfekt un, dass mer dat elo kënnen einfach esou toleréieren.

Also, wéi gesot, wann dat elo esou ausgemaach ass, bon, wéi gesot, hoffen ech, dass do näischt virkënnt, dass keng

Problemer si mat der Gesondheet vun de Clienten, well dat héiert een awer an dat gesi mir och leider heiansdo, dass et net ëmmer esou einfach ass, dass dat lega artis alles ofgehale gëtt. Wéi gesot, prinzipiell fanne mer dat gutt, mee déi Fro mat den Tatouagen, wéi dat kontrolléiert gëtt oder si mir als Gemeng och do zoustänneg, wann eng Kéier eppes schif leeft? Oder ass dat just den Tattoueur, deen dat huet? Dat ass vläicht awer och nach eng Fro, déi wichteg ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen?

WALTER BERETTINI (LSAP): Här Buergermeeschter, Merci fir d'Wuert. Léif Gemengerotsmemberen, am Kader vun onser Strategie fir d'Revitaliséierung vum Diddelenger Stadkär setzt Diddeleng seng Engagementer fir d'Lokalwirtschaft weider konsequent ëm. D'Zil ass, d'Entreprenariat ze fërderen, innovativ a qualitativ kommerziell Geschäftsmodeller ze ënnerstëtzen an opzebauen. Dëse presente Bail, ofgeschloss mat der Gesellschaft Wild Shops, Sàrl an der Gemeng Diddeleng, dréit aktiv dozou bäi, datt d'Aktivitéit vum Zentrum ze stäerken an nei dynamesch Projeten unzezéien. Dëse Bail ass e konkreet Beispill vun der proaktiver Wirtschaftspolitik vun der Stad Diddeleng. Hien ënnersträicht de Wëlle vun der Gemeng, de lokale Commerce nohalteg ze stäerken, eng dynamesch Stadentwécklung virunzedreiwen, kreativ Geschäftsmodeller unzezéien an den Zentrum als Liewens- a Begegnungsraum weider ze valoriséieren. Dëse Projet passt perfekt an d'Ausriichtung vun onser lieweger zougänglecher an attraktiver Stad Diddeleng.

D'Geschäftslokal befënnt sech op der Adress 38 Avenue Grande-Duchesse Charlotte mat enger Verkafsfläch vun 103 Quadratmeter an nach e Stockage am Keller vu 60 Quadratmeter. D'Stad Diddeleng handelt hei als Ënnerlocatrice mat der ausdrécklecher Erlabnis vum Proprietär Elba Punkt S.A. Komme mer zur kommerzieller Aktivitéit. D'Mark Rebounce wäert e Konzeptgeschäft féieren, dat aus ënner anerem Follgendem besteet. Moud a Kleedung, Accessoiren, Bijoux-fantaisie, eng accessoire Aktivitéit am Beräich Tattoo, gesetzlech an hygieenesch conforme, cela va de soi. Dëst Konzept bréngt Fräschheet an Originalitéit an Aktivitéit an den Diddelenger Stadkär. Punkto Wildshop a Rebounce, zu Diddeleng gouf et schonn e Pop-up, e temporäre Concept Store vum Wildshop, an deem d'Mark Rebounce hir Produkter verkaf huet. D'Geschäft war éischter Event-baséiert an zäitweis op, mat engem staarke Fokus op Underground a Street Art Kultur. Wourop baut d'Mark Rebounce op? Ma Rebounce ass eng lëtzebuergesch Mark, gegrënnt a geleet vum Rui Miroto. D'Inspiratioun kënnt aus ënnerschiddleche kulturellen Zeenen, ënnert anerem aus der Tattoo-Kultur, dem Hip-Hop a Street Art wéi awer och ënnert anerem aus der Motor- a Bikerzeen.

Nach e puer net onwichteg Wierder zum Engagement vum Geschäft. Et ass esou, dass de Vertrag eng Rei positiv Verflichtunge setzt, déi onser stättescher Politik entgéintkommen. Opmaache mindestens sechs Deeg d'Woch fir eng staark Presenz am Zentrum. Sou wéi den Här Buergermeeschter scho soen, aktiv Kommunikatioun an de soziale Medien, fir d'Visibilitéit ze erhéijen, Participatioun no städtege Evenementer, Braderie, thematesch Animatiounen, Aktioune mat lokalen Acteuren an natierlech eng enk Zesummenaarbecht mam City Management, fir Synergien am Stadkär ze fërderen. Duerch dës Engagement dréit de Geschäftsbedreiwer direkt zur kollektiver Dynamik vun der Stad bäi. D'Dauer vum Bail ass effektiv ee Joer vum 1. Mäerz 26 bis den 28. Februar 2027. Dës kuerzfristeg a flexibel Form erméiglecht et, nei Iddien ze testen an innovativ Geschäfter ze proposéieren. Fir eis als LSAP sinn esou Geschäftsiddien eng wierklech schéin a motivéierend Entwécklung, si bréngen e frësche Wand, déi virun allem jonk a jonk bliwwe Leit inspiréiert. Mir als LSAP sti voll hannert dësem villverspriechende Projet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Här Berettini. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Bon, da soen ech Iech villmools Merci awer fir déi, wou d'Wuert ergraff hutt, fir déi grouss Zoustëmmung, wat dëse Commerce ugeet, och mat där enger oder anerer berechtegter Kritik oder Froestellung éischter, an ech wäert och drop agoen. Also, hei hu mer d'Press nach net geruff, mee hei eng Invitatioun awer, gitt Iech d'Méiglechkeet a gitt lokal wierklech kucken. Et ass flott gemeet, et ass modern. An, Madamm Kayser, et ass eng ganz kloer Oftrennung tëscht dem viischten Deel, wou Kleeder verkaaft ginn, an deen hënneschten Deel, wou effektiv den Tatouage ka stattfannen. An et ass absolutt kee Problem ab deem Moment, wéi gesot, wou dann och, an dat ass de Fall, déi professionell Dokumenter virleien an e professionellen Tatoueur dohinner geet. Et ass also eng kloer Trennung tëschent der geschäftlecher Aktivitéit, wat d'Moud ugeet, an déi Aktivitéit, wéi gesot, ronderëm den Tatouage. Also, wéi gesot, mir loune jo och hei just d'Geschäftslokal um Rez-de-chaussée, den éischte Stack, do si jo Wunnengen. Also, do gi mer, wéi gesot, net drun.

Par rapport zu der Fro, déi gestallt ginn ass, wat d'Linn vun der Gemeng ass, wa mer esou eng Sous-Locatioun maachen. Klassesch, dat wësst Dir, dat heiten ass elo, et kann ee soen, et huet ee jo dee Pop-up, dat ass dann 1 bis 2 maximal 3 Méint. Ben, hei si mer bei engem Joer. An dann hu mer effektiv déi Approche 1 Joer, 2 Joer, 3 Joer, wou mer dat drëtt Joer dann op de Loyer eent zu eent iwwerginn. Hei ass e bësse méi eng virsiichteg Approche, fir ze kucken, nieft dem Pop-up, wann een 1 Joer bleift, wat e bësse méi laang ass, méi e grousst Engagement ass, wéi et effektiv leeft. Dat verhënnert net, dass een herno op de klasseschen 1, 2, 3 Méint iwwergeet. E bësse méi eng virsiichteg Approche, well dat och e bëssen eng Demande ass, fir nach eng Kéier ze kucken a wärend engem Joer einfach ze testen, geet et grad esou gutt wéi beim Pop-up. Dat ass dat eent.

An dat anert ass, ech mengen dat wësst Der och heibanne, vu dass mer mat de Contrat-de-sous-locationen heihinner kommen, maachen och scho klassesch Contrat-de-sous-locatione fir 1, 2, 3 Joer, wou mer am zweete Joer, aus verschiddene Grënn, an déi mer och hei erkläert hunn, missten eng Resiliatioun maachen. An dofir kann ee sécherlech ëmmer dat uviséieren, dat 1, 2, 3, mee wann een op eemol en cours de route da mierkt, dass et net geet, jo, da ginn

d'Rolllueden zougemeet an da geet leider de Commerçant fort. Déi Situatioun hate mer jo mam Mylord, wou mer hei effektiv diskutéiert hunn. Duerfir hei méi déi virsiichteg Approche vun engem Joer.

An dat schléisst net aus, dass dat herno natierlech ausgeweit gëtt, wann och d'Resultat satisfaisant ass. An ech hoffen, dass d'Resultat satisfaisant ass, well dann huelen ech vläicht e bësse méi wäit aus, ouni ze vill wäit auszehuelen, wann ee jo och um nationale Plang kuckt, wat d'Resultater si vum Retail Report vum Joer 2026. Do gesäit ee ganz kloer, dass et en nationalen Trend gëtt, dass Liewensmëttel, Gastronomie oder Fast Food, dass déi um Komme sinn, dass déi ganz, ganz vill Lokaler effektiv besetzen, dass do Haussë sinn, och prozentual, dass déi national gesinn, an dass virun allem dee ganze Volet ronderëm d'Moud, dass deen éischter réckgängeg ass.

Dofir, mengen ech, ass et engersäits gutt, dass mer mam Rebounce hei da Moude geschaaft hunn, déi effektiv méi Jonker uschwätzt, mat alle Schwieregkeeten awer, déi och effektiv d'Textilbranche huet, d'Moudebranche och deementspriechend huet oder awer hei mat Acteuren ze dinn huet, wéi mat Rebounce, déi net nëmmen op hir d'physeschst Lokal setzen, mee och an de soziale Medien ënnerwee sinn. Ech mengen, dass dat zousätzlech Visibilitéite bréngt, fir och de lokale Commerce an och d'Moud, wa se an engem Stadkär ass, och ze stäerken. Also do sinn eng ganz Rei gréisser Erausfuerderungen, déi hei Lëtzebuerg betreffen, unhand vun deem leschte Rapport, deen erauskomm ass, a sécherlech och hei zu Diddeleng.

Ech hätt - mengen ech - op alleguerten d'Froe geäntwert, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwer ginn. Wien ass mat dësem Contrat de bail de sous-location averstanen? ***Dat ass unanime***, dofir soen ech lech villmools Merci an da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen.

### 3.4. Approbatioun vum 2. Avenant vun der Konventioun tëschent dem ONA, dem Hotel-Restaurant Cottage an der Stadt Diddeleng iwwer d'Bereetstelle vun enger Ariichtung fir den temporäre Logement vu Persounen, déi temporär Protektioun genéissen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass d'Approbatioun vun engem zweeten Avenant mam ONA, dem Hotel-Restaurant Cottage an der Stad Diddeleng. Bon, dat heiten ass eng Adaptatioun. Generell, dat wësst Dir, si mer an der Situatioun, leider, dass de Krich nach net eriwwer ass, an dass mer als Stad Diddeleng, wéi gesot, vun 2016 u jo international Solidaritéit weisen, andeems mer jo och eng Struktur vum ONA fir 90 Leit hei zu Diddeleng hunn, déi vun der Croix-Rouge geréiert gëtt am Quartier Schmelz an, wéi gesot, wéi viru véier Joer déi éischt ukrainesch Flüchtlingen an d'Land komm sinn an och hir Protektioun kritt hunn, hu mir och do eis international Solidaritéit spille gelooss an effektiv dann och mam Hotel Cottage eng Rei Kontakter opgeholl, wat och d'Ënnerbréngung vun hinne ka sinn.

De Moment si mer an der Situatioun, dass de Cottage 14 Zëmmeren zur Verfügung stellt, fir ukrainesch Flüchtlingen. Dat sinn am Ganze 27 Residenten, déi do am Cottage sinn, wou och weider vun der Croix-Rouge betreit ginn. Et ass och esou, dass wat déi 14 Zëmmeren an déi 27 Residenten ugeet, hei jo dann eng Prolongatioun stattfënnt vun dësem zweeten Avenant, dee leeft jo am Mäerz 2026 aus a gëtt also ëm 1 Joer verlängert, vum 1. Abrëll 2026 bis den 31. Mäerz 2027. An d'Stad Diddeleng hëlt 3.000 Euro en charge. Ech mengen, dat ass dat, wat op eis duerkënnt. An de Rescht vun der Prise en charge, dat heescht d'Locatioun vun den Zëmmeren an deelweis och d'Iessen, dat gëtt vum ONA en charge geholl. Dat heescht, mir behalen eis Contributioun bäi a mir bleiwen do solidaresch. Mee déi limitéiert sech hei, wéi gesot, op 3.000 Euro.

Voilà, dat ass dat wat dësen Avenant ugeet a mir mussen dee maachen, well effektiv och do de Contrôleur financier beim Staat gesot huet, dass mer méi kloer musse preziséieren, wat déi Prise en charge vun der Stad Diddeleng ass, dass dat déi 3.000 Euro sinn. An dofir fënnt een déi och hei effektiv an deem Avenant dran erëm. Dat heescht, et changéiert in globo näischt, ausser dass en nach eng Kéier preziséiert gëtt, dee Montant, deen hei muss dra sinn. Dat ass eng Saach vun de Finanzen, vun der Kontabilitéit. Soss bleift eist Engagement infaillible, wéi dat bis elo am Moment ëmmer de Fall war. Voilà, dat zu den Erklärungen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Mir als CSV begréissen dat hei nach explizitt. Traureg ass natierlech, dass mer et musse maachen. Mir hätten 2022 net geduecht, dass mer och nach dëst Joer mussen nach eng Kéier eng Ajoute maachen. Mee dat Bedaueren ass net, well mer déi Sue musse ginn, mee dat Bedaueren ass, well den Aggresseur Russland nach ëmmer d'Ukrain besetzt an och nach ëmmer Leit do am Misär sinn. An dass nach ëmmer Flüchtlingen op Lëtzebuerg kommen, dat ass e Fakt an et ass traureg, dass et esou ass. A wéi gesot, et ass jo net nëmmen Drama an der Ukrain. Mee ech menge, wann ee lo kuckt, wat momentan lass ass, ech mengen, et do kéinte mer eng Stonn driwwer schwätzen, wéi eng Krisegebidder mer nach hunn a wou mer warscheinlech och nach mussen eis Dieren opmaachen, fir Flüchtlingen ze accueilléieren. Mir hei zu Diddeleng, mir sinn op jidde Fall do derfir, dass een d'Diere muss opmaachen, fir eis Flüchtlingen ze accueilléieren.

Voilà, a mir begréissen och explizitt, dass och den Hotel sech bereet erkläert, weider mat op dee Wee ze goen. An den ONA këmmert sech jo och ëm déi Leit. Ech weess, dass et och net evident ass mat deene 14 Chambere mat 27 Residente, fir och do de Suivi herno ze maachen. Well et ass jo och geduecht, dass déi net ad eternam do sëtze bleiwen. Mee dat ass och net einfach, fir se anzwousch anescht ze relokaliséieren. A bon, wéi gesot, mir droen dat heiten natierlech mat a mir hoffen, dass mer net d'nächst Joer, bon, dass mer net all Joer, loosse mer et mol ganz vag ausdrécken, net all Joer mussen hei deen Avenant stëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Also et ass genau dat, wat d'Madamm Kayser elo grad gesot huet. Also, mir sinn natierlech och ganz dofir a mir si frou, datt mer iwwerhaapt déi Méiglechkeet hunn. An den Avenant gëtt natierlech ënnerstëtzt, also wierklech voll ënnerstëtzt. Déi Fro, déi mer eis einfach gestallt hunn, et dauert elo scho véier Joer. Natierlech hat keen domadder gerechent, mee et gesäit net esou aus, wéi wann elo scho wäert d'Welt erëm gutt ginn. Dofir eis Fro, wier et net sënnvoll, méi eng durabel Léisung ze fannen, wou mer eis eng Visibilitéit ginn, also eng Previsibilitéit ginn, fir aner Léisungen ze fannen, wéi Leit just an engem Hotel. Natierlech, net falsch verstoen, et ass super, datt mer déi Opportunitéit hunn, fir dat kënnen ze maachen. Mee vläicht eebe méi eng durabel Léisung sichen a fannen, wou d'Leit och kënnen net nëmmen an engem Zëmmer sech opbauen, mee vläicht awer an e bësse méi, ech soen elo mol, normale Liewenskonditiounen. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Mir begréissen dësen Avenant tëschent dem ONA an der Gemeng Diddeleng natierlech ausdrécklech. A wann een haut kuckt, wéi et am Land ass a wéi d'Logementsproblematik ass, déi nach ëmmer net virukomm ass, mee virun allem, wa mer kucke ginn, wéi se an de Wunnenge vum Staat wunnen, da sinn ech frou, datt se hei zu Diddeleng am Cottage Hotel sinn. Op d'mannst ass et méi eng human Situatioun, wéi mer se an der Staat oder op nationalem Plang, wou am Moment nach ëmmer näischt geschitt, erliewen. An dofir begréisse mer ausdrécklech, dass dësen Avenant eebe weidergeet a mir stëmme selbstverständlech derfir.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, also ech sinn och immens frou, dass d'Stad Diddeleng hir Responsabilitéit iwwerhëlt, wat den Accueil vu Flüchtlingen ugeet, net nëmmen an dësem Fall, mee mir hu jo och nach de Foyer vun der Croix-Rouge. Ech ginn der Madamm Ahmedova Recht, dass et natierlech net ëmmer immens schéin ass, wann een op laang Dauer an engem Hotel wunnt, mee ech ralliéiere mech och un d'Madamm Dimmer, mir konnten héieren, wéi d'Konditioune sinn de Moment hei op nationalem Plang. An ech mengen, dann ass et nach ëmmer besser, et ass een an engem Hotel, wéi et wunnt een esou, wann een dat wunne kann nennen, wéi et elo op ville Plazen ass. An ech sinn dann awer immens frou, dass d'Parteien heibannen sech, ech weess net, alleguerten oder gréisstendeels alleguerten eens sinn, dass mir als Stad eis Verantwortung iwwerhuelen an dass mer déi Leit gären hei ophuelen an dass mer do oppe sinn an dass mer net esou Aussoe maachen, wéi mer vu verschiddene Regierungsparteien an der leschter Zäit héieren hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert. Jo, selbstverständlech begréissen ech dat heiten och. Ech mengen, mir hunn eng ronn 8 000 Better hei am Land, déi occupéiert si vu Leit, déi net méi an hirem Land konnte bleiwen, déi net wësse wou se sollen higoen. An ech sinn natierlech immens frou, dass och meng Gemeng, eis Gemeng Diddeleng, ëmmer erëm d'Responsabilitéit och iwwerhëlt, fir alles méiglech ze maachen, fir dass dann och Leit hei en Daach iwwert dem Kapp hunn, déi soss absolutt guer näischt méi hunn. An dofir soen Iech alleguerten, déi dat heite matdroen, e grousse Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da soen ech villmools Merci deene politesch Parteien, déi sech geäussert hunn, dass se sech positiv an och solidaresch geäussert hunn, well d'Stad Diddeleng huet sech ni hirer Verantwortung entzunn, fir Flüchtlingen hei zu Diddeleng opzehuelen. An am September dëst Joer wäert et zéng Joer ginn, wou d'ONA-Struktur ëm 90 bis 93 Leit hei zu Diddeleng kann hunn op dem Schmelzer Quartier, wou et jo och wichteg ass, war fir eis vun Ufank un, dass och d'Croix Rouge kann dobäi sinn, wéi gesot, dass mer do den Anniversaire kënne feieren. Et ass en Anniversaire an deem Sënn, dass déi Leit hei awer zu Diddeleng sech sécherlech kënne wuel spieren. An dat war vun Ufank un de Fall, an dass mer och all Efforte gemaach hunn, zesumme mat eisen Enseignanten, mat eisem educative Personal, dass se an der Schoul respektiv och an eise Maison Relaisen an och an de Sportsveräiner, wéi gesot, mengen ech ganz kloer kënnen hei um aktiven Deel vun der Stad Diddeleng matmaachen.

Ech wollt Iech just nach vläicht hei d'Informatioun ginn, wann ee seet, dass d'Stad Diddeleng sech ni senger Verantwortung entzunn huet, fir effektiv Leit opzehuelen, déi op der Flucht sinn. Just fir Iech ze soen, de Moment hu mer 135 BPIen, mir haten dat nofroe gelooss, BPen, 66, déi de Statut vun der Protection temporaire hunn. Wéi gesot, am Ganze sinn et 278 Persounen, dovunner hunn der 135 de Statut BPI, also vum Bénéficiaire de protection internationale a 66 de Statut vun der Protection temporaire. Voilà, dat awer och fir Iech als Informatioun ze ginn. An d'Protection temporaire ass jo fir d'ukrainesch Flüchtlingen. Dat heescht, dat sinn déi 66 Persounen.

Dëst gesot, géif ech dann de Gemengerot froen, ah pardon, d'Madamm Ahmedova, jo, ech sinn och zwar ganz bei Iech, wann Der sot, dat hat ech vergiess, jo, ganz bei Iech, fir méi nohalteg Léisungen. Ech hunn awer elo net vun Iech héieren a vun deene Gréngen, wéi eng dass dat wären. Et ass gutt, dass Der et sot. Ech kann Iech just soen, dass vun alleguerten deene Wunnengen, déi mir als abordabel erklären a wou mer effektiv jo och gebaut hunn an nach weider amgaange sinn ze bauen, de Moment keng Wunneng ass, déi fräi ass, wou mer dat kéinte maachen oder wou mer BPIe kéinten ënnerkréien. Déi si jo um selwechten Niveau wéi effektiv jiddereen aneren - dat ass jo eng aner Situatioun wéi d'DPIen - da géife mer dat gäre maachen. Mee mir sinn do vir widder an hanne bäi, dofir plange mer nei abordabel Wunnariichtungen.

Et ass jo och festgehale ginn, dat huet och d'Chamber festgehalen, dass am Kader vum Projet Neischmelz jo och eng definitiv ONA-Struktur soll kommen. Mee wéi gesot, Madamm Ahmedova, wann déi Gréng Partei Iwwerleeungen huet, wéi eng nohalteg Solutiounen et nach hei kënne ginn, nieft deenen, fir déi mer schonn alleguerten op de Wee gaange sinn, also mir empfänken dat mat ganz, ganz oppenen Äerm. Nach hunn ech Iech net héieren, mee wéi gesot, wann Der Iddien hutt, ech mengen Dir wësst, wou Der eis fannt, kënnt se ganz gäre soen an da kënne mer dat zesumme ganz gären ëmsetzen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, Merci. Ma ja, dann ass et jo interessant ze héieren, datt mer eis nach keng Gedanken dozou gemaach hunn, da kënne mer eis jo zesumme Gedanken dozou maachen, wéi mer eng nohalteg Léisung kënne fannen a mir kommen op Iech zréck, zesumme mat Iech an enger zoustänneger Kommissioun. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat zum Beispill ganz genau an enger Kommissioun, wou ee sech esou eng Diskussioun effektiv dann och féiere kann, well nohalteg, wéi gesot, mir hu jo schonn eng ganz Rei Pisten hei zu Diddeleng gemaach, et ass jo net, dass mer géife bei Null ufänken, wat eis international Solidaritéit ugeet. Voilà, ceci dit, géif ech mer esou ënnerstë mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat deem zweeten Avenant averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**3.5. Emprisen – Approbatioun vu Kafverträg**

*3.5.1. Staat Lëtzebuerg – Route de Zoufftgen*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech géif ufänke mat der éischter Emprise, dat ass an der Zoufftger Strooss virun der Fondation Kräizbierg. Do ass de Staat Proprietär. Mir hu mer eng Emprise vun 0,11 Ar. Dat sinn 100 Euro, dat hu mer opgeronnt, well dat ass mer de minimale Bäitrag, dee mer bezuelen. Dat ass d'Regularisatioun effektiv fir d'Parzell an d'Voirie publique eranzehuelen.

*3.5.2. Madamm Claudine Weber – Rue Schiller*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op 45, rue Schiller. Do ass d'Madamm Claudine Weber, déi verkeeft un d'Gemeng 1 Ar fir 700 Euro. Also do ass et och d'Parzell, déi integréiert gëtt an d'Voirie publique. Wéi gesot, do sinn am Ganzen zwielef Emprisen. Aacht goufen der schonn aktéiert. Dat ass dann aacht vun zwielef. Do kommen der nach eng Rei am nächste Gemengerot no.

*3.5.3. Madamm Lynn Biever – Rue Norbert Metz*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mer an de Brill op d'Nummer 62 rue Norbert Metz. Do ass et d'Madamm Lynn Biever an do kafe mer 0,13 Ar. Dat ass 91 Euro an och d'Integratioun an d'Voirie publique vun där Parzell.

*3.5.4. Här Joseph Raus – Route de Boudersberg*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op Nummer 81, Route de Boudersberg. Do ass den Här Raus. Wéi gesot, do ass de Präis 168 Euro an och do gëtt d'Parzell integréiert an d'Voirie publique. An, wéi gesot, do kommen nach eng Rei Parzellen, wou mer amgaange sinn. Dat sinn am Fong alleguerten déi Parzellen, déi mer kafen am Kader vun der Renovatioun, dem Reamenagement vun der Butschebuerger Strooss, wou ganz vill Parzellen nach a privater Hand sinn an déi mer als Gemeng opkafen. Do wäert dëse Gemengerot also nach mat e puer esou Emprisen, andeem se an d'Butschebuerger Strooss betrëfft, beschäftegt sinn.

*3.5.5. Koppel Thines-Berchem – Rue Ribeschpont*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An da gi mer op 35 rue Ribeschpont. Do sinn den Här Thines mat d'Madamm Berchem. Dat sinn am Fong 2.002 Euro. Dat sinn 2,86 Ar an och do ass den Integratioun vun der Parzell am Voirie publique. Voilà, dat zu dësen Emprisen.

Ass de Gemengerot mat deenen Acquisitiounen averstanen? Kënne mer doriwwer ofstëmmen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**3.6. Approbatioun vum Rôle supplétif vun der Hondssteier fir d'Geschäftsjoer 2025**

**3.7. Approbatioun vum Rôle supplétif vun der Hondssteier fir d'Geschäftsjoer 2026**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass den Hondsrôle. Als Éischt de Relevé vum Rôle supplétif vum Joer 2025. Dat sinn am Fong 1.925 Euro an dat mécht am Fong en Zousaz vu 55 Hënn. A mir haten am Rôle principal am Fong 1.515 Hënn, soudass mer am Joer 2025 1.570 Hënn haten, déi um Territoire vun der Stad Diddeleng waren. Dat ass eng Unzuel, déi progressiv déi lescht Joren eropgaangen ass. A fir Iech dat einfach elo mol esou ze veranschaulechen, dat heescht, dat ass een Hond pro 15 Awunner hei zu Diddeleng oder een Hond pro sechs Stéit. Voilà. Dat, fir e bëssen ze veranschaulechen, wat dat heescht. A wéi gesot, déi Zuel geet weider erop. Dat ass d'Informatioun zum Rôle supplétif.

An dann de Rôle principal fir d'Joer 2026, dat ass den éischte Rôle. Deen nächste kënnt jo, deen anere kënnt jo dann no. Dat sinn dann 51.625 Euro an dat sinn da 1.475 Hënn, elo mol à ce stade. Voilà, dat ronderëm de Rôle supplétif 2025 an de Rôle principal 2026.

Si Froen dozou? Neen, dat ass net de Fall, kënne mer dann iwwer déi zwee Rôlen ofstëmmen? Wien ass mam Rôle supplétif averstanen? Dat ass unanime. Wien ass mam Rôle principal fir d'Joer 2026 averstanen? ***Och dat ass unanime.*** Da soen ech Iech och do villmools Merci.

**3.8. Approbatioun vun Dekonten**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dann, eng Rei Dekonten, déi mer hei virleien hunn. Ech gi se duerch. Et si 36 Stéck, et ass virun allem Material, Acquisitioune vum Material respektiv vun eisem Fuerpark.

Do fänken ech och u mam Service Garage. Do hate mer effektiv d'Acquisitioun vun enger Equilibreuse fir d'Rieder. D'Depense war do 12.852,22 Euro. Den Devis war 18.000 Euro.

Dann, an der Schräinerei, do hate mer en Ofsaugsystem fir Spéin a Seemiel anzesammelen. Do war effektiv d'Depense 36.388 Euro an den Devis war 40.000 Euro.

Dann hate mer och an der Schräinerei eng professionell Huwwelmaschinn, do war d'Depense 31.691 Euro an den Devis war 32.000 Euro.

Dann hate mer och an der Schräinerei eng Acquisitioun vun enger See. Do war d'Depense 79.951,28 Euro an den Devis war 80.000 Euro. Dat war am Fong eng Bandsee, fir méi prezis ze sinn.

Dann, am Service Espaces verts d'Acquisitioun vun enger Tondeuse. Dat war dann 54.980 Euro d'Depense an den approuvéierten Devis war 55.000 Euro.

Dann eng elektresch Camionnette am GMP fir d'Conciergerie. D'Depense war do 33.135,27 Euro an den Devis war 35.000 Euro.

Dann eng Balayeuse an der Voirie. Do war d'Depense 228.680,36 Euro an effektiv dann Devis 250.000 Euro.

Dann hate mer e Camion mat enger Plattform, wéi kann hei méi héich goen, dat war eng Depense vun 101.836,80 Euro an den Devis war 105.000 Euro.

Dann eng Camionnette fir d'Schlässerei. D'Depense war 28.272,56 an den Devis 30.000 Euro.

D'elektresch Camionnette fir de GMP, do war d'Depense 32.191,26 Euro an den Devis 34.000 Euro.

Dann och eng Camionnette fir de Service Gaz et Eau. D'Depense war 33.768,23 Euro an den Devis 34.000 Euro.

Dann, fir de Service Espaces verts och eng Camionnette, 33.610,26 Euro. Den Devis war 34.000 Euro.

Dann eng Camionnette fir de Service Espaces verts, Équipe polyvalente. D'Depense war 34.601,71 Euro. Den Devis war 35.000 Euro.

Dann eng Camionnette fir d'Conciergerie. 24.001,58 Euro. Den Devis 25.000 Euro.

Da war fir de GMP Service Technique des Bâtiments, eng Voiture de service électrique. D'Depense war 33.069,28 Euro an den Devis war 35.000 Euro.

Da fir d'Menuiserie. Do war eng computergesteiert Maschinn, eng Fräs, also fir da Konturen erauszeschneiden, déi war e bësse méi deier. Do war d'Depense 204.972,Euro. An den Devis, dee mer hei gestëmmt hunn, dee war 205.000 Euro.

Da geet et weider eng Camionnette fir de Service d'Espaces verts. D'Depense war 33.323,68 Euro an den Devis 35.000 Euro.

An dann d'Camionnette an der Service Voies et circulation. D'Depense war 44.000 Euro. An d'selwecht den Devis, nämlech 44.000 Euro.

Dann eng Camionnette Service Peinture et Maçonnerie. Do war d'Depense 46.200 Euro. An den Devis 48.000 Euro.

Dann hate mer am GMP Service Espaces verts eng voiture électrique. D'Depense war 37.704,04 Euro an den Devis war 40.000 Euro an.

Da fir eis Schlässerei och eng Voiture utilitaire. D'Depense war 41.031,72 Euro an den Devis war 43.000 Euro.

Dann eng Camionnette fir d'Gas- a Waasserwierk. D'Depense war 45.557,96 Euro an den Devis war 48.000 Euro.

Dann d'Voiture utilitaire fir d'Gas- a Waasserwierk. 40.000 Devis. An d'Depense 33.268,66 Euro.

Dann e Minibus fir de Service Éducation et Accueil. 35.000 Devis a 35.000 Euro och d'Depense.

Dann hate mer eng Laserschneidmaschinn fir Metallplacken ze schneiden, fir eis Schräinerei. Dat war eng Depense vun 78.260 Euro an en Devis vu 45.000 Euro.

Dann hate mer d'Acquisitioun vun enger Presse à cadres. Dat war eng Depense vun 39.479 Euro an den Devis war 40.000 Euro.

Dann hate mer eng Camionnette fir d'Travaux généraux. Dat war 72.854,73 Euro an den Devis war 80.000 Euro.

An dann, fir d'Conciergerie eng Camionnette. Den Devis 50.000 Euro an d'Depense 45.109,35 Euro.

Eng Camionnette fir Service d'espace vert. 60.000 Euro den Devis an d'Depense war 58.375,67 Euro

An dann eng zweet Camionnette fir de Service Espaces verts. 70.000 Euro den Devis an d'Depense 60.193,85 Euro.

Dann eng weider Camionnette fir de Service Espaces verts. 54.760,37 war d'Depense an den Devis war 70.000 Euro.

Dann, fir de Service Gaz et Eaux, eng Camionnette. Do war d'Depense 41.930,46 Euro an den Devis war 60.000 Euro.

Dann, fir de Service GMP, fir d'Ateliers communaux, do war et eng Voiture de service. D'Depense war 45.109,35,35 Euro an den Devis approuvé war 50.000 Euro.

An dann, fir d'Conciergerie eng Elektro-Camionnette. 70.000 Euro den Devis an 68.163,03 Euro war d'Depense.

An dat war et. A wann Der mer elo nach eng Detailfro stellt, da kann ech Iech bestëmmt op d'Detailfroe vun deene 36 Devisen an Dekonten äntweren.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir déi schéin Opzielung, dat war ganz detailléiert. Et ass eng ganz kleng Fro just bliwwen. Ech ginn elo net drop an, dass ech bedaueren, dass kee Cargobike drop stoung op deem dote Listing, mee, ech hätt awer eng ganz seriö Fro einfach. Wann ech richteg gezielt hunn, doheem, elo net hei wärend Dir hei geschwat hutt, da sinn et just 2 vun 19 Camionnetten, déi elektresch sinn. An do ginn et bestëmmt novollzéibar Grënn, firwat dass dat esou ass. An ech wéilt einfach déi Grënn kenneléieren, well ech hu mer e bëssen ugekuckt, wéi esou déi Zesummesetzung ass. An ech mengen elo net erkannt ze hunn esou ee Muster, dass se sech géifen un deenen 3,5 Tonne maximal Laascht stoussen. Wat ass do d'Consigne vum Schäfferot, fir dass déi Elektrifizéierung vum Fuerpark dann awer virugeet iwwert déi nächst Joren? Ech soen Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Merci fir déi Opzielung. Ech hu mer do geduecht, kuck emol einfach emol, wéi d'Budgetsposte ware bei de Véhicules automoteurs. An dat hei si jo alles Saachen, déi scho budgetiséiert waren, 2022, 2023, 2024. An do hate mer 2021 am Rectifié 423.500 Euro fir Véhicules automoteurs. 2022 waren dat 333.000 Euro am Rectifié, 2023 waren et 285.000 Euro am Rectifié am Joer 2024, do hu mer 413.380 am Kont gehat. An dann - wat ganz skurril ass - 2025 steet am Rectifié null. Voilà, dat ass d'Fro: Firwat steet do null? Oder hu mer do agesinn, dass mer immens vill Autoen hunn an dass et dann elo mol gutt ass? Well 2026 gi mer da e bësse méi virsiichteg. Do hu mer just 205.000 Euro an de Kont gesat. Wéi gesot, et sinn der e bësse vill beienee kaaft ginn. Et kënnt engem sou vir.

D'Fro ass och, wa mer se verkafen. Do hunn ech och e bësse gekuckt bei der Cessioun. Dat ass dann am Poste bei de Recettes extraordinaires. Elo just hunn ech am 2024 Cessioun null. An 2025 do maache mer Boni, well mer jo näischt an der Depense hunn. Do maache mer 8.000 Euro Boni, well mer eng Cessioun hu vun engem vun 8.000 Euro. D'Fro ass, wéi laang hale mer eis Autoen? Wa mer se verkafen, wiem verkafe mer se? Gi mer se an d'Reprise, wéi dat all normale Bierger mécht, wann ee en neien Auto keeft?
An dann hunn ech awer och nach eng Fro. Mir hunn haut iwwert déi nei Ateliere geschwat. Do si jo och Parkméiglechkeeten ënnendrënner. A wa lo alleguer déi Servicer op ee Site zesummegefaasst sinn, op deem neie Site vun eisen Atelieren, ass et dann nach iwwerhaapt opportun, fir d'Autoen de Servicer zouzeschreiwen? Ass et dann net besser, dass mer jo soen, mir hunn e Pool a mir huelen déi Camionnette, déi grad fräi ass?

Bon, sécher, ech weess, zum Beispill beim Jardinage, do muss de och deng Biischtestiller an deng Schëppen an alles kënnen drop setzen. Mee ass du ugeduecht, fir vläicht do méi Synergien ze schafen? Och vläicht fir eeben dee risege Pool vu Gefierer – et kënnt engem op jidde Fall mol esou vir - awer e bësse méi anzesetzen? A wéi gesot, mat den Elektroautoen, dat war och eng Fro, déi mir eis gestallt hunn. Mee vläicht kréie mer do nach eng Explikatioun. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Gëtt et nach weider Stellungnamen? Okay, villmools Merci. Also, wéi gesot, prinzipiell, allkéiers wa mer eis e Budget ginn, fir d'Acquisitioun vum Fuerpark, do sinn och ëmmer Elektroautoen dobäi. Normalerweis sinn et ëmmer méi Elektroautoen, wéi Elektrocamionnetten, well mer och emol gemierkt hunn, wat d'Capacitéit ugeet, respektiv déi ganz vill am Asaz sinn, dass dat vill méi schwéier ze handhaben ass fir eis Servicer, wéi wa se effektiv mat engem thermesche Motor fueren, respektiv och ronderëm dee ganzen Entretien, ronderëm dee ganzen Asaz.

Ech mengen, do ass jo dann och d'Fro, wéi laang hale mer eise Fuerpark? Also, dat hänkt ëmmer e bëssen dovun of, well mir hunn hei jo mat Camionnetten ze dinn, déi all Dag am Asaz sinn. Also mir hu Camionnetten, déi, an dat variéiert, 20 respektiv 30 Joer am Asaz. Wann se dann net méi ginn oder deelweis scho vill Kilometer hunn oder vill Reparaturen, da ginn se effektiv ofgestouss, da gi se och verkaaft. Dann hu mer och emol heiansdo eng Recette. Da gëtt effektiv och en ëffentlechen Appell gemaach. Dann ass deen een an deen aneren, dee sech da mellt, fir se dann ze kafen. Mee do sprange op alle Fall net méi vill Suen eraus, do gi mer och net weider räich. Mee mir kucken ëmmer, wéi gesot, do e Kompromiss ze fannen zwëschent Elektroautoen, zwëschent awer och dem operationellen Aspekt vun eise Servicer, wa se permanent mussen erausfueren.

An natierlech muss ee jo och wëssen – hei war och d'Demande – et soll een net déi verschiddene Camionnetten no Servicer zouschreiwen. Also, mir hunn zum Beispill d'Voiture-de-servicen, déi sinn zum Beispill an engem Pool, wou se deelweis gedeelt ginn. Mee d'Camionnettë selwer, do si jo eng Rei, déi jo schonn den Dag eent fir den Dag duerno och deelweis virbereet ginn. A wann eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter um sechs Auer ufänken, jo da geet et direkt lass. Dann ass net ze kucken, elo gi mer emol an de Pool, kucken an hei oder do. Dat heescht, mir hunn e klore e Compartimentage mat der Camionnette, déi attribuéiert ass un déi jeeweileg Servicer, fir dass se kënnen direkt mueres um sechs an den Asaz goen. Dat spezifesch par rapport zu de Camionnetten. An natierlech, wou e bësse méi esou e Carsharing gemeet gëtt, dat ass bei de Voiture-de-servicen, well déi natierlech och vun den administrative Mataarbechterinnen a Mataarbechter aneschters och genotzt kënne ginn. Also, et gëtt am Fong do méi duerno och gekuckt.

Déi aner Zuelen hunn ech elo net nogekuckt. Mee wéi gesot, mir maachen alljoers ëmmer eng Acquisitioun vu Camionnetten. An et ass jo natierlech och esou, dass eng Rei Saachen éischter kënne kaaft ginn, op ee Budgetsjoer jo verfalen. Dat hei ass effektiv 2023. Mir hunn awer och

verschidden Acquisitiounen, déi mer maachen, déi méi déck sinn oder wa mer e Camion oder eng Botzmaschinn kafen, dat geet iwwer zwee, dräi Budgetsjoeren, well do eng Commande muss erausgemaach ginn, well dat dann och muss europäesch ausgeschriwwe ginn. Also, dat kënnt jo och nach deementspriechend domat dobäi. Do geet et net duer, dass ee bei e lokale Garagist geet an och do dann den Auto respektiv d'Camionnette keeft. An dofir huet een natierlech och deelweis déi Verzich och am Rectifié, respektiv am Kont.

Ech mengen ech hat probéiert, op alleguerten d'Froen ze äntweren, da géif ech proposéieren, dass mer vläicht en bloc iwwer dës Dekonten ofstëmmen. Ass de Gemengerot mat dësen Dekonten averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci an da geet et weider.

**3.9. Upassung vun der Ausgläichszoulag fir Gemengesteieren, vun der kommunaler Energiezoulag an Aféierung vun enger finanzieller Zoulag fir Senioren**

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter. Dir wësst jo, bekanntlech huet d'Regierung Enn Dezember deen nationalen Aarbechtsplang presentéiert, de Plan d'action nationale pour la prévention et la lutte contre la pauvreté. Dat ass e Plang, dee plus minus 106 konkreet Mesurë beinhalt. A mir waren eis als Schäfferot och do eens, dass mer dee sollten hei als Diddelenger e bësse méi genee ënner d'Lupp huelen. Dowéinst hu mer dann och en Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff. Mer haten och schonn den éischte Kick-off. Dat ass en Aarbechtsgrupp, dee besteet aus dem Service Logement, dem Office Social, d'Chargéë vun der Santé au travail, der Presidentin fir d'Commission des Actions Sociales, dem Service Emploi an dem Service Jeunesse Famille Seniors, fir zesummen ze kucken, wéi mer dee Plang effektiv och kënne konkreet ëmsetzen.

An eng vun deene Mesurë presentéiere mir Iech elo haut. Dir hutt an Ären Ënnerlage leien d'Adaptatioun vun eiser Allocation compensatoire pour taxes communales, respektiv eng nei Tax, déi aus deem Aarbechtsplang ervirkomm ass. Dat ass dann AFPA, sou heescht dat am kuerzen, mee de vollen Term ass Aide Financière pour Personnes Âgées. Dat heescht eng – tëscht Gänseféisercher - Finanzsprëtz fir déi eeler Matbierger, zum Beispill, et muss de 65 Joer hunn, du muss kënnen eng Pension de survie kréien, respektiv eng Pension de vieillesse, wann een déi Konditiounen erfëlls, da kritt een déi sougenannten AFPA-Primm.

A wéi gesot, mir hu jo schonn hei d'Allocation compensatoire, wou mer mat 50% bezuschussen, d'Energieprimm, wou mer mat 25% bezuschussen. Dat ass och ganz logesch d'Konsequenz, dass mer dann déi nei Primm, déi d'Regierung an d'Liewe geruff huet, och hei dann als Gemeng Diddeleng bezuschussen. Mir waren der Meenung, dass mer da géifen och do 25% vun deem Montant ginn, dat heescht, eng elengstoend Persoun kritt jo 2.400 Euro pro Joer, respektiv zu zwee am Stot gëtt dat dann nach eng Kéier 200 oder 500 Euro dobäi. A mir leeën dann nach eng Kéier 25% op dee Chiffer drop, souwéi bei all deenen anere Primmen, déi mer dat jo gemaach hunn.

Wat awer elo nei ass, dat hutt Dir an Ärem Text gesinn, als Konditioun muss een hei zu Diddeleng wunnen.

A mir hunn och agefouert, dass mer dat proratiséieren. Firwat? Mee Dir hutt jo gesinn, dass mer d'lescht Joer am Budget ronn 1,5 Millioune fir déi Taxe compensatoire virgesinn haten an och ausbezuelt hunn. A mir waren der Meenung, dass déi Leit, déi déi Sue vun der Gemeng kréien, déi Supplemente vun der Gemeng kréien, sollen dann awer och um Territoire vun der Gemeng Diddeleng wunnen. Dofir ware mer der Meenung, dass mer dat sollte proratiséieren. Dat heescht am Kloertext, wann s du vu Januar bis de Mee hei zu Diddeleng wunns, an du plënners an enger anerer Gemeng, da kriss du vun deene Prozenter, wou mir ausbezuelen, fënnef Zwieleftel ausbezuelt. Dat heescht, dat Reglement soll dann den 1. Januar 26 en vigueur sinn, awer Proratiséierung eréischt den 1. Januar 2027, well mer jo d'Primmen ëmmer e Joer méi spéit ausbezuelen, soudass mer dann 2027 prett sinn, fir kënnen déi Proratiséierung ze maachen. Voilà, dat wär eis Propos un de Gemengerot.

An ech begréissen och nach eise Chargé, den Tom Oswald, deen hei ass, fir Iech och nach zousätzlech Informatiounen ze ginn, wann een eppes huet, respektiv och fir deen nächste Punkt, wou mer hu vun den Dekonten. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem René Manderscheid fir d'Presentatioun. An elo ass et um Gemengerot fir Stellung ze huelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Och dat ass e Zeeche vu Solidaritéit, wou ëmmer de ganze Gemengerot zesummen och dat ënnerschreift an ënnerstëtzt an, wéi gesot, dass mer bei d'Allocation compensatoire och nach eng Kéier 50 % bäileeën, dat war mengen ech ni eng Diskussioun heibannen an och genau esou gutt wéi bei der Allocation d'énergie. An et muss een och soen, dass awer och dës Regierung dann awer agesäit, dass ee muss géint d'Altersaarmut ukämpfen. An dofir ass dës AFPA-Allocatioun awer och agefouert ginn.

Ech mengen d'Altersaarmut ass genau wéi d'Kanneraarmut e grousse Problem an eiser Gesellschaft, net nëmme bei eis, mee och iwwerall. D'Renten, déi sinn awer net esou héich. Et ass net jiddwereen, deen eng Rent kritt, wéi een, dee beim Staat geschafft huet. Wann s de am Privé geschafft hues, sinn déi vill méi niddreg. A virun allem och bei de Fraen, déi jo oft méi al gi wéi d'Männer. Dat heescht, méi laang eng Rent kréien. Déi rutschen och éischter mol an eng Aarmut. Zemools well déi dann, déi Leit, déi elo u 60 Joer sinn, awer oft nach net voll geschafft hunn an net sech bewosst waren, dass ee vläicht misst och schaffe goen, fir awer op séchere Féiss ze stoen, wann een herno al ass.

Dofir fannen ech dat heiten, éischtens Mol vun der Regierung, do si mer frou, dass dat agefouert ginn ass. An ech fannen et och ganz richteg, dass mir do och do konsequent da mat op de Wee ginn, dass eis Gemeng Diddeleng awer de Leit nach eng zousätzlech Hëllef gëtt. Mir fannen dat eng ganz gutt Saach, mat der Proratiséierung, well ech denken et ass jo awer och d'Geld vun allen Diddelenger an et sollt

een do och net abuséieren. Mir wëssen, dass vill Leit och e bëssen, aus wéi engen Ursaachen och ëmmer, d'Gemeng verloossen an anzwousch anescht wunne ginn. Mee wéi gesot, mir maachen eist, a vläicht kënnen déi Leit jo- wann se an enger anerer Gemeng sinn an déi Allocatiounen extra net kréien- da vläicht bei hire Gemeng emol virstelleg ginn a vläicht initiéiert dat och aner Gemengen, op dee Wee ze goen, well ech weess net wéi vill Gemengen dat maachen, sou wéi mir dat maachen. Dat wär vläicht interessant emol eng Kéier nozekucken, wéi eng vun deenen honnert Gemengen op dee Wee geet, fir esou solidaresch ze sinn.

Eng Primm hat den Här Manderscheid nach vergiess, déi läit mir ëmmer ganz vill um Häerz, dat ass d'Prime unique vun honnert Euro fir Schüler  Studenten. Wann an enger Famill eeben d'Allocation de vie chère ausbezuelt gëtt, do si mir – ech géif mengen, mir wäre bal déi eenzeg Gemeng - déi eng extra Primm gëtt fir Schüler a Studenten aus Stéit, wou eng Necessitéit besteet, déi kréien déi, wa se an de Lycée ginn. An ech denken dat däerf een och net ze vergiessen. Dat ass och en Zeeche vu Solidaritéit. An ech denken och, dass déi 1,5 Milliounen Euro, déi am Budget sinn, eisen 23.000 Awunner vun Diddeleng net wéi dinn. Mee ech mengen, et ass en Zeechen no baussen, dass mir zu Diddeleng eis Verantwortung iwwerhuelen. A mir fannen dat ganz, ganz gutt. A mir sinn och ganz averstanen, och mat deem Prorata-System. A mir stëmmen dat hei ganz gäre mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Nach weider Stellungnamen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Also, sou skeptesch, wéi ech perséinlech par rapport zum nationalen Aarmutsplang sinn, esou positiv gesinn ech et awer, dass d'Gemeng op de Wee gaangen ass, fir den Aarbechtsgrupp do anzeberuffen. Ech mengen, dass dat wierklech dee richtege Wee ass, wann ee esou ee Plang, en nationale Plang virleien huet, dass een da kuckt, wéi eng Punkten ee sech kann erausfhuelen a wéi een se kann als Gemeng konkreet ëmsetzen. Esou skeptesch wéi ech sinn, par rapport zu enger Primm fir d'Pension vieillesse, well ech der Meenung sinn, dass eigentlech einfach eng Mindestpensioun misst esou héich sinn, dass d'Leit net nach mussen eng Primm ufroen, esou positiv fannen ech dann awer, wann et déi Primm gëtt an nun emol keng Mindestpensioun gehuewe gëtt, dass d'Gemeng dann zumindest op de Wee geet, fir do och hiren Deel bäizeleeën. Dowéinst felicitéieren ech dem Schäfferot.

Zu der Fro vun der Madamm Kayser, wéi eng Gemengen dat nach maachen, do gouf et eng Question parlementaire vun engem gewëssenen Här Marc Baum, deen awer eng ganz onzefriddestellend bis onkomplett Äntwert krut vum Innenminister. Dat kënnt Dir da vläicht eng Kéier noliesen, dat ass och nach an der Press ze fannen. Mee et gëtt op alle Fall nach aner Gemengen, déi dat och maachen. Mee d'Äntwert vum Minister war do net ganz kloer. Wat ech awer och elo nach wichteg fannen hei, dat ass elo nach net esou ugeschwat ginn, dat ass, dass den Automatismus agefouert ginn ass. Dass d'Leit net nach mussen Demandë stellen, mee dass elo automatesch d'Donnéeë weidergi ginn. An dass déi Leit souwuel op nationalem Plang elo automatesch déi Hëllefe kréien, wann se e Recht drop hunn an dat och an der Gemeng esou ëmgesat gëtt. An ech mengen, dass dat och ganz wichteg ass. Well déi Leit hu jo e Recht dorobber.

An de LISER, deen hat eng Etüd gemaach d'lescht Joer oder viru e puer Joer an do ass erauskomm, dass 45 % vun de Menagen, déi eigentlech e Recht hunn op d'Allocation de vie chère se net an Usproch geholl hunn. An dat huet ganz ënnerschiddlech Grënn. Dat ass, well se d'Informatiounen net hunn oder well ganz vill Leit zréckschrecke virun deem administrativen Opwand, deen dat ka mat sech bréngen oder well se sech onsécher sinn oder well se einfach Zäit net fannen, fir déi Demande ze stellen. An ech mengen, dass dat heite wierklech ville Leit d'Liewe vereinfacht. An dowéinst wollt ech dat och nach eng Kéier ënnersträichen. A selbstverständlech ënnerstëtze mir dat heiten och. Merci

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Jo, dës Aidë ginn am grousse Ganzen natierlech an eng ganz positiv Richtung fir d'Leit mat niddregem Akommes, well se eeben eng Ergänzung sinn, souzesoen, zu den nationale Bäihëllefe vum Fonds national de la solidarité. Déi Textpropos hei weist eng kloer Bereetschaft fir géint d'Liewensdeierecht unzegoen, mat enger spezieller Opmierksamkeet fir déi eeler Leit, awer och fir Famille mat Kanner. Och d'Zil vun der administrativer Vereinfachung ass schonn ugeschwat ginn, dat ass natierlech ze begréissen an datt mer do op eng Automatisatioun zréckgräifen, wat natierlech déi ganz Demarche vun den Demandeure vereinfacht.

Den Aarbechtsgrupp war wichteg a ganz richteg, datt mer dat och gemaach hunn. An déi Proratiséierung ass natierlech och eng ganz korrekt Initiativ, déi mer hei ergräifen. Allerdéngs ginn et och e puer Limitten, well d'Bäihëllefe bleiwen u bestoend Dispositioune gebonnen, wat dozou féiere kann, datt verschidde Leit a prekär Situatiounen net erfaasst ginn, well eeben d'Krittären heiansdo vill ze vill strikt sinn. Mee dat ass natierlech eng Saach, déi de Fonds national de la solidarité reegelt an net mir hei op lokalem Niveau. Zousätzlech kënnen och Montanten, déi bis zu 50 % eropginn, baséiert erëm op den nationale Bäihëllefen, am Verglach mat der Hausse vun de Liewenskäschten och heiansdo relativ begrenzt erschéngen. Et sinn nëtzlech a kohärent Mesuren, mee dee reellen Impakt hänkt vum Nationalen of a vun de Bäihëllefen, déi een do kritt. An dat ass effektiv eng Saach, déi mer schonn e puermol ugemierkt hunn.

Mir froen eis genau esou wéi d'Madamm Thoma, wéi vill Leit profitéieren a wéi vill Leit kéinte wierklech dovunner profitéieren, déi et nach net maachen, duerch verschidde Grënn, et ass schonn alles opgezielt ginn. Ech wëll net widderhuelen, mee vläicht gi se net richteg informéiert, vläicht verstinn se déi Sproch net richteg, vläicht fäerte se déi ganz administrativ Demarchë matzemaachen oder unzegoen. An dat ass eppes, wou mir zesumme musse weider dru schaffen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Madamm Ahmedova. Nach weider Stellungnamen?

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Mir begréissen dës Mesuren net nëmmen, mee ech wëll se och gären eng Kéier a méi e breede Kontext setzen. Wat mir bei villen eelere Leit gesinn, ass dacks d'Konsequenz vun engem Liewen als Working Poor. Dat si Leit, déi iwwer Joren a Joerzéngte geschafft hunn, awer ni genuch verdéngt hunn, fir sech eng finanziell Sécherheet opzebauen. Am Alter féiert dat dacks zu klenge Renten an enger héichter Vulnerabilitéit. Dofir ass et eebe grad wichteg, dass mir als Gemeng hei geziilt agéieren. D'Kopplung un d'Hëllefe vum Fonds national de solidarité erlaabt et eng gerecht a suppléiert Ënnerstëtzung fir déi Leit, déi et wierklech brauchen.

Gläichzäiteg muss ee soen, datt esou lokal Mesuren ëmmer méi de Rôle iwwerhuelen, d'Lücken ausgläichen, déi op nationalem Niveau entstinn. An enger Zäit, wou sozial Froen net ëmmer déi Prioritéit kréien an eisem Land, déi se verdéngen, ass et ëmsou méi wichteg dass d'Gemengen d'Verantwortung iwwerhuelen a konkreet handelen. Besonnesch fir eis eeler Matbierger geet et hei ëm sozial Gerechtegkeet. Dës Mesure ass dofir en anert staarkt Zeeche vu Solidaritéit an eng wichteg Ënnerstëtzung am Alldag. Gläichzäiteg soll se eis awer och dozou bréngen, weider iwwer strukturell Léisungen nozedenken, fir datt d'Working Poor vun haut net d'Pensionären an d'Schwieregkeete vu muer sinn. Mir ënnerstëtzen dës Mesure voll a ganz.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Madamm Dimmer. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Ech brauch näischt méi ze soen, mir sinn eis jo eens heibannen an da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Also, mir haten d'lescht Joer, ech hu mer extra meng Kopie matgeholl, wou ech déi lescht Kéier beim Budget hat, do hate mer ronn 1 100 Demanden. Mer haten am November 1 066 Demanden, da wäerte mer am Dezember inclus der 1 100 gehat hunn. Dat waren dann déi 1,5 Milliounen Euro, wou mer ausbezuelt hu mat den Taxen. Den Tom Oswald nach eng Kéier.

TOM OSWALD (CHARGÉ VUM OFFICE SOCIAL): Also, ech hat eng Kéier gekuckt, och vum leschte Joer, mat der Allocation de vie chère, an dunn ech dann, bon, well een net weess wien ass an der Pensioun a wien net, dunn hu mer gesot, déi déi 60 Joer hunn, do hunn ech gekuckt gehat, wéi vill Leit dat wären, do wären dann 134 Leit dovunner betraff gewiescht. Dat hate mer eng Kéier gekuckt. Bon, et ass iwwert en Daum, mee dann huet een eng Richtlinn, wéi vill vun der AFPA betraff sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci. Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat deenen Adaptatiounen averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci.



# 4. Office social

**Approbatioun vum järlechen Dekont vum Office social fir d'Geschäftsjoer 2024**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ënnert dësem Punkt geet et ëm den Dekont vum Office Social vum Geschäftsjoer 2024.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Do kann ech mech jo och ganz kuerz faassen, Dir hutt jo an Ärer Mapp an Ären Ënnerlagen och d'Decisioun vum CA vum Office Social virleien. Dir hutt och ganz detailléiert de Montant vun der Konventioun an d'Dépense effective virleien. Dir gesitt, dass do alles, ënner Gänseféisercher, „ am gringe Beräich" ass. Dat ass näischt, wat do aus dem Kader ass. An duerfir ass et un eis fir wéi hei dann eeben deem Dekont den Aval ze ginn. A wann een nach e bësse méi eng Detailfro huet, ass eise Chargé selbstverständlech do, fir dann nach Iech déi Info ze ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem René Manderscheid. Sinn nach Froen zum Dekont? Dat ass net de Fall. Kënne mer dann dee Kont ofstëmmen? Wien ass mat deem Dekont averstanen?
***Dat ass unanime.*** Do soen ech Iech villmools Merci.
An och dem Tom Oswald Merci fir seng Presenz.



## 5. Approbatioun vun de Modifikatiounen am Règlement d'ordre intérieur vum Fonctionnement vum Gemengerot

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass de Règlement d'ordre interne vum Fonctionnement vum Gemengerot, deen hate mer hei gestëmmt den 13. Juni 2025 a mir kruten de 17. September 2025 e Retour vum Inneminister mat eng ganz Rei Remarke vum ROI, engersäits eng Rei Annulatiounen, respektiv eng Rei Recommandatiounen, fir dësen ROI dann ze iwwerschaffen, déi mer jo zesummen hei gestëmmt haten. Mir haten och eng interfraktionell Reunioun jo organiséiert, wou mer am Virfeld nach eng Kéier op déi verschidde Punkten agaange sinn, vum ROI, vum Minister. An ech géif einfach elo kuerz nach eng Kéier op déi verschidde Punkten agoen, déi, wéi gesot, hei erwäänt goufen. Ech ginn net an all Detail, mee ech wëll just soen, et ass jo eng Rei Saachen erausgeholl gi sinn, déi hei am ROI waren, wou am Fong am Gemengegesetz stinn a wou jo gesot gouf, dass dat double emploi wär, dass, wann eppes am Gesetz steet, mer dat net brauchen an den ROI dranzesetzen. Dofir hu mer et och deementspriechend erausgeholl.

Da war et esou, nach eng Kéier déi Prezisioun, dass mer, nieft der Convocatioun, déi mer digital un de Gemengerot schécken, dann och dee ganzen Dossier, dee mer digital dem Gemengerot zur Verfügung stellen, dass d'Convocatioun vum Gemengerot och nach, wéi gesot, an déi normal physesch Hausboîte muss komme vun de Conseillèren a vun de Conseilleren. Ech mengen d'Gesetz gesäit dat nach vir. Dat soll ech sech nach eng Kéier änneren am neie Gesetz. Mee de Moment musse mer dat nach maachen. Dat heescht och dorunner ass sech dann deementspriechend ze halen. Dann ass, wéi gesot, drop higewise ginn, par rapport zu de Froen, déi e stellt, do hätte mir eis jo intern déi Marschrichtung ginn, dass een natierlech och „trois jours francs" virum Gemengerot d'Froe soll och kréien. D'Gemengegesetz gesäit dat vir, dass do déi nächst Séance utile oder ee Mount no der Demande schrëftlech de Schäfferot drop soll äntwerten oder an der nächster Séance utile am Gemengerot mëndlech soll drop äntwerten. Wéi gesot, dofir hu mer hei déi „trois jours francs" och hei eraus geholl.

Da war och nach hei kloer, wat och eng Annulatioun war, mir haten dat hei dra gesat, dass wann hei eng Motioun am Gemengerot kënnt an et verweist een et un déi zoustänneg Kommissioun, dann ass et net d'Kommissioun, déi decidéiert, dass dat op den Ordre du jour kënnt vum Gemengerot, mee et ass de Schäfferot, deen den Ordre du jour vum Gemengerot opstellt. Dat ass eng Attributioun vum Schäfferot. Wéi gesot, dat ass eng Klengegkeet. Déi hu mer och, wéi gesot, geännert. Da geet et weider och mat de Jetonen. Dat heescht, allkéiers, wann een déi wëllt indexéieren, och wa mer hei an de Gemengerot och dofir kommen, dass dat keen Automatismus ass. Natierlech war och dee Punkt mam Appell vun de Citoyenen, dat ass jo eng gängeg Praxis a ganz, ganz ville Gemengen, dee Citoyen, deen net politesch aktiv ass, dass mer jo an eise Kommissiounen esou Citoyenen hunn. Dat hate mer hei och dra gesat, dat gouf awer, wéi gesot, keng Annulatioun, mee éischter eng Recommandatioun, dass mer sollen oppassen, de Proportionalitéitsprinzip och hei ze wahren.

Mee, wéi gesot, den Appell en tant que tel kënne mer awer och bäibehalen. Da war eng Annulatioun, wou si verstanen haten, dass hei de Gemengerot de consultative Kommissioune Kreditter kann zur Verfügung stellen, fir hir Missiounen. Ech mengen, et steet am Gemengebudget, dass eng consultativ Kommissioun e Budget huet, wou se kann hunn, fir domat ze schaffen. Mee dat Ganzt gëtt natierlech ofgewéckelt vun eisem Service Comptabilité. A wéi gesot, mir huelen dat eraus. Mee, wéi gesot, dat, mengen ech, ass eng Evidenz, mee, wéi gesot, dat war hei drageschriwwen, dat kënne mer net loossen an dofir huele mer et eraus. Mee un der gängeger Praxis, déi mer hunn, ännert dat an deem Sënn, wéi gesot, näischt. Dann, par rapport zum Volet och nach, wou mer bäigefüügt hunn a wou mer eng Diskussioun jo och an der interfraktioneller Reunioun haten, war d'Demande komm op d'Gemengeconseilleren, dat heescht, just ee Gemengeconseiller pro Fraktioun kéint als Observateur a just mat enger Voix déliberative bei verschiddene consultative Kommissiounen dobäi sinn. Als Observateur, also wou en net kann an den Debaten intervenéieren, mee einfach kann nolauschteren, fir eng Iddi ze kréien. Deem hu mer och Rechnung gedroen, dat hu mer och ofgekläert.

Well, wéi gesot, dee ganzen iwwerschafften ROI, deen Dir hei virleien hutt, mat alleguerten deene Modifikatiounen, déi goufe mam Interieur ofgekläert. Den Interieur huet eis fir eng Rei Saache gesot, déi ginn, déi net ginn. De Gemengesekretär, de Buergermeeschter si bei d'Juriste vum Interieur gaangen. Mir hunn dat mat hinnen duerchdiskutéiert a vun hinnen den Aval kritt par rapport zu deene Modifikatiounen. An och deen heiten Ajout, deen an der interfraktioneller Reunioun dobäi komm ass, och dee gouf elo nach kierzlech mat hinnen ofgekläert. Fir si ass dat okay, dass mer dat dann och esou erabréngen, well mer wëlle jo och, dass een hei den ROI, wa mer deen elo raschécken, och approuvéiert gëtt an net nach eng Kéier zréckkënnt an effektiv dann net approuvéiert géif ginn. Dofir war déi enk Ofstëmmung awer mam Inneministère ganz, ganz wichteg.

An da war och nach eng Annulatioun, wéi gesot, par rapport zu den Delegéierten, déi an dem Syndikater sinn. Do ass et effektiv esou, wat d'Engagement vun den Delegéierten an dem Syndikater ugeet, dass si keng Personaldecisioun kënnen huelen, déi d'Gemeng engagéiert. Si sinn am Fong Membere vum Kommitee, deen agéiert fir de

Gemengerot. Dat ass nach eng Kéier e bëssen eng Prezisioun, déi och den Interieur mat erabruecht huet. Ech sinn op déi wichteg Punkten agaangen, déi mer och am Virfeld diskutéiert haten. A wann de Gemengerot och deem heiten unanime Rechnung dréit, wéi dat och beim viregten de Fall war, da kënne mer dat an den Interieur eraschécken an hoffen, dass mer dann do, wéi gesot, den Aval kréien. Merci. Sinn nach Remarken oder Froen dozou?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Also, et ass wierklech einfach haut fir d'LSAP, hein, well ech muss hinnen e scho rëm felicitéieren. Mir hat jo leschte Summer de ROI iwwerschafft an do hate mer schonn zesummen eng informell Reunioun, wou mer driwwer gekuckt hunn, wat mer wéilten änneren a wou mer elo d'Remarke vum Inneministère haten, do ass erëm eng interfraktionell Sëtzung aberuff ginn, fir eeben zesummen doriwwer ze kucken an eis eens ze ginn, wat mer da géifen änneren. Mir haten effektiv d'Fro opgeworf, also ech hat d'Fro opgeworf vun der Méiglechkeet ob d'Gemengeréit kéinten an d’Kommissiounen nolauschtere goen, einfach well et interessant wier. Heiansdo bei verschiddenen Diskussiounen ass et interessant och d'Diskussioun ze héieren, net just d'Resultater, net just de Rapport, wou dra steet, dat doten ass erauskomm.

Ech mengen, mir hu jo och Vertrieder an all de Kommissiounen, mee heiansdo fir eng Debatt am Gemengerot ze féieren, ass et gutt, wann een och de Verlaf vun der Diskussioun matkritt huet. An dat stoung elo ursprénglech net dran. Dat hat ech nogefrot an do ass et awer direkt confirméiert ginn, dass dat vergiess gouf an et gouf nach bäigesat. Dofir och e grousse Merci, well ech mengen, dass dat awer gutt ass, virun allem fir vläicht méi kleng Fraktiounen, déi da just ee Vertrieder an de Kommissiounen hunn.

Et war nach eng Fro opgeworf ginn. Dat ass awer elo, do huet elo kee vun eis weider hannerfrot. Mir hunn elo den Delai erausgeholl mat de Froen. Mee lo musse mer natierlech kucke wéi dat praktesch ëmgesat ass. Well bis elo war gesot ginn, OK, wann d'Froen am Delai erakommen, da gëtt probéiert an der Seance drop ze äntwerten. Elo hu mer an deem Sënn guer keng Spillreegel méi. Dat heescht, mir mussen einfach elo kucken, wéi dat elo praktesch ofleeft.
Well mir haten als Oppositiounspartei e bëssen d'Gefill, dass an der Lescht heiansdo wann einfach net wollt op eng Fro geäntwert ginn, dann ass einfach schrëftlech duerno geäntwert ginn. Ech mengen, dat kënnt zwar alles, am Analytesche gëtt dat publizéiert, mee et ass dann awer heiansdo, wou ee sech denkt, okay, hätte mer elo do net awer kënnen eng Äntwert kréien an der Seance. Mee ech mengen do gesi mer einfach, wéi dat geet.

Et ass jo och nach d'Fro, an de Remarke vum Inneministère stoung, dass och d'Gemengeréit d'Méiglechkeet hunn, fir mëndlech Froen ze stellen. Do wosste mer elo an der interfraktioneller Sëtzung kee vun eis sou richteg wéi dat kéint ëmgesat ginn, praktesch. Mee dat ass awer och eng Fro, déi mer vläicht einfach am Hannerkapp kënne behalen, fir wann an Zukunft den ROI nees sollt op de Leescht geholl ginn, wa mer dann nach alleguerten hei sëtzen, wéi mer elo hei sëtzen. Mee am grousse Ganze si mer awer frou iwwert déi gutt Zesummenaarbecht an déi konstruktiv Diskussiounen, déi mer haten. An dowéinst stëmme mer dat heite selbstverständlech mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Op d'Fro sinn ech elo net agaangen, well ech mer elo nach eng ganz positiv Äntwert op meng Fro erwaarde beim iwwernächste Punkt um Ordre du jour. Dat heescht, ech géing mech elo emol op den Text hei beschränken. Zum Text selwer wéilt ech Merci soe fir déi konstruktiv interfraktionell Reunioun, déi mer Ufank Februar haten. D'Aarbecht allgemeng an deene Reuniounen, och déi virdrun, awer och déi beim Subsidereglement, déi ass ëmmer ganz konstruktiv. An esou gesi mir och elo gutt hei, wéi de Feedback vum Ministère komm ass. Och duerch déi Reunioune kenne mer einfach d'Hannergrënn vun de Modifikatiounen. A mir kënnen eis och do e Stéck wäit besser mat abréngen, fannen ech.

Esou ee Règlement d'ordre interne ass eppes, wou reegelt wéi mir heibanne funktionéieren. An et ass awer méi en technescht Dokument, wat Ofleef reegelt, ma wéineg de mënschlechen Ëmgang ënnereneen. Dir wësst, a menge leschte Budgetsriede sinn ech an e puer Minutten och ëmmer op den Ëmgang mat eisen Initiativen am Gemengerot agaang. Net just de Wéi, ma och de Wat war en net ëmmer esou, wéi mir eis den Ëmgang hei ënnertenee virgestallt hunn. Am leschte Gemengerot hate mir allerdéngs en Novum. Et ass eng ganz Interventioun mat engem diskreditative Message opgebaut ginn, deen op enger Falschbehaaptung baséiert huet. D'Dokumentatioun zu de Vëlospiste wier net vun eis gewiescht. An de ganze Rescht, oder, spueren ech Iech, dee kënnt Iech nach emol um Gemengesite ukucken. Esou Methode sinn an der Politik mëttlerweil leider keng Seelenheet méi. Et sinn allerdéngs aner Parteien, déi sech gewéinlech aus dëser methodologescher Geschierkëscht bedéngen.

Et dierft et eis dach awer all heibannen en Uleies sinn, e konstruktiven Ëmgang an där Saach ze féieren, amplaz de Mann ze spillen, ouni sech reell mam Inhalt auserneen ze setzen. Do wënschen ech mir einfach, gemeinsam d'Handbrems ze zéie beim Populismus. Stickeren um Laptop an och Riede ginn dann awer iergendwéi net duer. Dofir denken ech, sollt ee sech vläicht emol zesummen an engem interfraktionelle Grupp eng gemeinsam Charta ginn iwwert de Mateneen heibannen, respektiv wéi een eppes esou an de Kontext setze ka vun enger lokaler Charta zum Zesummeliewen, déi mer jo schonn hunn.

Mir si gär bereet, do nach eng Zäit nozekucken, wéi sech dat entwéckelt, ma et wier awer schlussendlech schued, eng an eisen Ae ganz oft gutt a respektvoll Zesummenaarbecht heibannen an och heiansdo frëndschaftlech Relatiounen op d'Spill ze setzen, well een dem politesche Géigner just eng erawierge wëllt fir em eng eranzewiergen. Bon, eis Hand ass ausgestreckt. Et kann een dat mol am A behalen. De ROI selwer stëmme mir op jidde Fall esou mat, wéi mir en hei presentéiert kritt hunn. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Merci och fir déi interfraktionell Sitzung. Et ass schonn ugeklongen, dat war ganz konstruktiv an et waren nämlech e puer Froen, déi een awer nach esou hat, déi dunn awer am Dialog konnten diskutéiert ginn, wou mir ganz frou sinn, dat ass, dass mer just Convocatioun musse physesch kréien. Ech erënnere mech nach un Zäite fréier, wou mer déi ganz Dokumentatioun physesch kritt hunn. Da stoung deen aarme Bréifdréier do oder den aneren Här vun der Gemeng, deen huet dat da missen do iergendwou an eng Boîte dran druddelen. Elo sinn ech alt frou, dass just d'Convocatioun nach muss physesch an d'Boîte gehäit ginn, dat och zur Simplification administrative.

Mee do schafft warscheinlech de Syvicol och drun, dass dat alles vläicht awer an eng aner Richtung geet, wéi ech mer eise Vizepresident vum Syvicol ka virstellen, a wéi eng Richtung, dass do d'Initiative ginn. Mir sinn, wéi gesot, virun allem och frou, dass mer dee Punkt awer bäibehalen hu vum neutrale Bierger, dee mer an eise Kommissiounen däerfen dobäi setzen. Ech hat am Ufank gemengt, dat wär och wierklech och eppes, wat mer missten erausstträichen, mee dat war jo just eng Observatioun, dat war keng Annulatioun. An dofir si mer ganz frou, dass dat bäibehale gëtt. Ech mengen dat ass och bis elo ëmmer ganz korrekt gehandhaabt ginn. An déi Suerg vun der Proportionalitéit, wann et heescht, dass souwisou eng Kommissioun jo nëmme kann e consultativen Avis ginn, dann ass dat, denken ech, och e bësse mat den Hoer erbäigezunn, dass dann eventuell do eppes kéint kippen. Mee ech denken, et ass einfach wichteg, dass mer am Kader vun der Biergerbedeelegung, wat jo awer och hei zu Diddeleng wichteg ass, dass mer dat awer bäibehalen.

Wat och ganz interessant war, dat ware mir eis och net bewosst, dass d'Jetonen, déi goufen nëmmen hei esou indexéiert, dass dat am Fong guer net richteg war. Do si mer als och eppes Bessere beléiert ginn, dass dat an der Loi communale anescht steet. A mir haten eis ausgehalen, wa wierklech méi wéi eng Indextranche am Joer ass, dass mer dann eventuell an de Gemengerot froe ginn, ob d'Jetone kënne gehéicht ginn. Wat awer och eng Diskussioun war, wéi geet dat mat de Jetonen. Also, d'Presidente kréien en duebele Jeton. Dat ass vläicht och gutt fir d'Leit dobaussen nach eng Kéier ze wëssen, well déi, op meng Nofro hi krute mer gesot, déi schaffe méi. An da war och d'Fro ze Krittären, dat si jo lauter Leit, déi an engem Aarbechtsverhältnis mat der Gemeng sinn, an dat ass och vläicht wichteg, och an dësem Kader eng Kéier ze soen, déi batchen sech an där Zäit an. Déi kréien och e Jeton wéi d'Membere, wann ech dat richteg verstinn, mee se kréie keng Iwwerstonnen an de CET. Dat kënnt Dir da vläicht nach eng Kéier kloerstellen.

Ech war ganz laang och a verschiddene Kommissiounen dran an do ass ganz oft gefrot ginn nom Budget vun der Kommissioun. An do huet et ëmmer geheescht, jo, mir brauchen do keen Dekont ze maachen a mir kënnen do maachen domat wat mer wëllen an ech weess, déi Zäit huet dat an der Auslännerkommissioun geheescht, ëmmer wa mer gefrot hunn, ma wo ass dann dee Budget vun där Kommissioun, well dat ass awer ee substantielle Montant, jo, dat ass fir d'Fête des cultures a mer kruten ni en Dekont. Elo heescht dat awer hei, dat ass awer schonn net näischt, dass la loi communale ne donne aucune compétence aux commissions consultatives en matière de comptabilité communale. Dat heescht d'Kommissiounen däerfen am Fong keng Sue kréien.

Elo hat Dir gesot, Här Buergermeeschter, mer loossen dat esou drastoen. Mee wa ee awer hei drasteet, dass een et net sollt draschreiwen, firwat schreiwe mer et dann awer dran? An dann ass meng Fro och, wat geschitt mat deene Suen? Well dat ass jo awer substanziell, wat awer verschidde Kommissioune vu Budget accordéiert kritt hunn. Dat ass e bëssen eng Intransparenz. An do ass meng Fro och, däerfen eis Kommissiounsmembere froen, um Enn vum Joer oder esou, wat ass mat eisem Budget geschitt? Dat ass eng Fro: Wa mir de Budget drastoe loossen, däerf dann d'Kommissioun dat awer nofroen? Vläicht och eng Fro, déi een awer vläicht mol eng Kéier kann erwänen. Da sinn ech natierlech ganz frou- Dir wësst wat elo kënnt- Artikel 23, le conseil communal nomme les présidents des commissions qui doivent faire partie du conseil communal. Do steet net dran, dass déi mussen an der Majoritéitspartei sinn. Voilà. Domadder schléissen ech da meng Interventioun, wéi all Joer. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Nach weider Stellungnamen? Här Goergen. Oder Här Meyer an dann den Här Goergen.

MARC MEYER (DP): Voilà, Merci fir d'Wuert. Ech halen et kuerz. Wéi gesot, och ech si frou, dass mer an eisen interfraktionelle Sitzungen ëmmer esou gutt weiderkommen. An ech wollt dann awer och dann eng Kéier der Madamm Thoma e Merci ausschwätzen. Si huet esou vill hei un d'Majoritéit ausgeschwat, mee och nach eng Kéier Merci un Iech, d'Madamm Thoma, dass Dir nach eng Kéier nogehaakt hutt, dass effektiv dat nach drastoe kënnt, dass eeben eng Persoun pro Fraktioun als Observateur an de Kommissiounen däerf deelhuelen, wat, wéi Dir ganz richteg gesot hutt, besonnesch deene klenge Fraktiounen zegutt kënnt, well véier Oueren héieren dann awer méi a besser wéi just zwee. Merci dofir.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer. Den Här Goergen huet d'Wuert.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Bon, ech wëll elo net op déi eenzel Punkten alleguerten agoen. Ech mengen, mir haten se kritt a gelies, si si schonn hei ganz vill ernimmt ginn. Ech wëll awer dervu profitéieren, fir och vun der LSAP-Säit aus Merci ze soen, fir déi gutt Zesummenaarbecht och mat der Oppositioun. Ech wëll och do eng Kéier e Luef dann aussoen an déi aner Richtung. Ech mengen, dat war eng ganz gutt, ganz gutt Zesummenaarbecht an esou stellen ech mer dat och vir, déi gutt Zesummenaarbecht fir ze schaffen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Goergen. Sinn nach weider Stellungnamen?

Dat ass net de Fall. Da géif ech op eng Rei Punkten agoen, an da ka vläicht och de Patrick Bausch nach eng Kéier op dee Volet vun de Sekretären agoen, well effektiv dat awer aneschters gehandhaabt gëtt. Bon, virun allem mol nach eng Kéier och Merci, wéi gesot, fir och nach d'Diskussioun an och d'Abréngen an dëse Reglement, an dësen ROI, wéi am Fong och de Gemengerot soll fonctionéieren. Mir héiere jo hei eraus, dass jiddereen dat matdréit, wat jo och ganz, ganz gutt ass. Ech wëll vläicht op dee Punkt agoen, iwwer deen effektiv virdrunner geschwat gouf, dass och d'Gemengeconseilleren an eng Commission consultative als Observateur kënne goen. Ech wëll just nach eng Kéier preziséieren, dat hu mer jo och esou dra gesat, dass mer eis richteg verstinn, dass ee pro Fraktioun als Observateur, et ass net, dass mer elo alle 19 an eng Kommissioun ginn, ech mengen dat ass och dat, wat mer festgehalen haten, dat ass ee pro Fraktioun als Observateur, wéi gesot, an dee kritt och kee Jeton, wann en als Observateur dann do ass. Dat wollt ech nach eng Kéier kloerstellen.

Dann ass effektiv nach eng Kéier d'Fro opkomm, par rapport zu deenen „trois jours francs", wann e Gemengeconseiller eng Fro wëllt stellen un de Gemengerot, dat muss jo eraus, well d'Gesetz dat net virgesäit, mir hunn awer an eiser interfraktioneller Sëtzung gesot, dass mer dee Modus vivendi ënnert eis awer kéinte bäibehalen, eeben net, dass e schrëftlech hei drasteet, mee dee kann ee bäibehalen. Wou ech awer net mat der Madamm Thoma awer averstane sinn, dat ass déi Ausso an déi wëll ech hei net am Raum stoe loossen, dass Dir sot, dass de Schäfferot hei net wëll Äntwerte ginn am Gemengerot.

D'Gemengegesetz gesäit zwou Méiglechkeete vir. Entweeder äntwert de Schäfferot an der „prochaine séance utile" oder en huet e Mount Zäit, schrëftlech ze äntwerten. An de Schäfferot huet d'Méiglechkeet, déi zwou Optiounen ze notzen, an deenen zwou Optiounen ze äntwerten. Hei ze soen, dass net wëllt geäntwert ginn, dat stëmmt net. Mir halen eis hei am Kader vum Gesetz, deen eis zwou Méiglechkeete gëtt an notzen déi. An natierlech kritt dann och an engem nächste Gemengebuet souwuel d'Fro wéi och d'Äntwert natierlech hir néideg Visibilitéit. An d'Gemengeconseillere kréien et och matgedeelt. Ech mengen, dass dat zu engem gesonden demokratesche Spill, respektiv Zesummespill gehéiert, egal ob ee vun der Majoritéit oder vun der Oppositioun ass. Et stellt een eng Fro an et kritt een och eng Äntwert. A verschidden Äntwerte brauchen effektiv och méi laang Zäit. Mee wéi gesot, d'Gesetz gesäit eis dat vir.

Dann, par rapport zu der Madamm Kayser, déi gesot huet, dat géif drastoe bleiwe mam Budget, mat de Kommissiounen, also dat gëtt jo u sech erausgeholl, mee wat ech wollt soen, dann hunn ech mech vläicht falsch ausgedréckt, mee ech mengen, dat ass eng Diskussioun, déi mer och an der interfraktioneller Sëtzung haten, am Gemengebudget ass jo am Fong e Montant, deen der Kommissioun attribuéiert ass, fir d'Fonctionnement oder well se Saachen organiséiert, dat bleift. Hei am ROI gëtt et natierlech erausgeholl, mee dat bleift, dat ass jo och en Dokument, de Budget en tant que tel, wat de Budget betrëfft vun der Kommissioun, deen se huet fir ze schaffen, dee gëtt jo och vum Interieur approuvéiert, also per se ass dorunner näischt, mee just finanziell gëtt dat Ganzt dann ofgewéckelt eebe vun der Gemengekontabilitéit an et si si am Fong an och herno de Receveur, déi d'Mandaten ausstellen. Ech mengen, dat ass déi gängeg Prozedur, wéi och eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter se hei hunn, an et sinn och si, déi och déi Dokumenter ënnerschreiwen, fir dass se och intern heibanne kënnen traitéiert ginn an och ausbezuelt ginn. Do si mer ganz am legale Kader.

Bon, dann awer par rapport zu der Ausso vum Här Steffen iwwert de generellen Ëmgang. Also, wann ech zwar kucken, wéi den Ëmgang an anere Gemengeréit war, an an eisem hei kucken, mengen ech, dass den Ëmgang hei zimmlech am Zeeche vum Respekt steet. Et muss ee sech vläicht net ëmmer eens sinn, wat verschidde politesch positional Elementer ugeet. An et kann een och do eng gutt Sträitkultur ënnereneen hunn. Dat awer elo hei esou auszeleeën, wéi wann dat effektiv e respektlosen Ëmgang wär, ech hunn eng aner Notioun da vum politeschen Debat wéi Dir. Onofhängeg vu perséinlechen effektiv Lienen, déi ee kann hunn, niewebäi hei am Gemengerot, dat ass eng Saach, mee effektiv sech op politeschen Inhalter eens sinn oder net eens sinn, an do eng Sträitkultur hunn, och dat gehéiert zum politeschen Debat, an dat si mengen ech och Saachen, déi Dir net perséinlech huelt oder sollt huelen, mee déi gehéieren zum politeschen Debat, ob ee mat Saachen averstanen ass oder net.

Et ass op alle Fall esou, wéi ech, säit 2005, wou ech an der Gemengepolitik sinn an och an der Nationalpolitik, an do hunn ech och, mengen ech, eng aner Kap hunn, mäi Rôle gesinn, et schafft een un den Inhalter, et gëtt effektiv dorunner geschafft an et gëtt net de Mann oder d'Fra gespillt an et ass och dohinner, wou et ze moossen ass.

Also, wéi gesot, déi Aschätzung do, déi deelen ech net. An ech mengen awer, dass toutes proportions gardées an och déi Differenzen, déi een hei kann hunn oder och déi Schnëttstellen, déi ee kann hunn, dass dat hei, wéi gesot, am politeschen Debat awer, mengen ech, nach zimmlech gutt iwwert d'Bün geet. An ech mengen net, dass een déi zwou Saachen oder déi zwou Saachen hei matenee vermëscht ginn. A wann ech awer kucken, wéi gesot, wéi d'Echoen aus anere Gemengeréit sinn oder kuckt Iech emol aner Gemengeréit un, déi gi jo och deelweis iwwerdroen. Kuckt emol, wéi do effektiv d'Tounlag ass, déi perséinlech Tounlag. Ech mengen, dass mer hei zu Diddeleng Meilesteen dovunner wäit ewech sinn. An et ass och gutt, dass dat esou ass an och dat esou bleift. Dat ass op alle Fall dat, wat mir als Buergermeeschter hei ganz wichteg ass. Mee ech mengen och eng ganz Rei aner Kolleegen a Kolleegen, déi sécherlech dat och hei wäerten deelen. Dat par rapport zu deene bësse méi politesche Constellatiounen. An da vläicht nach eise Gemengesekretär, de Patrick Bausch, deen nach iwwert de Volet vum Sekretär vun de Kommissioune wollt agoen.

PATRICK BAUSCH (GEMENGESEKRETÄR): Merci, Här Buergermeeschter. Et ass am Fong geholl kuerz resuméiert. D'Sekretäre vun de Kommissiounen, déi kréie kee Jeton bezuelt. Wéi mer de Jetonsreglement nei fixéiert haten. do



ass dat agescheckt ginn an de Service de contrôle hat eng Remark gemaach. Mir hunn de 5. Mee 2025 eng Refonte vun de Kommissioune gemaach an ab deem Moment un hu mer alleguerten eis intern Sekretären an och déi extern informéiert, dass et ab dem Moment kee Jeton méi gëtt. Hir Stonne kréie se guttgeschriwwen, awer Jetonen, wéi gesot, gëtt et net méi. Merci

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Domat ass dat och kloergestallt.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Eng kleng Anekdot zu deem, wat Dir elo gesot hutt, zum Ëmgang an de Gemengeréit an esou. Den Alex Bodry huet eis emol eng Kéier gezielt, dass ongeféier virun honnert Joer an der Chamber d'Leit mat Tëntefässer openee geschoss hunn. Also, da si mer och zemools am digitale System elo schonn e bësse méi wäit komm hei.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech hunn nach just eng Zousazfro. Merci fir d'Explikatiounen zu de Budget vun de Kommissiounen. Dat gëtt jo dann am Budget général ofgewéckelt. Ech hat dat och esou verstanen. Genau. Mee meng Fro war och, kënnen d'Kommissiounsmembere nofroen, wat mat deene Sue vun hirer, entre guillemets, „Kommissioun" geschitt ass oder muss dat de Conseiller maachen am Kader vun de Budgetsdiskussiounen zum Beispill?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser. Dat soll eng Diskussioun sinn, déi an der jeeweileger Kommissioun beschwat gëtt, wou dann effektiv Récksprooch geholl gëtt mat der Kontabilitéit.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Majo, Dir hat mech direkt ugeschwat, da wéilt ech just ganz kuerz drop reagéieren. Ech hätt mech elo net getraut, déi véiertgréisst Stad aus dem Land mat anere Gemengen ze vergläichen, well Dir awer och ëmmer e ganz grousse Wäert drop leet, dass mer hei zu Diddeleng sinn an do souwisou verschidde Saachen e bëssen anescht handhaben. Ech stelle fest, dass mer eis net oneens sinn an deem, wat mer elo allen zwee gesot hunn, dass et wichteg ass, fir iwwert d'Saach haart ze diskutéieren, awer net de Mann ze spillen. Dat ass jo och genau dat, wat ech gesot hunn. An ech stellen dann och fest, dass dat am Fong kee Problem ass vum Gemengerot selwer, mee dass dat vläicht eppes ass, wat een dann a senger eegener Fraktioun am beschten da kläert an do vläicht eng Kéier gemeinsam kuckt, wéi ee wëllt mat deenen Interventiounen ëmgoen. Ech soen op jidde Fall Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Voilà, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mam ROI averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. Da gi mer op den nächste Punkt iwwer.

# 6. Consultativ Kommissiounen

**Approbatioun vun den Ännerungen an der Zesummesetzung vun de consultative Kommissiounen**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei geet et ëm eng Rei Changementer an de consultative Kommissiounen.

Changementer säitens vun der CSV an der Commission scolaire, do ersetzt d'Madamm Monique Biren-Kettel d'Madamm Nancy Weber-Weyland.

An der Commission du Vivre ensemble interculturel ersetzt den Här Laurent Giacomini den Här Paulo Guedes Alves, dat ass säitens vun der CSV.

Da säitens vun der LSAP an der d'Commission du Jumelage et du Tourisme ersetzt d'Madamm Isabelle Basile-Karger d'Madamm Coumba Ndiaye.

An an der Commission de l'Egalité des chances et de la non-discrimination ersetzt den Här Tiago Flores den Här Alberto Mariani.

Dat sin d'Changementer an der Kommissioun. Ass de Gemengerot domadder verstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

# 7. Personalwiesen

**7.1. Kreatioun vu 5 Vollzäitposte fir Gemengenemployéen an der Karriär B1, am Beräich Erzéiung a Psychosoziales (Service Education et Accueil)**

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, villmools Merci fir d'Wuert. Ech wëll e bëssen hei erklären. Mir maachen eng Création de poste vu fënnef Leit an der Karriär B1. Firwat maache mer dat? Also, et ass elo net einfach esou, datt et eis afält, fir do dauernd Création-de-posten ze maachen. Mir haten dat scho beim Budget ugedeit, datt mer méi Personal brauchen. Bon, mir hunn elo d'Zuelen och kritt vum Precoce an och d'Zuele vun de Schoulen. Do ass et esou, datt mer vun engem Moment op deen aneren zu Butschebuerg 16 Kanner an de Precoce kréien. An dëst alles am Grupp E. Dat bedeit natierlech och, datt mer qualifizéiert Personal do brauchen. Dat wären zwee Posten, déi mer géife schafe fir Butschebuerg.

An dann hu mer awer och dräi Posten, déi mer wëlle kreéieren. Dat si B1en, Diploméen also, als Remplaçant fir Laangzäitkrankeschäiner. Mir hu ganz vill Congé-de-maternitéen. Mir hunn och ganz vill Laangzäitkrankeschäiner. An ech muss soen, do brauche mer qualifizéiert Personal. Dat heescht, mir géifen do Diploméen astellen als am Remplacement. Fir déi Laangzäitkrankeschäiner, well Diploméen, an ech wollt dat nach eng Kéier ganz kloer soen, kritt een net méi am CDD. Also, wa mir wëllen um Taux de qualification, wou mer heiansdo drënner leien, bleiwen an deen oprechterhalen, musse mer d'CDIen astellen. En CDD, den Diplomé ass leider Mangelware, muss ech soen, als qualifizéiert Personal. A fir en CDD kréie mer se net. Also géife mer proposéieren hei d'CDI. Voilà, dat sinn d'Erklärungen, wa Froe wären, da sinn ech do.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Josiane Di Bartolomeo-Ries. Si Froen dozou. Kënne mer déi Posten ofstëmmen? Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Villmools Merci.

**7.2. Kreatioun vun engem Vollzäitposte fir e Gemengenemployé an der Karriär A2, am Beräich Erzéiung a Psychosoziales (Service Education et Accueil)**

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Ech fuere weider. Et ass och nach eng Kreatioun vun engem A2, e Gradué, dat ass fir d'Équipe multidisciplinaire. Och hei wëll ech e bëssen erklären. Mir haten eng Kéier virgestallt d'Équipe multidisciplinaire, wéi déi sollt ausgesinn, do war et esou, datt mer eigentlech wollten ee Pedagogue curatif astellen. Mir hunn et ausgeschriwwen an ech muss soen, ganz kloer, mir hu kee fonnt. Also an deen, et hat ee sech gemellt an deen huet awer leider d'Sprooch net geschwat, dat ass awer ganz schwiereg fir bei eis dann an de Schoulen ze intervenéieren. Elo ass et esou, datt mer dann elo eng Kreatioun fir e Gradué géinge maachen an dat ass virun allem fir d'Hëllef vun den Ekippen um Terrain. Ech muss soen, d'Zuelen huelen zou, och vun den Enfants à besoins spécifiques. Duerfir ass et grad dat, fir déi Kanner ze ënnerstëtzen. Mee ech mengen awer och fir insgesamt all Kand ze ënnerstëtzen, well och all déi aner Kanner, déi kee Besoin spécifique hunn, kréien dat mat, déi mussen och ënnerstëtzt ginn.

An hei ass wierklech e Posten, wou mer Iech géife bieden, dee matzestëmmen, fir deen ze kreéieren och d'Zesummenaarbecht zwëschent Schoul an CEA ze stäerken. Och dat ass eng vun de Missioune vun deem Poste fir déi Zesummenaarbecht. Mir hunn elo schonn zwou Zesummenaarbechten, déi entsti fir d'Rentrée. Also alles dat wär deem seng Missioun. De Pédagogue curatif, dee mer kreéiert haten, dee setze mer en suspens. Also elo net, datt mer deen elo géifen d'nächst Joer besetzen oder esou, mee et ass einfach esou, datt mer an den nächste Joren nach ëmmer méi esou Fäll wäerte kréien. Duerfir setze mer deen einfach en suspens, mir géifen en net ofschafen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot awer och domadder verstanen? ***Dat ass un unanime.*** Dat soen ech Iech villmools Merci.



**7.3. Kreatioun vun engem Vollzäitposte fir e Gemengefonctionnaire an der Karriär B1, am administrative Beräich (Service Education et Accueil)**

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, voilà, dat doten, deen nächste Posten, ech géif dann der Kreatioun vum Fonctionnaire communal, dat ass een, dee mer wëlle rekrutéieren. Firwat e B1? Firwat kreéiere mer deen? Ma ech muss Iech soen, virun allem Konta. Wann ech kucken, Konta, Bongen, Aktivitéiten, Rapporten, déi mer dem Ministère musse schécken, Avise schreiwen, alles dat huet extreem zougeholl. Mir hunn nach eng Kéier d'Chiffere gekuckt, eleng d'Dossiere vun de Kanner, déi ageschriwwe sinn, säit deene leschte sechs Joer sinn iwwer 700 Kanner méi komm. Dat bedeit natierlech en extreemen administrativen Opwand. Duerfir géife mer hei och proposéiere fir e Fonctionnairesposten am B1 ze kreéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen Iech villmools Merci.

**7.4. Kreatioun vun engem Vollzäitposte fir e Gemengenemployé an der Karriär A2, am Beräich Erzéiung a Psychosoziales (Service Santé scolaire)**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An dann dee leschten ëffentleche Posten, dat ass d'Kreatioun vun engem Posten am Statut vum Employé communal. Hei geet et am Groupe de traitement A2, also Bachelor fir am Service Santé scolaire. An do geet et am Fong drëms, d'Persoun ze rekrutéiere fir d'Ëmsetzung vun eisem Plan local santé. Mir si jo déi éischt Gemeng, also déi eenzeg Gemeng hei am Land, déi e lokale Plan santé huet. Deen hate mer jo de Gemengerot hei virgestallt.

An hei ass am Fong dann d'Iwwerleeung, dass déi dote Persoun dee Plan local santé soll ëmsetzen. Dofir ass och effektiv an deem Beräich, wou rekrutéiert gëtt A2, also Bac plus 3. Dat heiten ass och e Posten, juste puer Informatioun, déi mer an der Ausschreiwung och, de manière très conjointe, mam Gesondheetsministère am Fong de Profil opgesat hunn. An et ass och e Posten, wou vun Ufank u jo och gesot gouf, deen zu 50% vum Gesondheetsministère mat subventionéiert gëtt. Dat heiten ass och hei en neie Moment, well mer do awer e bësse Projet-piloten, Projetfaren hunn als Stad. Voilà. Dat zu der Schafung vun deem heite Posten.Ass de Gemengerot och domadder averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen Iech villmools Merci. An da komme mer bei d'Froen.



## 8. Froen un de Buergermeeschter a Schäfferot

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Et ass eng Fro erakomm, vum Här Steffen an déi kritt Dir och schrëftlech beäntwert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci. Da wäre mer zum Schluss ukomm vun der Séance publique a mir géifen elo an de Huis clos iwwergoen.

**Froë vun der Fraktioun Déi Gréng Diddeleng – Vëlowäschstatioun beim Stade Barozzi**

Här Buergermeeschter, Dir Damme Schäffinnen, Dir Häre Schäffen, am Numm vun déi gréng Diddeleng biede mir Iech an der nächster Gemengerotssitzung zu follgende Froen zu der Vëloswäschstatioun beim Stade Barozzi Stellung ze huelen.

Dës Anlag, erméiglecht et Vëloe propper ze maachen, nodeems ee beispillsweis en Tour iwwert déi ausgeschëldert Mountainbikesweeër op der Haard gemaach huet. Aner Gemenge bidden änlech Statiounen (e.a. zu Esch am Ellergronn, zu Hesper am Park, zu Schëffleng beim Liichtathletiksterrain, zu Beetebuerg op der Vëlospiste). Dës sinn allerdéngs ronderëm d'Joer operabel.

T'ass grad am Wanter, wou de meeschte Bulli an de Bëscher ass, wou dës Apparater am nëtzlechste sinn. Am Wanter ass déi Diddelenger Statioun allerdéngs als eenzeg vun deene genannten net am Betrib. Mär haten dëst Thema déi läscht zwee Wanteren an der Sportskommissioun opgeworf (29. Januar 2024/ 8. Dezember 2025), ma dëse Wanter war se nees ausser Betrib.

An dem Sënn hätte mär follgend Froen:

1) Wisou ass d'Statioun am Wanter zu Diddeleng net a Betrib?

2) Wéieng Upassungen (baulech / personell) gedenkt de Schäfferot an Optrag ze ginn, dass dës Anlag kann ab dem nächste Wanter 2026/2027 dauerhaft operabel bleiwen? An der Hypothees, dass d'Installatioun (Anlag, Schlauch, etc.) net den eventuelle Minustemperature Stand hält.

3) Wisou ass dëst net consideréiert ginn, wou d'Installatioun opgeriicht ginn ass?

Am Kontext vun der Vëloswäschstatioun, hate mär eis an de Sportskommissiounen (23. September 2024, 1. Oktober 2025 an 8. Dezember 2025) och fir e System ouni Jetonen ausgeschwat, esou wéi et och a villen anere Gemengen aktuell leeft.

Vu den Attrait vun engem vun de flottste VTT-Parcoursen aus der Groussregioun, kéinte méi Leit vun der Statioun profitéieren, déi de Jeton-System net kennen a net d'Méiglechkeet hunn sech e Jeton am Virfeld ze besuergen.

D'Äntwert an den ernimmte Kommissioune war de Verweis op eng Analyse mat den zoustännege Servicer, eng prinzipiell Bereetschaft hu mär erausheéieren an dofir wollte mär wëssen:

4) Fir wéini ass mat enger Léisung ouni Jetonen ze rechnen?

An der Erwaardung vun Ärer Äntwert verbleiwe mer mat beschte Gréiss,

Semiray Ahmedova, conseillère communale
Yves Steffen, conseiller communal

***Äntwert vum Schäff*innerot***

Madame, Monsieur, d'Fraktioun Déi Gréng Diddeleng huet de 18. Mäerz 2026, am Virfeld vun der Gemengerotssitzung vum 23. Mäerz 2026 a gemiess dem Gemengegesetz, dem Schäfferot Froen zoukomme gelooss zu der Veloswäschstatioun beim Stade Barozzi. Nofollegend fannt Där d'Äntwerte vum Schäfferot op Är Froen.

Fro 1: Wisou ass d'Statioun am Wanter zu Diddeleng net a Betrib ?

D'Vëlowäschstatioun beim Stade Barozzi gëtt am Wanter temporär ausser Betrib geholl, well d'Installatioun net fir Fraschtbedéngungen ausgeluecht ass. Well d'Statioun mat Waasser bedriwwe gëtt, besteet bei Temperaturen ënnert dem Gefréierpunkt de Risiko vu Schied an Ondichtheeten.

An deenen éischte Joren nom Opbau gouf d'Statioun och am Wanter a Betrib gelooss. D'Erfarunge vun där Zäit hunn awer gewisen, datt et dobäi reegelméisseg zu Pannen a fraschtbedéngte Schied komm ass. Fir d'Liewensdauer vun der Installatioun ze verlängeren an d'Ënnerhaltskäschten ze reduzéieren, gëtt si dofir am Wanter ausser Betrib geholl.

Fro 2: Wéieng Upassungen (baulech/personnel) gedenkt de Schäfferot an Optrag ze ginn, dass dës Anlag kann ab nächste Wanter 2026/2027 dauerhaft operabel bleiwen? An der Hypothees, dass d'Installatioun (Anlag, Schlauch, etc.) net den eventuelle Minustemperature Stand hält.

Eng einfach Léisung, déi ouni wesentlech Investissementer ëmzesetzen ass, gëtt et an dësem Kontext leider net. Eng ganzjäreg Notzung géif eng fundamental Upassung vun der Infrastruktur, dem Betrib an dem Ënnerhalt viraussetzen.

Zousätzlech ass et eng Praxis, déi och vun anere Gemengen ugeholl gëtt. Esou hu beispillsweis Hesper, Schëffleng, Beetebuerg, Kayl an och Péiteng decidéiert, hir Statiounen am Wanter temporär ausser Betrib ze huelen, well dës Installatiounen net fir Temperaturen ënnert dem Gefréierpunkt ausgeluecht sinn.

Fro 3: Wisou ass dëst net consideréiert ginn, wou d'Installatioun opgeriicht ginn ass?

Deemools gouf sech bewosst fir e standardiséierte Modell entscheet, deen och a ville Gemengen am Land zum Asaz kënnt. Dës Approche erméiglecht eng gewëssen Harmoniséierung vun den Installatiounen an dem ugebuedene Service.

De gewielte Modell bitt e komplette Fonctionnement: dozou gehéieren eng Héichdrock-Lanz, déi mat oder ouni Seef bedriwwe ka ginn, e Loftkompressor fir d'Pneuen opzepompelen, souwéi e geschützte Beräich mat Reparaturmaterial an enger Handpompel.

Fro 4: Fir wéini ass mat enger Léisung ouni Jetonen ze rechnen?

Grondsätzlech wier et méiglech, d'Vëlowäschstatioun ouni Jetonen ze bedreiwen. D'Erfarung weist awer, datt dëst e méi héicht Risiko fir Mëssbrauch a Beschiedegunge mat sech bréngt.

De Choix fir e System mat Jetonen ass dofir bewosst getraff ginn, fir dësem Risiken entgéintzewierken an e responsabelen Ëmgang mat de Ressourcen ze férderen. Besonnesch soll esou verhënnert ginn, datt Waasser onnéideg verbraucht gëtt, zum Beispill wann d'Installatioun onënnerbrach leeft.

D' Jetonen erlaben et, d'Notzung besser ze reguléieren an domat en nohaltegen an effiziente Betrib vun der Statioun ze ënnerstëtzen.

Mat beschte Gréiss,

Fir de Schäff*inneerot vun der Stad Diddeleng,
de Buergermeeschter, Dan Biancalana
de Gemengesekretär, Patrick Bausch. •

## DE BUDGET PARTICIPATIF

# DIDDELENG
DIDDELENG
DIDDELENG

## STËMM ELO OF!

Vum 22. Mee bis den 30. Juni 2026

jeparticipe.dudelange.lu

Du decidéiers
fir Diddeleng

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE